



favoriséieren - bis 25 % maximum iwwregens -, da wëlle mer dat awer net maache fir eng Firma, déi kee Benefiss mécht. Ech mengen, dass grad de Fait, dass nëmmen dee favorabele Regimm ka gebraucht ginn, wann ee Benefiss mécht, e groussen Ennerscheed och ass zum System vun de Stockoptions, wou där och oft ausgedeelt gi sinn a Gesellschaften, wou kee Benefiss war.

Ech kommen dann elo zu der Gesondheet vun de Staatsfinanzen.

D'Zentralbank an e puer anerer soen, dass ee misst den Defizit vun der Administration centrale erforschrauwen. Also, op Anhieb muss ech lech soen: Ech verstinn déi Kritik. Mir kréien dëst Joer en Defizit vu ronn 5 Milliarden, d'nächst Joer vun 2,7 Milliarden. Wa keen esou eppes geschriwwen hätt, dat wär och net verständlech. Mee wat hei wichteg ass, ass d'Zäitachs. Verschiddener schreiwen - wéi d'Chambre de Commerce -, et hätt ee missen an deene Jore virdu méi Reserven opbauen. An dozou muss ech natierlech awer hei e bësse Geschicht maachen, well et ass schéin a gutt, an d'Landwirtschaft ze schreiwen, et misst ee méi Reserve maachen, mee et muss een emol kucken, vu wou een hierkënn.

2013, wéi ech ugefaangen hunn am Dezember als Finanzminister, sot et lech, hunn ech keen Apel fir den Duuscht fonnt. Ech hunn och gutt gesicht, mee jiddweree wousst, dass keen do war. Mir hate risquéiert, 2012 och den Triple-A-Status vun de Ratingagencen ewechgehol. ze kréien. Déi hate gesot, eis Perspektive wäeren negativ. 2013 ass dunn déi deemoleg Regierung dräimol op d'Marché gaangen, fir ze léinen. 2013 war den Defizit vum Zentralstaat 585 Milliounen. Also, Reserve gesinn anescht aus!

■ **Une voix.** - Et war jo awer eng Kris 2008!

■ **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - 2013 hate mer nach d'Chance, dass mer de Commerce électronique haten, deen 2014 nach eng Milliard uitgemaach huet. Haut ass de Commerce électronique, dee vun deenen anere Länner kënnt, gläich null.

Dat heescht, wéi mer 2013 ugefaangen hunn, hu mer missen en Defizit vu 585 Milliounen verschaffen a mir woussten, dass mer iwwert d'Joren eng Milliard géife verléieren. Da fannen ech, dass mer gutt geschafft hunn, well mir hunn 2015 den Defizit halbéiert a mir haten 2018 en Excedent vu 528 Milliounen - ech schwätzen ëmmer vum Zentralstaat - an 2019 vu 60 Milliounen. Dat heescht, jo, mir hunn d'Staatsfinanzen erëm equilibriert.

D'Administration publique, wëll ech ënnersträichen, war 2013 nach positiv dank dem Excedent vun der Sécurité sociale an der Héicht vun 292 Milliounen. Mir wëssen, dass dat jo och net d'Sue vum Staat sinn, dat sinn d'Sue vun de Cotisanten alleguerten, mee mir ware weinstens do positiv. Mee do ware mer 2019 op 1,540 Milliarden. Also mir hunn, mengen ech, an deene fënnf Joer gutt geschafft. Mir hunn e Fonds souverain geschaaft, eng Spuerkëscht fir déi nächst Generationen, déi mer alljorens alimentéiert hunn, wou elo ronn 400 Milliounen dra sinn.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - 400 Milliounen, wéi gesot, mat engem Excedent vum Budget nach d'lescht Joer.

An am Fonds de compensation sinn elo ronn 23 Milliarden dran. Also dat gläicht enger gudder Gestiou, géif ech soen. Mir haten am Ufank vum Joer 3 Milliarden Euro an der Keess, an der Tresorerie, hunn haut ongeféier 2 Milliarden. Mee d'Zentralbank, d'Lëtzebuerger Zentralbank, huet nawell Recht, wa se seet, dass dat hir Suerge mécht. Also dat kënne mer net schérieden, déi Zuel vun 2,7 Milliarden d'nächst Joer. Si huet also a mengen Ae mëttelfristeg Recht. Mir mussen - a mir wäerten dat och maachen - verantwortlech déi nächst Jore mat de Suen ëmgoen an deen Defizit lues a lues erforschrauwen. A wann Der de Pluriannuel kuckt, gesitt Der, dass dat jo och de Fall ass. Ob elo dee Rhythmus seier genuch ass, dat steet, mengen ech, an de Stären, well dat hänkt natierlech vun der Croissance of am Joer 2021 an an de follgende Joren.

Ech wëll lech elo net ... Ech hunn dat hei, Dir kënnt dat noliesen: D'Kommissioun huet eis fir eis Politic vun 2020 gelueft a si seet, dass mer dat Richtegt maachen, dass mer och an deene Jore virdrun en fait alles agehalen hunn. Ech erspueren lech déi Kommentaren, dat ass alles nozeliesen.

Am Kloertext: D'Ausgangsposition virun der Kris war fir onst Land eng gutt. An et ass elo, elo an dem Moment, net dee richtege Moment, fir unzefänken, Spuermesuren ze huelen. Dat wär Géift fir d'Wirtschaft. An et ass och net de Moment, fir d'Investissementer erfrozeschrauwen.

(Interruption)

Ech kommen elo op den drëtten Deel: d'Zuele vum Budget. D'Zuele vum Budget sinn dëst Joer an där heiter Ried particulièrement wichteg, well jo Amendementer gemaach gi sinn. An deene meeschten anere Jore sinn déi Zuele bekannt, well ech se jo

schonn am Oktober presentéiert hunn. Fir dëst Joer hu mer jo déi zéng Mesuren, déi ech virdu virgestallt kritt hunn.

Wa mer dann elo um europäesche Plang kucken, an dem Système de comptabilité européenne kaschten déi Mesuren, déi ech virdu genannt hunn, 191 Milliounen Euro. Ech rappeléieren: Dat sinn ongeféier 16,5 Milliounen fir den Impfstoff, 45 Milliounen fir d'Aidé fir d'Entreprises, 120 Milliounen fir de Fonds de relance an och 10 Milliounen fir de Fonds d'innovation. Viraussichtlech wäert dofir dee Solde (ndlr: den Defizit vun der Administration centrale) fir d'nächst Joer vun 2,5 Milliarden Euro op 2,7 Milliarden Euroerogoen. Dir hutt en Diagramm op Ärem Dësch, deen dat ganz gutt weist. Dir gesitt och - et gesäit een och -, dass den Defizit déi famous Courbe en V mécht, well mer tëschent 2020 an 2021 den Defizit bal halbéieren. Domadder gëtt dann den Defizit, wéi gesot, 2,7 Milliarden.

Deementspriedend gëtt natierlech och de Solde vun der Administration publique, wou dann och d'Sécurité sociale derbäi ass an d'Gemeinen, impaktéiert. An dee geet dann erof, vun 1,7 Milliarden op 1,9 Milliarden Defizit, an dat entsprécht, déi 1,9 Milliarden, engem Defizit vun 3 % vum PIB. An 3 % vum PIB, dat seet lech warscheinlech eppes, dat ass de Seuil maximum, deen erlaabt ass an der EU am Pacte de stabilité et de croissance. An de Rapporteur huet dat och gëschter richtegerweis ënnerstrach.

Wann ech elo op d'Kontabilitéitsgesetz eriwerginn, do ass den Impakt nëmmen 102 Milliounen, well an der Kontabilitéit 1999 d'Dotatioun gekuckt ginn, anescht wéi bei den Europareegelen, wou den Engagement vun den Depensé gekuckt gëtt. D'Depensé wäerten also klamme vun 19,2 Milliarden op 19,3 an dat sinn 3,1 % Depensé méi wéi am Joer 2020 (veuillez lire: dat si ronn 3,1 % Depensé méi wéi am votéierte Budget 2020). Den Defizit vum Staatsbudget an der Lëtzebuerger Kontabilitéit geet also erop vun 2 Milliarden 360 Milliounen op 2 Milliarden 460 Milliounen.

Ech kommen dann elo bei d'Schlussfolgerung.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kollegen aus der Regierung, déi Crise pandémique, déi trifft all Land, an déi ekonomesch Konsequenzen dovunner treffen och all Land. Et gëtt keng magesch Reegelen. Et gëtt och an all Land immens vill diskutéiert, wéi een de richtigen Equilibre fënnt tëschent Gesondheet förderen, d'Leit protégéieren, Libertéiten aschränken an den Entreprene hëllefen. Do gëtt et keng magesch Formel, mee trotzdem ass e Verglach um europäeschen Niveau interessant, an dat wäert ech dann op dräi Sujete maachen zur Konkusioun.

Fir d'éischt emol d'Staatsschuld. 2021 wäert d'Staatsschuld 18,9 Milliarden duerstellen. Dat sinn 29,4 % vum PIB. Mir sti mat där Staatsschuld do un zweeter Plaz an Europa. Nëmme ee Land huet manner Scholde wéi mir, dat ass Estland. Déi haten nach virun der Kris eng Schuld am eestellige Bërich (ndlr: eestelleg prozentual zum PIB gekuckt) an déi kommen elo 2021 op 23,6 %.

Wa mer, an dat gesitt Der och op engem Tablo - wéi gesäit et dann aus bei eisen Nopeschlänner? Do kann een da gesinn, dass mer mat eiser Dette, bon, déi Zweetbescht sinn. Mee wat ass dann elo d'Erhéijung vun der Dette gewiescht? Wivill Dette ass da vu virun der Kris bis 2021 wierklech virgesinn? Ech muss do „virgesinn“ soen, well fir genau 2021 sinn et natierlech nëmmen Hypotheesen.

Zu Lëtzebuerg ass d'Progressioun vun der Dette tëschent 2019 an 2021 7,4 Prozentpunkten. Dat ass déi niddregst Augmentatioun a ganz Europa, an der ganzer Eurozon, prezis. D'Augmentatioun a Frankräich sinn 18,1 Prozentpunkten, d'Augmentatioun an der Belsch 15,5, d'Augmentatioun an Däitschland - wat jo och en Triple-A-Land ass wéi mir - 10,7. Ech rappeléieren: Mir si bei 7,4. A Spuenie läit se bei 21,9 Prozentpunkten. Dir gesitt also, dass mer eis effektiv vill méi verschëlt hunn, mee am europäesche Verglach déi sinn, déi sech am mannste méi verschëlt hunn.

Da kommen ech elo op d'Mesuren, fir der Ekonomie ze hëllefen. Och hei hu mer e klengen Tablo gemaach. Mir hunn dat natierlech gemaach fir d'Entreprises a fir d'Leit. Ech muss soen, ech hunn déi Distinction net gär, wa gesot gëtt: „Et muss och eppes fir d'Entrepris gemaach ginn“, a virdrun ass eppes fir d'Leit gemaach ginn. Mee wann een eppes fir d'Entrepris mécht, mécht een och eppes fir d'Leit, fir d'Salariéen, déi dann an den Entrepris schaffen.

An och do schneit Lëtzebuerg natierlech gutt of. An Däitschland sinn déi Mesuren esou, dass de Käschepunkt 4,7 % vum Räichtum ausmécht, a Frankräich 2,9 %, an der Belsch 3,9 %, zu Lëtzebuerg 5,1 %. Och do si mer mat déi Éischt. Pro Kapp be- deit dat fir Lëtzebuerg 4.928 Euro, fir d'Belsch 1.497, fir Frankräich 977, fir Däitschland 1.888 - ech widerhuelen: fir Lëtzebuerg 4.928.

D'Kommissioun huet an hiren Avisen, déi se d'lescht Woch gemaach huet an déi mer och haut de Mëtten

an engem Eurogroup diskutéieren, verschidde Kommentare gemaach. Ech wollt lech och Merci soen, Här President, an och deenen, déi dozou bäigedroen hunn, dass mer de Mëtten eréischt um dräi Auer kënnen ufänken, soudass ech kann en Deel vum Eurogroup derbäi sinn.

An d'Kommissioun huet d'Länner an dräi Kategorien agedeele, eng dovun mat deene Länner, déi déi richteg an néideg Mesur geholl hunn an déi cibléiert gemaach hunn an an der Zäit begrenzt. An déi Kategorie gehéiert Lëtzebuerg. An da gëtt et eng zweet Kategorie, wou d'Kommissioun seet, dass d'Länner zwar gutt reagéiert hunn, mee dass se net genuch zäitlech begrenzt Mesur geholl hunn. An da gëtt et eng Kategorie vu Länner, wou d'Kommissioun seet: „Dir hutt ze vill Schold, Dir musst ganz gutt oppassen, well mat all deene Mesuren, déi Der huet, riskéiert Der, Är Staatsfinanzen nohalte net méi kredibel kënnen ze gestalten.“

Wann ech elo de leschte Punkt huelen: Chômage. De Chômage ass 2020 vu 5,6 % op 6,6 % erogaangen. Dat ass keng gutt Noriicht. Mee wa mer net all déi Mesur geholl hätten, hat de Statec ausge-rechent, hätt e sech verduebelt.

An der Eurozon läit de Chômage fir 2019 op 7,5 %, dëst Joer op 8,3 % a fir d'nächst Joer op 9,4 %. Zu Lëtzebuerg ass virgesinn, dass en d'nächst Joer soll op 7,1 % goen. Dir gesitt, mir sinn och am europäesche Verglach do gutt.

Zum Ofschloss, Här President, léif Kollegen aus der Regierung an Dir Dammen an Hären Deputéierten, mir hunn also eng gutt Ausgangsbasis gehat vun de Staatsfinanzen, mir hunn eng Politik, déi elo ausgerichtet ass, fir d'Wirtschaft ze ënnerstëtzen, fir d'Investissementer ze förderen. Well dat, wat mer am meeschte brauchen, ass eng gutt qualitativ Relance, déi op déi zwou Transitionen opbaut, déi d'Europäesch Kommissioun och staark ënnerstëtzt: Dat sinn Investissementer fir den Environnement an de Klima op där enger Säit an d'Digitalisation.

De Vaccin stëmmt mech optimistes. Mir gesinn d'Liicht um Enn vum Tunnel. Mir mussen awer elo nach duerch deen Tunnel kommen. A mir wäerten nach eng ganz laang Zäit mat den Ausleefer vun dëser Pandemie misse liewen. Dofir muss mer och weider virsichteg sinn. An ech kann lech versprechen, dass ech alles wäert maachen, fir derfir ze suergen, dass eis Staatsfinanze stabel bleiwen, esou wéi se et nach ëmmer waren.

Ech soen lech Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Ech ginn Akt vun der Deklaratioun vum Här Finanzminister Pierre Gramegna.

4. 7666 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2021 [...]

7667 - Projet de loi relative à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2020-2024 (suite)

D'Chamber fänkt elo u mat den Debatten iwwert de Staatsbudget 2021 an iwwert d'Programmation financière pluriannuelle. D'Riedezäit ass nom Modell 6 festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: d'Madamm Martine Hansen, den Här Gilles Baum, den Här Georges Engel, d'Madamm Jorsée Lorsché, den Här Fernand Kartheiser, den Här David Wagner, den Här Sven Clement, den Här Gilles Roth, den Här André Bauler, den Här Michel Wolter an den Här Gusty Graas.

An als éischte Riedner ass déi honorabel Madamm Martine Hansen agedroen. Madamm Hansen, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

■ **Mme Martine Hansen (CSV).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, „Vertrauen ass den Ufank vun allem“. Ech weess net, ob Der lech nach kënnt dorun erënneren, déi méi Jonk bestëmmt net, mee dat war an den 90er-Joren eng Reklamm um Fernsee mat engem ganz emotionale Spot, mat klenge Puppelcher, mat Kanner, déi engem d'Hand ginn hunn, mat enger Hochzäit, vun enger grousser däitscher Bank. Ech mengen, d'Bank kann eis elo hei egal sinn, mee de Message ass awer dee richtegen: Vertrauen ass definitiv den Ufank vun allem! D'Vertraue misst och d'Basis si fir en Neistart an och fir e Wee aus der Kris eraus. Et ass am Prinzip eis wichtigst politesch Währung, déi mer hunn.

An ech soen et direkt: Vertraue misst een och an de Budget hunn an dëst Vertrauen an dëse Budget fan- nen ech op jidde Fall net. D'Vertrauen an d'Zukunft fannen ech net an dësem Budget. Et ass fir eis éischter en Iwwerangsbudget wéi e Gestaltungs- budget fir d'Zukunft. A genau dat hätten awer d'Leit an och d'Betriber gebraucht.

Här President, ech hu gesot, mir hu schonn déi lescht Deeg vill geschwat vun der Kris. Mir sinn an enger Kris - an 2020 war definitiv e Krisejor. Dat

ass dat mannst, wat ee ka soen! Ech schwätzen elo net dat aus, wat vläicht vill Leit denken, mee et war e richteg schlecht Joer.

Fir vill Leit war et ganz perséinlech an och emotional e schlecht Joer. An ech wëll och do direkt un déi Leit denken, déi e léiwe Mënsch verluer hunn. D'Unzuel vun den Doudesfäll steigt dramatesch, och d'Unzuel vun de Schwéierkranke steigt. Mir hunn och vill Kranker, déi am Laf vum Joer vläicht net Covid haten, mee déi soss ënnert der Covidkris hu misse leiden. Mir hu vill Leit, eeler Leit, a mir hunn de Moien - de Marc Spautz hat nach eng Question urgente - nach doriwwer geschwat, wéi eeler Leit oder Leit mat enger Behënnerung, Leit a Strukturen vill eleng hu missen dëst Joer sinn. Mir haten u sech am Fréijoer gesot, dat dierft net méi virkommen. Mir hunn et awer elo erëm, an elo grad viru Chrëschttag ass dat definitiv ..., deet dat richteg wéi.

Ben, déi lescht Woch war ech gefrot gi vun engem Journalist vun enger gréisserer Wochenzäitschrëft - an ech denken, dass ech net nëmmen eleng gefrot gi sinn, mee warscheinlech nach eng Partie vun lech hei -, wat mer eis géifen als Titel vun der Zeitung fir d'nächst Joer wënschen. Dunn hunn ech gesot: „Ëmarmelen erëm erlaabt!“ Well ech mengen awer wierklech, datt et dat ass, wat eis feelt! De Mënsch ass sozial, e soziaalt Wiesen, an et feelt eis einfach - och wann dat elo net direkt eppes mam Budget ze dinne huet. Mee ech soen lech, wann dat erëm erlaabt wär, da géif et warscheinlech och dem Budget erëm besser goen.

Et war och e richteg schlecht Joer fir vill Leit, well se einfach en Deel vun hirer Pai net méi kritt hunn. Dat kann och Drénkgeld gewiescht sinn, wéi zum Beispill am Horeca-Secteur, well do mécht d'Drénkgeld vill aus. Vill Leit hu ganz einfach manner an der Täsche gehat wéi déi Jore virdrun. Et sinn och vill Leit, déi hu missen Hëllef siche goen, déi nach ni Hëllef siche gaange waren. Stéchwuert: nei Aarmut an nei Sozialfro.

Tëscht Februar a September sinn a ganz ville Secteure ganz vill Aarbechtsplaze verschwonnen. An do hanken iwwerall eenzel Schicksaler hannendrun! Dat sinn net plakeg Zuelen! Do hanken eenzel Schicksaler hannendrun, dat virun allem och am Horeca-Bërich, dat awer och am Transport, am Evenementiel.

De Chômage-Taux, den Här Minister huet et gesot, deen ass natierlech gestigen am Verglach zum leschte Joer. A wa mer op 7 % kommen, dann ass dat fir Lëtzebuerg schonns relativ vill! An ech denken hei un den Aarbechtsplazenofbau bei der Luxair, bei Arcelor, beim „Wort“. Awer och fir vill méi kleng Betriber, wou d'Nimm u sech net esou bekannt sinn, war et e richtig schlecht Joer. D'Patronen, d'Independanten haten Existenzängscht a si hunn der och nach.

An, Här President, nieft där sanitärer Kris ass et, wéi ech elo grad beschriwwen hunn, definitiv eng Wirtschafts- an eng Sozialkris ginn. An duerfir ass et wierklech extrem traureg och elo an der Chrëschtagszäit; wa mer elo géifen erauskucken, da géife mer dobaussen nach eng Chrëschtagsbeleuchtung gesinn, mee bei ville Betriber ginn definitiv d'Luuchten aus an déi gi vläicht net méi un d'nächst Joer.

An aus all dëse Grënn wär et extrem, extrem wichteg gewiescht, datt d'Regierung de Leit an och de Betriber richteg Zukunftsperspektiven opgewisen hätt. An da sinn ech erëm eng Kéier bei mengem Stéchwuert, mat deem ech ugefaangen hunn: „Vertrauen“. A Vertrauen hänkt och an deem Fall mat der Verantwortung zesummen.

D'Regierung muss fir Previsibilitéit suergen. Mir brauchen eng laangfristeg Covidstrategie. Déi hu mer gëschter gefrot. Ma eis Motioun ass ugeholl ginn, da kréie mer déi jo geschwënn eng Kéier presentéiert. Mee doriwwer eraus brauche mer Perspektiven, fir all déi aner tatsächlech Problemer vun Land a vun de Leit unzepaken.

Den Här Finanzminister huet och Ziler genannt. En huet se de Moien nach eng Kéier benannt. Déi Ziler sinn och déi richteg! Mee de Wee dohinner, deen ass definitiv nach net erkennbar. A wann ech dat bildlech géif soen: Deen ass nach net „geteert“. An ouni ... Et gëtt jo dat chineesescht Spréchwuert „De Wee ass d'Zil“, mee ech mengen, esou wäit soll een net goen. Mee ouni Wee kënnt een net bei d'Zil.

Ech wëll d'Ziler awer nach eng Kéier séier opzielen.

Den Här Gramegna sot Jo zur Solidaritéit. Mir soen och Jo zur Solidaritéit, mee leider ass et ganz dacks eng Solidaritéit um Pabeier, well d'Schéier tëschent Aarm a Räich, déi geet lafend ausermeen.

Den Här Gramegna seet och Jo zum Logementszil. Ben, och mir soe Jo zum Logementszil. An de Marc Lies huet schonn 13 Mesuren an engem Package virgestallt, fir de Logement unzepaken. Mee wat geschitt um Terrain? D'Präisser explodéieren! Mir hunn och nach kee Fortgang an der Landesplanung.

Den Här Gramegna seet och Jo zur Nohaltegkeet. Ech hat dat bei der Ried zur Lag vun der Natioun u



sech a mä Mëttelpunkt gesat. Dat heescht, dat ass richteg an dat ass wichteg, an Nohaltegkeet besteet aus dräi Saiten: der Ekonomie, der Ekologie an dem Sozialen. A mir brauchen an der Mëtt e Kompromëss a Resultater. An da mussen d'Steuerungsinstrumenter ..., déi musse jo de Budget virginn. Déi Steuerungsinstrumenter mussen konsequent d'Richtung virginn, dat geschitt awer net konsequent. Ech ginn nach dorop an.

An zu gudder Lescht seet den Här Gramegna och Jo zur Kompetitivitéit. Och do soe mir Jo. Ech erënnere just awer un déi traureg Diskussiounen, déi mer am Laf vum Joer haten am Dossier „FAGE“ an zu deenen onméigleche jorelaangen Diskussiounen zum Nohaltegkeetscheck. D'Regierung huet dat scho jorelaang versprach. Et ass och laang net driwwer diskutéiert ginn. Elo ass erëm eng kuerz Zäit driwwer diskutéiert ginn. Et ass awer näischt kumm!

Dat heescht, d'Ziler si gutt, jo, se si gutt! Mee de Wee ass net erkennbar.

Ech wëll awer elo dem François Benoy, wierklech villmools Merci soe fir säi wierklech fundéierte schréfftlechen an och mündleche Rapport a fir seng exzellent parlamentaresch Aarbecht. Ech mengen wierklech, datt dat e richteg staarkt Stéck Aarbecht ass! Also e ganz grouss Merci!

A seng zentral Ausso ass jo: „e staarke Staat, fir staark aus der Kris erauszegoen“. An och dat ass richteg a gutt. Mee u sech geet et net duer, vun engem staarke Staat ze schwätzen, mee mir musse virun allem d'Leit staark maachen, fir datt si d'Kris iwwerstinn a fir datt si gutt aus der Kris erauskommen.

An da ginn ech dem Här Benoy och Recht, wann e seet, et wär wichteg, d'Zukunft elo virzebereeden an elo nohalteg ze relancéieren. Mee u sech ass genau dat de Problem! An do ginn ech nach drop an, well an der Realitéit vun dësem Budget féinnt een dat awer net respektiv et féinnt een et zum Deel nëmmen hallefährzeg. Ech ginn nach drop an.

Ech kommen awer elo fir d'éischt eng Kéier bei de makroökonomesche Kontext. An do ass et kloer - ech mengen, den Här Minister ass drop agaangen -, deen ass ganz onsécher. Dat gi mer also gären zou. D'Majoritéit vun de Länner ass konfrontéiert mat enger staarker Baisse vun de wirtschaftlechen Aktivitéiten. Mir hunn eng weltwäit Rezessioun a Lëtzebuerg ass definitiv keng Insel.

An et stellt sech dann natierlech d'Fro: Wéi komme mer aus der Kris eraus? Éischter mat enger U-Form, dat heescht, mir hunn eng Baisse, da stabiliséiere mer an da kéinnt d'Relance? Oder éischter eng V-Form: Baisse - an zack geet et erop an d'Relance? An et ass den zweete Modell, op deem dës Budget baséiert, well eeben och de Statec dee Modell a senger Previsiounen esou virusgesinn huet. Hien hat mat enger Baisse vu 6 % gerechent. Déi Baisse ass elo relativéiert gi just nach op minus 3 % respektiv minus 4 %. An hien hat awer och mat enger Hausse vu plus 7 % gerechent an awer och déi Hausse ass elo manner staark, nämlech nëmme méi nach ëm plus 4 % oder minus 0,5 %, wat dann awer trotzdem schonn e bëssen dramatesch wär.

Allgemeng ass an den Avisen ze liesen, datt de Budget sech op engem relativ optimisteschen Szenario opbaut, an ech muss och soen, virun allem awer, wa mer eis virun Aen halen, datt mer méi e restriktive Lockdown mat deene Mesuren, déi mer elo hunn, nach vläicht iergendwann eng Kéier virun eis hunn. Well och dat hätt awer Konsequenze fir eis Wirtschaft. Ech mengen, de Claude huet dat relativ gutt gëschter nach - net relativ gutt, ganz gutt - hei erkläert, datt mer dat kéint riskéiere mat deene Mesuren, déi elo en place sinn.

Här President, natierlech, mir liewen an ongewësen Zäiten a Previsiounen sinn a Coronazäite besonnesch schwiereg. An och dee beschte Statistiker kann de Virus net an de Grëff kréien. Et ginn, an och dat huet den Här Minister gesot, och eenzel Punkten, déi een optimisteschem Stëmmen loosse. An ech fannen och, datt een e bëssen Optimismus muss hunn an dësen Zäiten.

An den éischte Punkt ass natierlech de Vaccin. De Vaccin ass nach net grad do, mee e steet awer scho virun der Dier. Et ass geplangt, datt mer am Januar eis kéinten impfe loosse. Beim Vaccin - ech huelen d'Stéchwuert „Vertrauen“ - ass d'Vetrauen och wichteg. An ech hoffe wierklech, datt d'Leit och do Vertrauen an de Vaccin hunn. Also do hu mir Vertrauen dran!

Dann ass den zweete Punkt den neien amerikanesche President. Ech mengen, dee léisst och hoffen, déi Walen, d'Resultat vun de Walen, datt et zu engem méi konstruktiven Dialog tëschent Europa an Amerika kéinnt. An och dat ass fir eis Wirtschaft positiv.

An drëttens natierlech: Eis Ekonomie war allgemeng manner staark betraff vun der Kris wéi verschidden aner Länner, an dat duerch eeben eise Finanz- an Assurancëssektor. D'Finanzmäert hunn

d'Kris besser gepackt, wéi een et vläicht hätt kënnen virusgesinn. Si sinn u sech een Deel vun der Lösung. An do muss ech och soen, Gott sei Dank, well soss géif et eis awer wierklech richteg schlecht goen! A wat mir awer am Hannerkapp behalen: Dat ass keen Automatismus. An duerfir däre mer och an Zukunft d'Attraktivitéit vun dësem Sektor bei de Moosnamen net vergiessen.

Mee, wéi gesot, trotz dësen optimisteschem Stëmmen den Argumenter ass et awer eng schwiereg ekonomesch Situatioun. An déi däre mer net aus den Ae verléieren.

Ech kommen awer da bei de Budget u sech, Här President.

Mir haten 2020 sécherlech exceptionnel Ausgaben an déi hunn och misse getäteg ginn: d'Gesondheetswiesen, d'Material fir d'Gesondheetswiesen, de Betriber hëllefen, de Leit hëllefen, dat war extreem wichteg an dat war och gutt esou.

An ech brauch och net op d'Recetten an d'Depensen am Detail anzegoen, de Budgetsrapporteur huet dat am Detail gemaach. Fakt ass, datt d'Recettë fir d'Joer 2020 ëm 2,3 Milliarden manner héich wäerte si wéi virgesinn, an d'Depensé wäerten ëm ronn 2 Milliarden méi héich si wéi geplangt. Dat huet natierlech en Impakt och op de Solde. Den Zentralstaat mécht 2020 en Defizit vu ronn 5 Milliarden. Dat ass definitiv schonns zolidd. Ben, d'Sécurité sociale bleift nach positiv, mee d'Administration publique mécht dann awer en Defizit vu 4,4 Milliarden fir 2020. An dësen Defizit, dee bleift bestoen, manner héich, 3 % vum PIB, fir 2021. Mir haten u sech nach ni esou en héijen Defizit. An d'Situatioun ass trotzdem awer dramatesch, well den Defizit bleift bestoe fir d'Joren 2022 an 2023, well do rechner mer weider mat rouden Zuelen, an dat mussen mer awer am Hannerkapp behalen.

An et feelen awer och an dësem Budget eng Partie Äntwerten op Froen, nämlech déi Froen: Wat bréngen déi Mesurë respektiv wat kaschten déi Mesuren, déi am Budget virgesi sinn? Wat bréngt zum Beispill d'Ofschaf vum de Stockoptions? Am Budget steet näischt direkt. Op eng Question parlementaire ass geäntwert ginn - ech mengen, et war eng vum Här Engel, ech si mer awer elo net sécher -: 60 Milliounen.

Wéi en Afloss huet d'Prime participative op de Staatsbudget? Déi kascht jo awer éischter eppes. Wivill? Mir wëssen et net. Ech weess elo net, ob et net gerechent ginn ass. Dat wär awer u sech verantwortungsvoll gewiescht, esou eppes ze rechnen.

Wat kascht d'Adaptatioun vum Crédit d'impôt? Am Budget steet näischt. An der Ëmweltkommissioun krute mer gesot: 50 Milliounen. Och hei, firwat steet näischt am Budget?

Wéi en Afloss huet dann d'Adaptatioun vum Taux d'amortissement bei den Immeuble respektiv wat bréngt d'Upassung vun de FIsen? Och hei huet d'Regierung dat jo anscheinend schonns méi laang geplangt. Da kann ee sech awer froen: Firwat ass et net berechent ginn?

Dat selwecht gëllt fir d'CO₂-Taxen. Ech mengen, den Här Minister sot de Moien elo, et wär net einfach gewiescht, dat ze rechnen. Ben, ech kann dat och nach vläicht novollzéien, datt et net einfach war, dat ze rechnen, mee awer zumindest misst dat, wat am Budget steet, novollzéibar sinn. Ech zitieren d'Zentralbank, déi seet, dat, wat am Budget steet, wär zimmlech konfus. An dat ass am Prinzip awer dat mannst, wat ee ka soen. D'Douane, déi rechnen u sech mat manner Einnahmen vun 128 Milliounen Recetten. Am Budget sti manner Einnahmen vu 40 Milliounen Euro.

Am Plan national de réforme, deen op Bréissel geschéckt ginn ass, do stinn dann erëm eng Kéier plus 64 Milliounen. Wann ech dann och nach géif soen, déi plus 64 Milliounen, dat wieren Einnahmen, a wann ech déi da géif vun deene manner Recetten ofzéien, da kommen ech och nach net op déi 40 Milliounen. Dat heescht, zumindest misst dat awer novollzéibar sinn, wat drasteet!

Dann awer och eng aner Fro: Wéi en Afloss huet dat méi staarkt Ëmstellen op Elektro oder eventuell op Waasserstoff bei de Camionen am Budget, och laangfristeg gesinn, wa mer d'Ziler vum PNEC oder vum Rifkin - 100 % Elektro bis 2050 - errechen? Ass sech hei schonns Gedanke gemaach ginn, wéi en Effekt datt dat laangfristeg huet respektiv och wéi eng aner Einnahmequellen datt do vläicht kéint gekuckt ginn?

Also ech denken op jidde Fall net, datt dat iwwert d'Steierrecettë beim Cannabisverkauf kann erakommen, mee ech weess awer och net, wat do geplangt ass, well och dat ass awer eng Fro. Dir probéiert dat oder Dir sot, dat géif legaliséiert ginn. Ech weess nach net: Wéi gesäit et do mat de Steieren aus?

An ech wëll awer just all deene Leit soen, déi elo moralesch Problemer hunn, wa mer Recetten aus de Steieren Tubak, Alkohol a Brennes hu bei eise Budget, déi missten och moralesch Problemer hunn, wa mer d'Recettë vum Cannabis bei eise

Budget hunn. Well, dat ass vläicht eng kleng Klammer, mee ech hu wierklech ganz vill Jugendlecher gesinn, déi richteg Problemer kritt hunn, och wann et „nëmmen“ de Cannabis ass. A mengen Aen däre een deen net banaliséieren.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

(*Interruptions*)

■ **Mme Martine Hansen (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Finanzminister sot och, a Krisenzäite wär de Pluriannuel en techneschen Akt. Ech hat just d'lescht Joer leider schonns gesot ..., dat war en dunn och schonns an dat fanne mer extreem traureg, well e Pluriannuel, dee misst d'Zukunft opweisen, dee misst de Wee dohinner opweisen. Dat ass awer hei net dran.

Ech kommen da just nach kuerz op de Solde structurel, dat heescht de korrigéierte Solde nominal, well et dee jo awer ass, dee mer och misste kucken, ob mer en règle si mat de Virschreëfte vun der Europäescher Kommissioun.

Ben, den Objectif à moyen terme läit fir Lëtzebuerg bei plus 0,5 %. Deen erreche mer dëst Joer net, mir leie bei minus 4,5 % fir 2020 a minus 1,7 % fir 2021. Dat ass awer net dramatesch, well d'Kommissioun d'„clause pour récession économique sévère“ invoquéiert huet. Dat ass also net schlëmm, mir mussen deen OMT net errechen.

Mee fir d'Joren duerno leie mer fir 2022, 2023 an 2024 och nach am negative Beräich. Dat heescht, am Moment si mer hei net en ligne mat den europäeschen Engagementer. Mir mussen dat also respektiv d'Regierung muss dat definitiv am A behalen.

D'Sécurité sociale ass fir eis alleguer e wichtige Beräich an duerfir wëll ech och nach kuerz do-robber agoen. Tëscht 2020 an 2024 wäerte laut Pluriannuel d'Depensen an der Moyenne ëm 5,1 % eropgoen, op där anerer Säit d'Recetten awer nëmmen ëm 4 % an d'Luucht goen. Wann d'Depensen also lafend méi staark steige wéi d'Recetten, ech mengen, da brauch een net Spezialist ze sinn, da geet dat op d'Dauer schif.

De Solde ass och impaktéiert an en hält vu ronn 2 Milliarden (veuillez lire: vun 1,196 Milliarden) 2019 of op 640 Milliounen 2024. An am Budget sinn awer leider absolut keng Hiweiser ze fannen iwwert déi zukünfteg Gestiou vum der Sécurité sociale. An dat froen net nëmme mir, dat seet och - ech mengen, den Här Minister huet d'Chambre de Commerce relativ dacks zitéiert -, mee dat hei freet och d'Chambre de Commerce. A si freet souguer, datt den nächste Bilan actuariel u sech misst virgezu ginn. Dat ass eng Fuerderung, déi mer nëmme kënnen ënnerstëtzen. A mir wäer wierklech frou, och vun der Regierung ze héieren, wat si do wëlles huet ze maachen. Och hei erwaarde mer eis kloer Äntwerten, well ech mengen, och dat ass wichteg fir d'Vetrauen, dat d'Leit brauchen.

Den Här Minister Schneider hat gesot, et géif e Groupe de travail funktionéieren. Do wär et interessant ze wëssen, wat den Tëschebilan ass vun dësem Groupe de travail a wéi eng Pisten datt hei ugeduecht ginn, och, wéi eng Pisten ugeduecht ginn, fir datt mer vläicht manner ofhängeg vum Wuesstum ginn.

Mir sinn op jidde Fall der Meenung, datt hei muss anticipéiert ginn an net nëmme reagiert ginn, wann et vläicht ze spët ass.

Dat selwecht gëllt am Prinzip och fir de Finanzement vum Gesondheetswiesen a vun der Assurance dépendance. An ech soen awer hei ganz kloer: Déi nei Leeschtungen, déi versprach gi sinn, déi scho laang versprach gi sinn, an ech hunn et, mengen ech, elo bei alle Riede gesot, zum Beispill d'Psychotherapeuten, zum Beispill nei Brëlleglieser, dat muss onbedéngt direkt ëmgasat ginn! Hei waarden d'Leit scho Joren drop! Dat ass e Gewurstelt, dat ass u sech net akzeptabel! Mee d'Finanzsituatioun vun der Gesondheetskeess, an dat seet de Minister selwer, gesäit awer och net roseg aus, well zanter 2018 steigen och hei d'Ausgabe méi staark wéi d'Einnahmen. An duerfir wär et och wichteg, hei vun der Regierung gesot ze kréien: Wéi wäit ass d'Regierung mat den Iwwerleeungen, fir hei eng Lösung ze fannen?

Dann, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wëll ech just kuerz op d'Administration locale agoen, eis Gemengen, well dat ass e ganz wichtigen Deel. An d'Gemengen, eis Gemeengeverrieder, déi hunn an dëser Kris wierklech virbildlech Aarbecht geleescht. An duerfir wëll ech hinnen nach eng Kéier alleguer Merci soen. Op den Detail vun de Gemengen, vun den Administrations locales, wäert de Mëtteg de Michel Wolter agoen. Duerfir, ech mag wëssen, datt d'Minister net ëmmer kënnen hei sinn, mee da kennt Der jo vläicht kucken, ob d'Madamm Bofferdin de Mëtteg kéint kommen.

Doduerch, datt d'Wirtschaft méi lues rullt, falen och d'Recettë fir d'Gemeenge fort. A ganz vill Gemengen hunn - an dat ass zum Deel och duerch déi suboptimal Gemeengefinanzreform ze verantworten -, keng Reserven, fir dës Perten opzefänken.

D'Regierung fuerdert elo, datt d'Gemeenge sollen investéieren. Mee d'Gemeenge géifen och gär investéieren an dat ass jo och extreem wichteg. Mee iergendwann - déi eng éischter, déi aner méi spët -, wäerte si et net méi kënnen. An dat wäert extreem schlecht si fir eis Kleng- a Mëttelbetriber an, ech zitieren hei den Emile Eicher, et riskéiert, e katastrophale Schnéiballeffekt ze hunn.

Da kommen ech, Dir Dammen an Dir Hären, bei d'Staatsschold. An hei mussen mer awer der Wierklechkeet an d'A kucken: Eis Staatsschold explodéiert! An dës Explosioun mussen mer iergendwéi an de Grëff kréien, well soss behale mer ganz sécher och net dee staarke Staat, vun deem gëschter de Rapporteur geschwat huet.

Bis 2007 war d'Staatsschold minimal a louch bei 8 % vum PIB - bis zur Kris. Dunn ass d'Finanzkris komm an dunn ass se gestigen op 23,7 % 2013. An da muss ech awer dem Finanzminister soen: Si war 2013 op 23,7 %, mee du si mer aus enger Kris erauskomm. Mir haten dunn d'Finanzkris an d'Wirtschaftskris a mir sinn hei erauskomm. A Lëtzebuerg stoung u sech 2013 u beschter Positioun an Europa, mat Ausnam vun Estland. An dat däre mer awer net vergiessen.

Awer duerno ass u sech d'Staatsschold lafend an d'Luucht gaangen, zwar net prozentual zum PIB, mee an absoluter Héicht, an och dunn nach, wéi et dem Land gutt gongt! An dat ass kee Coroneffekt, dat hu mer hei op dëser Plaz bei bal all Budget gesot, dat ass e Carpe-diem-Effekt vun dëser Regierung! Et ass, an ech soen et awer, keen „Apel fir den Duuscht“ op d'Säit geluecht gi während der Zäit, wou et dem Land gutt gongt. An dat ass och Stéchwuert „Vertrauen“ a Stéchwuert „Verantwortung“.

A laut de Previsiounen wäert d'Staatsschold 2020 bei 27,4 % leien, 2021 bei 29,4 %, 2022 steigt se iwwert d'Norme gouvernementale vun 30 % an 2023 wäert se bei 32,4 % vum PIB leien. Ech wëll just drun erënneren, datt am leschte Pluriannuel fir 2023 eng Staatsschold vu 17,5 % just virgesi war, an dat weist mer awer, wéi fragill mer reagéieren. Ëmmer wa mer op dës Problematik higewisen hunn, krute mer gesot: „Et ass jo net schlëmm, se hält zwar an absoluten Zuelen zou, mee se hält net am Verglach zum PIB zou.“ Ben, mir gesinn elo, wann d'Sonn net méi schéngt, wann de PIB erofgeet, wéi séier datt d'Schold dann undeelsméisseg um PIB klëmmt!

Elo kann ee soen: „Dat ass net dramatesch, mir sinn och nach wäit vun de Maastricht-Kritikären ewech.“ Mee mir sinn e klengt Land a mir hänke ganz staark vum Triple-A of. Mir si weeder Däitschland nach Frankräich an et muss een dës Evolutioun ganz seriö huelen an et muss een dës Evolutioun am A behalen.

Datt d'Staatsschold zouhëlt während dëser Kris, dat schéngt eis evident ze sinn an net ze verhënnern ze sinn.

(*Exclamations*)

Dat ass net eise Reproche. Dat schéngt Der jo elo verstanen ze hunn, datt dat net eise Reproche ass.

(*Brouhaha*)

A mir soen: Et ass am Moment net d'Zäit, fir Austeritéitspolitik ze maachen!

(*Interruptions diverses*)

Mee mir hätte missen anticipéieren! Mir hätte missen anticipéieren.

(*Brouhaha et coups de cloche de la présidence*)

Mir begrëssen elo ganz kloer an däitlech all d'Efforten. Mir begrëssen all d'Efforten, fir de Leit an de Betriber ze hëllefen. Awer nach eng Kéier: Datt d'Staatsschold am Ufank vun der Kris op esou engem héijen Niveau war, dat ass net d'Schold vun der Pandemie, dat läit un den Decisiounen, um Carpe diem vun dëser Regierung!

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **Mme Martine Hansen (CSV).** - Dës Regierung, an ech soen et nach eng Kéier, huet a gudden Zäiten hir Verantwortung net iwwerholl a si huet et verpasst, en „Apel fir den Duuscht“ op d'Säit ze leeën.

(*Interruptions diverses*)

A bei all deene Mesuren hu mer vu sozialer Selektivitéit absolutt näischt erëmfonnt gehat an dat ass an eisen Aen net verantwortungsvoll!

A gläichzäiteg sinn dann och nach Milliounen Suen an de Sand gesat ginn! Ech maachen och hei just e kleng Rapport: Planetary Resources: 12 Milliounen, Join: ronn 100 Milliounen an dann och nach de Satellitt, dee ronn 130 Milliounen méi deier ginn ass wéi geplangt.

Awer och dat Ganzt ... Dir hutt elo vill gejaut! Dat soen awer net nëmme mir, mee d'Chambre de Commerce, déi schreift zum Beispill: ...

(*Interruptions*)

« Ce dernier résultat montre au demeurant que le Gouvernement aurait été bien avisé de profiter des années de croissance confortable ayant précédé la



crise sanitaire pour accumuler de manière plus volontariste des réserves financières, qui auraient permis de tempérer l'augmentation de l'endettement public. »

Dat war d'Chambre de Commerce. Dat selwecht - ech liesen elo net alles vir - seet, awer e bëssen an anere Wierder, d'Cour des comptes! An dat si jo awer keng ..., déi si jo net vun der Heck gepléckt! Also déi soen dat, wat mir och soen, an déi hunn absolutt Recht!

Dat alles ass awer net geschitt. An d'Regierung muss oppassen, dass se net an en Däiwelskrees kënnt, fir Scholden ëmmer erëm mat neie Scholden ze bezuelen!

Dir Dammen an Dir Hären, fir et nach eemol kloer ze soen: Et ass richtig, fir elo de Leit an de Betriber ze hëllefen, fir elo méi Suen an eis Economie ze pom-pelen, well dat ass antizyklesch Politik à la Keynes. Mee Keynes heescht net, dass een och a Boomzäite soll iwwert seng Moyene liewen. De Keynes seet, a Boomzäiten, do, wou et gutt ass, soll ee kucken, den Defizit erëm ofzebaue respektiv eppes op d'Säit ze leeën, fir wann et erëm eng kéier méi schlecht geet. An engem privaten Haushalt sot Der jo och net, wann d'Famill am Summer an d'Vakanz geet, se soll alleguer d'Suen ausginn, an dann hätt se am Wanter keng méi fir d'Wanternen, well de Wanter kënnt och bestëmmt. An hei ass et änlech.

(Interruption)

D'Cour des comptes weist weider drop hin, dass esou Krise reegelméisseg kënnen virkommen an dass et duerfir absolutt noutwendeg wär, dass d'Regierung kloer Pisten opweist, wéi et mat der Staatschold an den nächste Jore soll weidergoen. D'Regierung misst eng „stratégie de rééquilibrage économique“ (veuillez lire: „stratégie de rééquilibrage budgétaire“) opweisen, déi d'Nohaltegkeet vun de Staatsfinanze beleet an déi domat och géif fir Vertraue suergen. Och de Staatsrot seet dat.

D'Regierung seet et leider net. Mee den Här Minister huet elo grad versprochen, si géifen déi nächst Joren dann elo verantwortlech mat de Suen ëmgoen. Mir kucken dann emol, wat da geschitt.

Fir eis Wirtschaft an domadder och fir en nohaltege Staatsbudget - well déi huet jo awer e richtig groussen Afloss op de Staatsbudget - ass Previsibilitéit immens wichtig. An duerfir wär et noutwendeg gewiescht, eng kloer Strategie op den Dësch ze leeën. Wéi kréie mer wierklech d'Erausforderungen am Logement, am Gesondheitswiesen, an der Klimapolitik gestëmmt an awer de Budget mëttelfristeg an den Equiliber? Wéi kënnen mer ouni sozial Aschnëtter d'Tendenz zu ëmmer méi Scholde brieschen? Well ouni nohaltege Finanzen sinn op jidde Fall keng wirtschaftlech Sécherheet, keng sozial Gerechtegkeet a keen ekologescht Gläichgewicht méiglech. An och dat ass eng Fro vu Vertrauen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn et scho gesot: Nohaltege Finanzen brauchen erëm séier eng funktionéierend Economie an eis Economie muss elo ënnerstëtzt ginn, well wa mer e staarkt Lëtzebuerg wëllen, wa mer virun allem och d'Leit zu Lëtzebuerg wëlle stäerken, da geet dat just mat enger staarker Economie, well ier mer de Wuelstand kënnen verdeelen, mussen mer de Wuelstand erschafen, erschaffen an erwirtschaften.

Mir brauchen also Wuesstum, mee dass muss en nohaltege Wuesstum sinn. A mir mussen d'Kris elo, ech soen elo net als Chance, well et ass keng Chance, mee als Geleeënheet notzen, fir méi Qualitéit an eis Croissance ze kréien, fir keng Croissance méi „auf Teufel komm raus“, mee ech géif dann éischter soen „auf Wohlbefinden komm raus“. De Budgetsrapporteur vum leschte Joer hat d'Wuelbefanne jo och an de Mëttelpunkt vu senger Ried gesat. An hei mussen definitiv d'Schinnen elo geluecht ginn an d'Schinn richteg geluecht ginn a séier geluecht ginn.

Fir esou séier wéi méiglech am Sënn vum Wuelstand an och vum Wuelbefannen erëm eng séier funktionéierend Economie ze kréien, mussen mer éischstens, an dat begrësse mer, déi Economie geziilt duerch Hëllefsmesuren ënnerstëtzen. Dës Mesurë ginn nach dacks net wäit genuch oder verschidde Betriber kënnen net dovunner profitéieren, d'Prozedure sinn och nach zum Deel ze vill schwierig. Besonnesch den Horeca-Beräich ass hei staark gebeidelt, well se fir eng zweete kéier hu missen zoumaachen, obwuel se awer scho ganz vill investéiert haten an d'sanitär Sécherheet, an hinne fee-len och Perspektiven. De Marc Spautz wäert beim Projet de loi, dee mer muer um Ordre du jour hunn, hei nach am Detail drop agoen.

Zweetens mussen d'Investissementen, an dat huet de Finanzminister jo och gesot, fir d'Relance vun eiser Economie, fir de Motor vun eiser Economie héichgehale ginn. Dat ass antizyklesch Politik elo a Krisenzäiten. De Budget gesäit och hei eng considerabel Hausse vir.

Mir hunn als CSV kloer Prioritéiten: de Wunnensbau, d'Gesondheitswiesen, d'Mobilitéit, d'Education, d'Digitalisatioun an natierlech d'Nohaltegkeet, de Klimaschutz, well och dee kascht Suen.

A fir dat, wat geplangt ass, ze investéieren, well ganz dacks gëtt jo net onbedéngt dat investéiert, wat am Budget steet, fir dass dat iwwerhaapt kéint realiséiert ginn, misst een un de - wat soll ech soen? - Prozeduren, un deene verkruste Prozeduren endlech schaffen! Mir brauchen hei eng Vereinfachung, eng Vereinfachung vun de Prozeduren, fir dass alles méi séier geet, an dat géif de Budget iwwerhaapt näischt kaschten!

An dat selwecht gëllt, wa mer et géife fäerdegbréngen, dass Privatinvestisseuren elo hir Investitiounen kéinte méi séier maachen, dann hätte mer eppes fir d'Economie gemaach an et géif och de Budget guer näischt kaschten. Also wannechgelift, schafft un deene verkruste Prozeduren! Schafft drun, dass eis Administratioun ..., net, dass d'Administratioun méi séier schafft, mee dass eis administrativ Prozedure vereinfacht ginn! Dat ass eppes, wat de Budget näischt kascht a wat eiser Economie an eise Leit sécherlech wäert hëllefen.

Dann, drëttens, mussen eis Betriber och attraktiv bleiwen. Lëtzebuerg muss attraktiv bleiwen, well, wéi gesot, ouni Betriber gëtt et keng Nohaltegkeet. Mir brauchen e staarke Staat, jo, an e staarke Staat brauch staark Leit, brauch staark Betriber a brauch e staarkt Mateneen tëschent deenen zwee, well dat sinn déi modern Entreprises. An hei dierf et op jidde Fall och kee Klassenkampf ginn tëschent deenen zwee, tëschent „mir brauche konkurrenzfähige Salariéer“ a „mir brauche konkurrenzfähige Patronen, Betriber“. A Lëtzebuerg muss sech hei am internationalen Ëmfeld och positionéieren. Mir leien do net méi onbedéngt esou gutt, wéi mer emol eng kéier louchen.

Bei de Betriber leie mer op der 26. vu 36 Plazen, bei de Privatpersounen op der 20. vu 36. Och do mussen mer dru schaffen, an dat virun allem virum Hannergrond vum Brexit, well deen ass definitiv alles aneschtens wéi - wann ech dat elo emol esou soen dierf - „helpful“ fir eis, fir eis Economie.

Lëtzebuerg ass jo wéinst senger Finanzindustrie nach zimmlech gutt dovokomm. An den Här Finanzminister huet vun der Finanzplatz als Vecteur fir d'Nohaltegkeet geschwat. Dass ass awer net onbedéngt einfach esou fir d'Zukunft garantéiert, well och d'Finanzwelt ass net lassgeléist vum Rescht vun der Economie. Do hu mer gëschter och nach d'Chambre de Commerce héieren, déi gesot huet, et wär net onbedéngt esou, dass dat elo fir déi nächste Jore genauso gutt géif ausgesi wéi fir dëst Joer. Also mussen mer dat am A behalen.

Duerfir begrësse mer awer och, dass am Budget virgesinn ass, fir d'Taxe d'abonnement fir nohaltege Investissementen erfzesetzen. Wéi gesot, allgemeng muss d'Relance an déi richteg Richtung geleeet ginn.

Dir wësst, ech kommen aus dem Enseignement, an duerfir soen ech: Grad och enger Budgetsdebat, wou et ëm eng nohaltege Relance geet, mussen mer, dierfe mer d'Education net vergiessen, well mir brauche gutt ausgebildete Leit. Soss hu mer och kee staarke Staat a keng staark Betriber. Mir brauchen also staark Leit. A fir d'Leit staark a grouss ze maachen, hu mer u sech zwou Plazen: Dat eent ass d'Famill, do hu mer eng aner Meinung wéi Blo, Rout a Gréng, an dat anert ass d'Schoul. A wann ech bei der Schoul sinn, da muss ech wierklech soen: D'Ausbildung, d'Weiderbildung ass déi wichtegst Ressource, déi mer hunn, wou mer konsequent mussen dran investéieren. A bei der Ausbildung - an och dat, ech mengen, do si mer eis eens heibanen - ass et den Ausbilder, ass et den Enseignant, op deen et ukënnt.

Sou, an da geet et net duer, fir massiv Posten a plakeg Zuelen an de Budget ze setzen. A wa se dann net besat ginn, dann huele mer Quereinsteiger eran. Ech wëll net soen, dass Quereinsteiger d'office schlecht sinn, mee mir mussen eis awer fundamental mat där Fro ausneeetzen: Firwat ginn net genuch Enseignanten ausgebildet? Firwat ass dee schéine Beruff - well et ass e schéine Beruff, et ass e richteg schéine Beruff! -, firwat ass deen net méi attraktiv?

An ech hunn de Moien eng Interpellatioun ugefrot an da wäerte mer do d'nächst Joer hei kënnen driwwer diskutéieren, well dat ass immens wichtig. Wéi gesot, den Enseignant ass den A an O vum Enseignement an den Enseignement huet d'Weiderbildung, d'Ausbildung, dass ass déi wichtegst Ressource, déi mer hunn, an déi brauche mer fir en Neufank, fir en nohaltege Wuesstum.

Dir Dammen an Dir Hären, bei der covidbedéngter Wirtschaftskris hänkt direkt hannendrun d'Sozialkris. An och hei gëllt et, dës esou kleng wéi méiglech ze halen, well déi sozial Stabilitéit, ech mengen, dass huet de Budgetsrapporteur gëschter gesot, ass keng Selbstverständlechkeet. Nee, et ass keng Selbstverständlechkeet! Ee vu sechs Residenten huet massiv Aboussen a sengem Revenu an och grad déi psychesch Belaaschtung ass ënner anere an d'wéinsten extreem grouss, grad och bei sozial méi schwaache Leit. Wa mer also e staarkt Lëtzebuerg wëllen, da mussen mer och eis sozial Schwaach stäerken, well an engem Land, an enger Gesellschaft ass et e bëssen esou wéi an enger

Ekip: D'Land, d'Gesellschaft ass nëmmen esou staark wéi dee Schwächsten. Also mussen mer och hei déi Schwächst stäerken.

An duerfir begrësse mer och d'Erhéijung vum Mindestloun a vum REVIS. Dat hu mer hei op dëser Plaz, wéi d'Gesetz gestëmmt ginn ass, och kloer an daitlech gesot. An doriwwer eraus mussen mer ënner allen Ëmstänn d'Kafkraaft vun de Leit erhalen, well ouni Kafkraaft kréie mer och keen nohaltegen Neistart. D'Kafkraaft ass den A an O och vun enger nohalteger Steierpolitik fir d'Leit an och vun der Steierreform, wou mer jo elo nach net wëssen, ob se kënnt, wéini dass se kënnt, ob se iwwerhaapt kënnt, well kloer ass fir eis: D'Leit brauchen och steier- a sozialpolitesche Réckeward, well et sti vill Leit mam Réck widdert der Wand an d'Angscht virun der Zukunft ass op ville Plaze grouss.

Wéi gesot, am Kader vum Mindestloun hu mer natierlech och begrësst, dass déi Betriber, déi a Schwierigkeete sinn, och hei eng Kompensatioun kréien. Dass ass och extreem wichtig. An och hei gëllt et, net deen ee géint deen aneren auszuspielen. Dat bréngt nämlech kengem eppes, am Géigendeel, et géif jiddwerengem schueden.

Ech hunn et schonns méi dacks gesot: Eppes, wat eis alleguer hëlleft, ass méi Gerechtegkeet an eiser Gesellschaft. D'Unzuel vu Leit, déi vum Aarmutsrisiko betroff sinn, huet tëschent 2014 an 2020 ëm 69,54 % zougehoen. An dat ass dramatesch an engem Land wéi Lëtzebuerg! Et ass inakzeptabel!

Während der selwechter Zäit huet d'Unzuel vun der Populatioun nëmmen ëm 24,7 % (veuillez lire: 14 %) zougehoen. Dass heescht, mir hunn eng richteg grouss Croissance vun der Aarmut hei zu Lëtzebuerg.

An duerfir freet d'Chambre des Salariés vollkommen zu Recht no engem konkreten Aktionsplang fir de Kampf géint d'Aarmut. Och hei hu mer näischt direkt am Budget fonnt. Et wär awer wichtig, ze wëssen, wat d'Regierung hei wëllen huet. Huet se wëllen, mat op dee Wee ze goen? Huet si hei eng kloer Strategie respektiv huet se wëllen, eng kloer Strategie auszeschaffen?

Richtig ass et, dass mer d'Allocation de vie chère eropsetzen an en zousätzleche Steierkredit aféieren. Ech kommen och nach eng kéier dorobber zrëck. Ech maachen hei just nach eng kéier e kleng Verweis drop, dass de Marc Spautz d'lescht Joer hei op dëser Plaz bei de Budgetsdebatten eng Motioun erabruucht hat, fir d'Allocation de vie chère eropzesetzen, well eeben d'Liewen allgemeng méi deier ginn ass. A wat ass gemaach ginn? Ech mengen, ech brauch et bal net ze soen: 31 Stëmmen hunn dergéint gestëmmt!

Ech wëll et awer nach eng kéier kloer soen - och vläicht am Kader vun der Steierreform, wa se eng kéier kënnt -: Fir eis kënnt et net a Fro, dass d'Leit duerch Steierhaussen u sech dës Zopp mussen ausläffelen, déi hinnen d'Regierung awer agebrocht huet, well eebe keng Reserv fir eng antizyklesch Politik gemaach gëtt. D'Kafkraaft vun de Leit muss erhale bleiwen - fir si selwer an och fir eis Wirtschaft! A wa mer vu Steiergerechtegkeet wëlle schwätzen, da mussen mer am Prinzip kucken, dass jiddwer Steierzueler op Basis vun eise progressiven Tarif - dee jo u sech virgesäit: Wat ee méi verdéngt, wat een undeelsméisseg méi Steiere bezilt - misst besteiert ginn.

An duerfir hunn och meng Kolleegen, de Gilles Roth an de Laurent Mosar, hei op dëser Plaz Motiounen erabruucht gehat, fir d'FISEN ze reforméieren, fir d'Stockoptions ofzeschaffen - do war dergéint gestëmmt gi vun der Majoritéit! D'Regierung mécht et elo - mir begrëssen dann, dass d'Regierung et elo mécht, dass hätt vläicht scho kënnen éischter geschéien. D'FISEN am Beräich vum Logement, hei gi jo elo vum éischte Januar 2021 un déi direkt an indirekt Revenuen ëm 20 % besteiert. Hei kënnen elo keng Chargen ofgesat ginn. Duerfir ass u sech en direkte Vergleich mat de Privatpersounen och e bësse méi schwierig.

D'Chambre des Salariés - an ech invitéieren lech wierklech, eng kéier deen Avis duerchezulesen -, déi hu ganz vill Beispiller duergerechent a se hunn och Beispiller heizou duergerechent. Do kommen déi eng kéier d'Fonge besser ewech, déi aner kéier kommen d'Privatpersounen besser ewech. Et ass also schwéier ze soen, ob et elo ganz gerecht ass, mee et gëtt op jidde Fall méi gerecht an d'Richtung stëmmt op jidde Fall. Nach muss een, wéi gesot, froen, wat et dem Budget bréngt respektiv wat de Budget doeruech verluer huet, dass et net éischter ugepasst ginn ass.

Dann, Här President, wa mer vu Steiergerechtegkeet schwätzen, da muss awer och d'Fro erlaabt sinn: Firwat ass nach näischt fir d'Monoparentalen a fir eis Wittfraen a Wittmänner gemaach ginn? Hätt Der eis konkret Propos ugeholl, zumindest emol en éischte Schratt, dann hätten dës Leit schonns e puer Joer eppes kritt! Och dat wär besser gewiescht wéi näischt a wéi elo op eng Steierreform ze waarden, déi vläicht net kënnt.

Den Här Gramegna sot jo, et wär am Moment net den Ament fir eng Steierreform. Wéi gesot, och hei

feelt dem Jean-Claude Juncker säi faméisen „Apel fir den Duuscht“, fir dëst ze maachen a fir och fir méi Steiergerechtegkeet ze suergen.

(Interruption)

Eise Fraktiounsexpert fir „Äppel fir den Duuscht“ a fir d'Finanzen, de Gilles Roth, dee wäert nach am Detail op eis gesamt Steierlandschaft an och op soss nach punktuell finanzpolitesch Aspekter agoen, well hei sinn nach ganz vill Froen.

Ech wëll nach eemol resuméieren: Sozialgerechtegkeet a Steiergerechtegkeet si fir eis zentral a Gerechtegkeet ass fir eis definitiv en integralen Deel vun eise Gesellschaftsmodell. Dozou gehéiert d'Bekämpfung vun der Aarmut an dozou gehéiert awer och, nei Aarmut vun der breeder Mëttelschicht ze verhënnern an derfir ze suergen, dass och an Zukunft déi nei Generatiounen op d'mannst esou gutt kënnen liewen a wunnen a schaffe wéi hir Elteren a Grousselteren.

An da sinn ech beim Logement, well och dat ass e wichtige Punkt, dee fir eis nächst Generatiounen extreem wichtig ass. Als CSV hu mir eis hei nach net vun der Iddi vum Eegenheim fir trotzdeem eenzel Leit verabschit. Et dierf net e Privileeg vun e puer „happy few“ sinn, well och do wäere mer dann net méi bei der sozialer Gerechtegkeet.

Dir Dammen an Dir Hären, d'Situatioun am Logement ass dramatesch! D'Präisser explodéieren a wierklech bis gläich an d'Mëttelschicht era kann ee sech geschwë keen Haus oder keng Wunneng méi leeschten. An et gëtt net besser! A wierklech, hei sollt elo kee méi sech hannert der CSV verstoppen: Éischstens hu mer en 13-Mesurëpackage virgestallt, zweetens ass zënter 2013 Blo, Rout a Gréng elo hei um Rudder an zënter 2013 ass praktesch näischt geschitt a Saache Logement - trotz grouss annoncierten Offensiven!

Alljoers kommen 10.000 bis 12.000 Leit op Lëtzebuerg bäi, alljoers misste mer 7.000 Wunnengen bauen. Dass sinn der méi wéi duebel esou vill wéi dat, wat mer iwwerhaapt bauen. Da geet de Präis natierlech an d'Luucht. Schonn eleng dowéinsten misste mer eis Efforten zumindest verduebelen! Dass geschitt an dësem Budget awer net!

Ëmmerhi geet de Budget vum Wunnensbauministère elo ëm 11 % erop op 263 Milliounen. Da muss ech éischstens soen: Dass ass och nach schéin a gutt, mee wann ech dat vergläiche mat de Joren 2017, 2018 an 2019, do sinn nëmme 70 % vum Gesamtbudget ausgi ginn. Och do mussen mer eis Fro stellen an och dat ass e Phenomeen, dee mer mëttlerweil kennen.

A wann de Staat gären hätt, dass iwwert de sogenannte Pacte Logement 2.0 - dee sécherlech net d'Rettung vum Logementsproblem wäert sinn - den Undeel vum Logement à coût modéré, aktuell 10 % am Perimeter, integral vum Staat soll iwwerholl ginn, ma da misst de Pluriannuel massiv an d'Luucht gesat ginn! Awer och dat ass net erkennbar, fir et emol diplomatesch ze soen.

Et kommen natierlech eenzel Steiermesuren. Den Taux d'amortissement accéléré fir de Logement locatif gëtt erfogaset. Heimadder soll d'Spekulation verhënnert ginn. Dës Mesure ass an der Rei, si bréngt och nach Suen an d'Keess, dass ass gutt. Vun eppes héiere mer awer näischt méi, dass ass d'Spekulationstax op net bebautem Terrain an op eidel stoeende Wunnengen. Och hei hate mer d'lescht Joer am Oktober eng Motioun erabruucht, de Marc Lies hat se erabruucht, an och iwwert déi ass ofgestëmmt ginn - ech mengen, ech brauch lech net ze soen, wéi: 31-mol nee!

Also hei muss ech soen: Et geet net duer, fir sech Ziler ze setzen, mee de Wee dohinner muss opgewise ginn an dee muss een dann och emol eng kéier konsequent duerschetzen an d'Schinnen an déi richteg Richtung leeën. Well de Logementsproblem ass u sech dee gréisste soziale Problem, dee mer hunn, an dat ass déi gréisste Suerg vun de Lëtzeburger. Dass ass souguer während der Coronakris nach eng kéier ofgefrot ginn. Et ass nach ëmmer d'Suerg Nummer eent an da muss déi och als Suerg Nummer eent esou ugepaakt ginn an dat muss och am Budget ermëzefanne sinn!

Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen da bei de Gesondheessystem. Och dass muss eng absolutt Prioritéit sinn! Ech hunn et schonns méi wéi eemol hei op der Plaz gesot, a scho viru Corona: Mir hunn net nëmmen eng Urgence an den Urgencen an de Klinicken, mee mir hunn eng Urgence am gesamte Gesondheetssystem! Ech ginn lech hei just zwee Beispiller. Erëm eng kéier: Et kann net sinn, dass et Joren dauert, fir eis Nomenclature unzepassen. Wa mir se ugepasst hunn, dann ass d'Medezinn am Prinzip scho méi wäit, da kéint een erëm eppes aneschtens froen. Dat ka jo net sinn!

Ech erënnern elo just drun, wéi mir hei zu Lëtzebuerg, wéi laang mer hu misse streiden, fir e puer IRMen zousätzlech ze kréien - an dat hei zu Lëtzebuerg, net an iergendengem Land! Och dat kann net sinn! Hei brauche mer definitiv eng aner Politik, mir brauchen e Mentalitéitswiessel! Dës Gesondheets-

system mussen mer onbedéngt generell iwwerschaffen a mir mussen de Patient ëmmer an de Mëttelpunkt setzen.

An an deem Sënn huet de Claude scho viru Corona eng Interpellatioun ugefrot a mir hoffen, datt mer déi dann definitiv - wa se dann elo eng Kéier an d'Kommissioun kënnt - d'nächst Joer séier kënnen hei op den Ordre du jour setzen, well et ass eng Urgence! An och d'OECD recommandéiert ganz kloer, datt nieft den Investissementer an d'Relance verte - an dozou kommen ech nach - muss an d'Santé investéiert ginn.

Ben, am Budget sinn elo eenzel Investissementer virgesinn: Südspidol, CHL, Maisons de soins, all dat begréisst mer. Mee mir soen awer och: Esou Pandemië kënnen zu all Moment zrëckkommen! De Virus kéint zum Beispill mutéieren an d'Politik muss mindestens da kloer Strategien hunn, fir datt mer eise Gesondheetssystem da kënnen oprecht-erhalen. Mir hu gëschter eng Strategie gefrot - d'Motioun ass erstaunlecherweis ugeholl ginn - an ech hoffe jo wierklech, datt mer déi Strategie dann elo an deenen nächste puer Woche virgestallt kréien!

Ech ginn nach op e puer Stéchwierder an. D'Personal: D'Attraktivitéit vum Beruff muss nohalteg erhéicht ginn! De Budget ass beim Personal opgestockt ginn. Dat ass och gutt, mee nach muss een et fannen an och duerfir ass et extrem wichteg, datt deen Hearing, wou mer déi lescht Woche, mengen ech, d'Resolutioun gestëmmt hunn, datt deen elo hei an der Chamber organiséiert gëtt an datt mer déi noutwendeg Debatten hei féieren. Well d'Personal mécht eng virbildlech Aarbecht, déi schaffen un de Limiten an ech wëll hinnen hei och nach eng Kéier wierklech Merci soen! A mir sollen hir Suergen eescht huelen a mir sollen och ganz eescht iwwert d'Attraktivitéit vun deem Beruff hei diskutéieren, well d'Kris huet eis gewisen, wéi ofhängeg datt mer sinn.

■ **M. Marc Spautz (CSV).** - Très bien!

■ **Mme Martine Hansen (CSV).** - Nächst Stéchwuert: d'medezinnesch Versuergung während der Pandemie vun alle Kranken - an déi muss weider assuréiert ginn! Och dat kascht Suen, wa mer eise System ëmänneren. Ech ginn do just nach eng Kéier d'Stéchwuert Covidstrukturen, Noncovidstrukturen - de Marc Spautz hat dat scho leschte Mäerz gefrot. Mir brauchen definitiv eng aner Organisatioun, eng optiméiert Organisatioun, e bessert Zesummespill tëschent den aktuelle Strukturen. An dat muss elo geschéien! Nach eng Kéier Stéchwuert: laangfristeg Strategie.

Da Preventioun. Et ass ënner anerem och erweisen, datt de Krankheetsverlaf vu Covid-19 u sech bei fit-ten, aktive Leit an der Reegel manner schwéier verleeft. Ech hunn de „Background“ virun, mengen ech, zwou Woche gelauschtert. Do war ënner anerem och den Dokter Schmit an hie sot u sech, datt mer do en Ëmdenke brauchen. Och hei hätt ee kënnen Schinnen an déi Richtung leeën an zum Beispill vläicht Betriber ënnerstëtzen, déi hir Mataarbechter och an dës Richtung ënnerstëtzen. D'Preventioun ass zentral a reng budgetär betruecht géif ech soen, rechent se sech och. Mir brauchen also och am Gesondheitswiesen en Neistart - an dee brauchen mer dréngend!

Dann, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, kommen ech bei eise Klima. An ass e weesentleche Facteur vun eiser Nohaltegkeet an et ass richtig, datt mer do eng Prioritéit setzen. Mee, wéi gesot, de Wee dohinner muss och kloer opgewise ginn an op deem Wee mussen mer ... An do denken ech allkéiers, wann ech dat soen, un de Marco Schank. Do misste mer d'Leit an d'Betriber mat an d'Klimaboot huelen, sot en, oder, mer missten d'Leit an d'Betriber mat op dëse Wee huelen, well ouni si géif déi bescht Klimapolitik net funktionéieren.

Hei sinn eenzel Mesurë virgesinn, ech mengen, am Logement d'Begënschtegung vun der energeetescher Renovatioun bei Locatiounswunnengen. Ech wëll just soen, am Sënn vum Klimaschutz kéint een dat natierlech och op d'Eigentumswunnengen ausbauen. Fir de Rescht sinn Investissementer an d'Mobilitéit virgesinn.

Vill Konkreetes ass ausser dem PNEC, dem Klimaplang, u sech net dran ausser der CO₂-Tax. D'Investissementer an d'Mobilitéit begréisst mer natierlech, mee do ass och elo net extrem vill Neies. Ech mengen, et ass den Tram, de séieren Tram, d'Vëlosbunn tëschent Esch an der Stad ... A wann den Här Bausch elo hei wär - mir krute jo gesot, d'Ministère gëfen eis ëmmer nolauschteren -, da wëll ech em just soen, ech hat och him nogelauschtert bei RTL Télé Lëtzebuerg an do hunn ech awer wierklech geduecht, et misst een awer dem Här Bausch soen, datt nördlech an ëstlech vun der Stad och nach en Deel vum Land ass. Ech hunn nämlech do just eppes héiere „Stad-Esch“, „Stad-Süden“, ech hunn näischt héiere vun dem Rescht. Also, Här Bausch, wann Der mech héiert, denkt drun: D'Land ass grouss - op jidde Fall méi grouss wéi dat do!

Fir de Rescht widerhuelen ech hei meng Kritik vu virdrun: Et geet alles vill ze lues! Et ka jo zum Bei-

spill net sinn, datt mer Jore plangen, ier eng Vëlospist ka gebaut ginn! Dat misst jo a mengen Ae relativ einfach goen.

Mir hunn ambitiéis Klimaziler - ech erënneren drun: 55 % beim CO₂, 45 % bei der Energieeffizienz a 25 % beim Undeel vun erneierbaren Energien - an déi kënnen mer nëmmen erreechen, wa mer net eng hallefährzeg Politik maachen, mee wa mer wierklech kohärent a strikt d'Schinn leeën, fir de riichte Wee dohinner ze goen. An d'Politik muss sech am Prinzip ambitiéis Mëttele ginn, fir dës Ziler ze erreechen. An d'Politik an de Stat misste mam gudden Beispill virgoen!

An dann erënneren ech awer hei un eng Motioun vum leschte Joer. Also dat ass a mengen Ae beim beschte Wëllen net ze verstoen, well d'Majoritéit huet hei eng Motioun refuséiert, an ech gi se elo net méi nach eng Kéier eran, mir hate se schonn zweemol eraginn, fir u sech mam gudden Beispill virzegoen, fir derfir ze suergen, datt de Staat 2030, 2040 klimaneutral wier. Dat hunn och déi gréng fuséiert! Dat ass eppes, wat ech beim beschte Wëllen net verstinn. Awer dann dat selwecht fuerdere vun de Betriber! Ma et muss een dach fir d'ëischt mam gudden Beispill virgoen an emol weisen, wéi et geet! An dann hëlt ee, wéi gesot, d'Leit an d'Betriber mat.

A wann ech da bei de Betriber sinn, jo, och déi mussen méi a Richtung Klima schaffen an déi misste bei nohaltegen Investissementer och nach vill méi verstärkt ënnerstëtzt ginn. Ech hat et schonn eemol erwänt: zum Beispill Steierkreditte, firwat ass näischt geplangt? Mir hunn hei keng Zäit ze verträntelen! Mir hate schonn d'lescht Joer hei e Klimapakt fir d'Betriber gefrot, sou wéi d'Chambre des Métiers - och deemools war déi Motioun mat 31-mol Nee ofgeleent ginn.

Här President, de Budgetsrapporteur huet gesot, de Budget géif d'Weichen an déi richteg Richtung stellen. Also ech komme jo elo net vun den CFL, ech kennen och elo net alles, mee ech mengen, wann een d'Weiche stellt, da mussen d'Schinn fir d'ëischt geluecht ginn. An dofir brauche mer elo Mesuren, fir eeben déi Schinnen ze leeën. An duerfir deposéieren ech hei eng Motioun, wou mer u sech d'Regierung opfuerderen, fir e Klimapakt fir d'Betriber en place ze setzen, fir Mesuren en place ze setzen, fir d'Betriber a Richtung vu méi Energieeffizienz ze guidéieren, méi Kreeslafwirtschaft, méi Nohaltegkeet, fir de Betriber eng gratis Klimaberodung unzibidden, fir an deem Sënn e Bähilfepackage auszeschaffen. Gëschter ass d'Stéchwuert „Fit 4 Climate“ och vum Budgetsrapporteur genannt ginn.

■ **M. Marc Spautz (CSV).** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci.

Motion 1

« Pour une économie plus durable »

La Chambre des Députés,

- rappelant

• *notre motion n° 3067 du 18 décembre 2019 souscrivant aux objectifs définis par la Communauté internationale en matière de politique climatique, et plus particulièrement en ce qui concerne la réduction des émissions de gaz à effet de serre et de la demande finale d'énergie, de même qu'en ce qui concerne l'augmentation de la part des énergies renouvelables dans la consommation d'énergie brute finale;*

• *que la réalisation de ces objectifs exige des efforts tous azimuts;*

• *qu'à cet égard l'État doit être exemplaire et se focaliser sur des investissements durables, en ligne avec les objectifs définis ci-dessus, aussi dans une optique de préparer au mieux l'ère post-Covid-19,*

- considérant

• *que la relance économique durable ne peut réussir que de concert avec les acteurs économiques;*

• *qu'en d'autres mots, il convient de créer une dynamique positive qui consistera à accompagner nos entreprises - surtout les petites et moyennes entreprises (PME) - dans leurs efforts de réussir la transition digitale, environnementale et énergétique, et non pas à les pénaliser,*

invite le Gouvernement

- à mettre en place un « pacte climat pour les PME »;

- à mettre en place des mesures visant à orienter les PME vers plus d'efficacité énergétique, de circularité et de durabilité;

- à offrir, dans ce contexte, aux PME un conseil et une analyse gratuits de la performance climatique de leurs entreprises;

- à étudier, dans cette même veine, la mise en place d'un régime d'aides spécifique pour PME mettant l'accent e. a. sur l'efficacité énergétique et le développement des énergies renouvelables, complémentée d'un nouveau programme d'accompagnement

des PME « Fit 4 Climate », à l'instar de ce qui existe en matière de la transition digitale;

- à étudier la mise en place de réglementations incitatives en faveur des entreprises souhaitant investir dans des technologies plus respectueuses pour l'environnement et le climat.

(s.) Martine Hansen, Léon Gloden, Laurent Mosar, Gilles Roth, Marc Spautz, Claude Wiseler.

■ **Mme Martine Hansen (CSV).** - Här President, ech kommen dann zur Landwirtschaft. An ech mengen och ... Den Här Graas ass elo frou! Elo hunn ech schonn emol ee frou gemaach de Moien! A nach een! A, ech si schonn e gléckleche Mënsch!

Also ech kommen da bei d'Landwirtschaft an ech menge wierklech, datt an der Coronakris bal jiddwereen erkannt huet, datt d'Landwirtschaft wichteg ass, datt et wichteg ass, datt mer gutt Liewensmëttel hunn an datt mer och gutt Liewensmëttel garantéiert hunn. Eis Landwirtschaft ass systemrelevant an d'Landwirtschaft - och dat hunn ech scho méi wéi eemol gesot - ass e Big Player am Klimaschutz.

Ëmsou méi schued ass et awer dann, datt d'Upassung vum Agrargesetz net geziilt genotzt gëtt, fir déi zousätzlech Efforten, déi am Beräich vum Klimaschutz mussen gemaach ginn, elo schonns geziilt ze ënnerstëtzen. Dëst gëtt beschtefalls just hallefährzeg gemaach - an dat kann net sinn!

Wa mer eis Ziler gäre wëllen erreechen, da mussen mer elo agéieren! An et ass elo un der Zäit! An de Budget an der Landwirtschaft, dee gëtt esouguer erofgesat fir dës Bähillemen! Firwat? Firwat seet d'Regierung op där enger Säit: „Dat do sinn d'Ziler!“, an op där anerer Säit, wéi gesot, leet se d'Schinnen net konsequent an déi richteg Richtung? Mir wäerten eis do nach eng Kéier am Kader vum Agrargesetz zu Wuert mellen.

Dann, Här President, kommen ech bei d'Energie - och en zentrale Secteur fir e staarkt Lëtzebuerg. D'Elektromobilitéit gëtt iwwert d'Autosprimm, d'Elektroborne staark ënnerstëtzt. Ech erënneren awer hei just drun, datt dës Regierung d'Elektroprimm, déi de Marco Schank agefuert hat, schonn eng Kéier ofgeschaaft huet - si ass ofgeschaaft ginn, dunn ass se erëm agefuert ginn. An ech soen lech: Wann een esou en Zickzackkurs fiert, da kënnt een net ganz séier un d'Zil, an et wär besser gewiescht, hei och méi kohärent ze sinn!

Mir ënnerstëtzen dës Bähilfefe fir emissionsfräi an -arem Mobilitéit. Et hätt een awer och vläicht vun Ufank u missen un eng gewësse sozial Selektivitéit denken. Dat ass leider vergiess ginn.

D'Fotovoltaike: en anert Stéchwuert an immens wichteg. Hei ass elo de Solarkadaster do. Ech hunn en iwwregens och probéiert, do wou ech wunnen. Do ass definitiv näischt machbar, do ass alles rout - a rout ass fir Solarpannoen net gutt. D'Tariffer ginn erhéicht an d'Fotovoltaike ass sécherlech e wichtege Deel vun der Léisung, mee da soen ech och hei: Da muss dat konsequent gemaach ginn!

De Paul Galles an ech, mir haten eng Question parlementaire gestallt, ob ... An de Zone-vertë si jo relativ grouss Gebaier an och, wann déi vläicht elo net optimal gedréint sinn, kéint een do Solarpannoen dropleeën, déi mussen da just e bëssen ugewënkelt ginn. Awer wann déi ugewënkelt ginn, wat mécht dann net den Energieminister, mee d'Ëmweltministersch? D'Ëmweltministersch gëtt da keng Autorisatioun! Dat kann a mengen Aen net sinn! Entweder hunn ech en Zil an da kucken ech, fir kohärent dohinner ze kommen, oder ech hu keen Zil! Et kann een awer net och nach an engem Ministère géintenee schaffe mam Argument - dat mussst Der lech einfach emol eng Kéier op der Zong zergoe loos-sen -, dat wier net schéin, dat géif net an d'Land-schaft passen!

Mee da soen ech lech: Passen dann déi grouss Pannoen op der Wiss an d'Landschaft? Och déi sinn a mengen Aen net schéin! Also et soll ee fir d'ëischt emol eng Kéier d'Diech alleguer beleeden an net verbidden, datt ee se ka beleeden, an da soll een emol op de Fräilandfläche kucken.

An och dat Naturschutzgesetz, dat wierklech mat deem Passus „Wann et net an d'Landschaft passt, kann een alles verbidden“ ... - ech mengen, datt ee wierklech déi Subjektivitéit, déi Willkür muss aus deem Gesetz eraushuelen! Dat kann net sinn!

Elo kommen ech bei d'Biogasanlagen. Och hei huet dës Regierung ganz gutt geschafft - just am negative Sënn! Well et geet net duer ze soen, datt Biogasanlagen en Deel vun enger Léisung sinn. Neen, da muss een och eng deementspriedend Politik maachen! Genau dat gëtt awer net gemaach!

2017 hate mer hei zu Lëtzebuerg 29 Biogasanlagen, elo hu mer der just nach 17 Also, da muss ech soen: bravo! Bravo, gutt geschafft am Sënn vum Klimaschutz!

Mir fuerderen d'Regierung op, datt si endlech konkret Mesuren decidéiert, fir dës Anlagen ze ënnerstëtzen a fir dëse Betriber och eng Previsibilitéit ze ginn.

Als wichtegst Mesure ass d'CO₂-Steier am Budget virgesinn. Wa mer eis virun Aen halen, wéi d'Leit a Frankräich bei der Aféierung reagéiert hunn, ech mengen, dann ass et extrem wichteg, datt hei Transparenz herrscht. Dat ass zumindest eng Konditioun fir d'Akzeptanz. An do ginn et awer nach eng Partie einfach Froen, déi misste gekläert ginn, wéi gesot: Wat geschitt konkret mat den Einnamen? Wat kascht d'CO₂-Steier? Wat bréngt se? Ech sinn drop agaangen op dat, wat konfus am Budget steet. Zumindest dat, wat am Budget steet, misst novollzéibar sinn!

Wat ass de genauen Effekt vun der CO₂-Steier op de Budget, och laangfristeg gesinn? Wéi bréngt eis dat eiseem Zil méi no, der CO₂-Reduktioun? Wéi kréien d'Betriber, déi vun der CO₂-Steier betraff sinn, geholfen? Mir soen och do Jo fir eng CO₂-Steier, mee parallel derzou misst awer dëse Betriber geholfen ginn, fir datt se d'Transitioun hëkréien. Dat wär eng kohärent Zukunftspreparatioun, eng Investitioun an d'Zukunft!

Dann hu mer u sech op europäeschem Niveau eng CO₂-Importsteuer gefrot, well et extrem wichteg ass, datt d'Kompetitivitéit vun eise Betriber hei an Europa net heiduerch geschiedegt gëtt. Ech weess nach net genau, wat do d'Positioun vun der Regierung ass.

An da kommen ech bei d'Privatleit. Wéi genau sinn d'Kompensatiounsmesurë fir d'Leit berechent? 10 % Allocation de vie chère, jo, mee - ech hunn et scho gesot - dat ass am Prinzip eng Upassung un d'Liewenshaltungskäschten! D'lescht Joer hate mer d'Motioun hei zum Vott bruecht. De Steierkreditte vun zousätzlech 96 Euro, dee spillt nëmme fir Leit mat engem järeleche Gehalt vu bis zu 40.000 Euro. Et kann ee sech jo och froen: Gëtt d'Kompensatioun erhéicht, wann d'CO₂-Steier erhéicht gëtt?

An dann déi fir eis awer zentral Fro: Kréien domadder tatsächlech déi Leit eng Kompensatioun, déi heiduerch méi héich Heizkäschten hunn, méi héich Mobilitéitskäschten? An do verweisen ech nach eng Kéier op den Avis vun der Chambre des Salariaië. Och do hu si eng Partie Beispiller duerchgerechent a si hunn do gewisen, datt souguer Leit, déi d'Mindestpensioun kréien, net komplett vun dëse Kompensatiounen profitéieren kënnen.

Déi Leit, déi net an enger Stad wunnen, déi net un den ëffentlechen Transport ugebonne sinn, déi op Schichte schaffen, wou kee Bus fiert, wou keen Zuch fiert, déi Kanner hunn, déi gi ganz kloer heiduerch benodeelegt! An et ass kloer - an ech mengen souguer, ech hätt den Här Bausch dat op RTL héiere soen -: Wann ech de Bensinn méi deier maachen a wann ech de Leit keng Alternative bidden, dann ass dat ongerecht. Jo, dat ass ongerecht! A mir schaffen hei eng nei Ongerechtegkeet!

An Däitschland gëtt duerfir zum Beispill d'Pendlerpauschal erhéicht - zwar zäitlech begrenzt, fir datt ee kann ëmklammen -, eebe fir déi Leit ze ënnerstëtzen, déi duerch laang Weeër op hir Aarbecht virun allem vun der CO₂-Tax betraff sinn, well an Däitschland, déi däitsch Regierung, déi gesäit an, datt net jiddweree ka mam Vëlo oder mam Bus oder mam Zuch op d'Schaff fueren. An och net jiddweree ka sech direkt en neien Elektroauto kafen. An an deem Sënn deposéieren ech hei eng zwote Motioun, wou mer Kompensatiounsmesurë free fir déi Leit, déi mussen op den Auto zrëckgräifen, fir eeben déi nei Ongerechtegkeeten ze verhënnern.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci.

Motion 2

La Chambre des Députés,

- prenant acte de l'introduction d'une taxe carbone pour 2021;

- estimant que certains seront plus affectés par la nouvelle taxe carbone que d'autres;

- estimant que cette taxe pèse davantage sur les couches moins favorisées de la population;

- saluant que l'introduction de la taxe carbone sera accompagnée par des compensations sociales notamment pour les bas revenus, à savoir une hausse de 10 % de l'allocation de vie chère et une augmentation du crédit d'impôt pour salarié et pensionné;

- estimant que les frais supplémentaires engendrés par l'introduction de la taxe carbone ne sont pas, respectivement pas entièrement couverts par les compensations sociales pour une partie de la population;

- précisant qu'il s'agit de personnes qui doivent recourir à leur voiture à cause de la durée de trajets trop longue, d'absence d'un accès direct ou d'absence de transports publics aux heures de travail, surtout lorsque le travail s'effectue de nuit respectivement le travail en pauses;

- prenant acte que ces gens ne peuvent pas profiter de la gratuité des transports publics,

invite le Gouvernement

- à prévoir au-delà des mesures compensatoires annoncées des compensations supplémentaires pour tous les ménages qui, au vu de leur situation profes-



sionnelle respectivement leur lieu de résidence, ne peuvent pas recourir à la gratuité des transports publics, et afin de prévenir de nouvelles inégalités liées à l'introduction de la taxe carbone en 2021.

(s.) *Martine Hansen, Léon Gloden, Laurent Mosar, Gilles Roth, Marc Spautz, Claude Wiseler.*

■ **Mme Martine Hansen (CSV).**- Dann awer nach kuerz zum Waasserstoff, wann ech bei der Energie sinn: Am Budget steet zwar, datt déi nei Technologien, wéi zum Beispill de Waasserstoff, an den nächste Jore géifen analyséiert ginn, ouni awer hei eng kloer Strategie erkennen ze loosse. De Waasserstoff wäert awer an Zukunft eng wichteg Roll spillen a wa mer och hei net wëllen dem Zuch handendrulen, da gëllt et, elo ze agéieren, elo d'Forschung, d'Innovation an deem Beräich ze fërderen an eng Visioun fir d'Zukunft virzestellen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen zum Schluss: De Budget ass staark am Defizit a bleift et bis 2024, d'Staatsschold explodéiert, d'Finanze sinn net nohalteg. Et si keng Zukunftspisten opgewisen, fir se méi nohalteg ze maachen, an ouni nohalteg Staatsfinanze behale mer a kréie mer kee staarke Staat a virun allem keng staark Leit - well ëm déi geet et.

An duerfir bedauere mer, datt d'Regierung och a gudden Zäiten iwwer hir Verhältnissen gelieft huet an näischt op d'Säit geluecht huet fir méi schlecht Zäiten. Dat ass an eisen Aen net verantwortungsvoll.

Awer am Moment ass et net un der Zäit fir Austeritéit, elo muss an d'Betriber an och an d'Leit, an déi sozial Gerechtegkeet, an d'Chancëgläichheet investéiert ginn! Mir brauchen eng nohalteg Relance - nohalteg am Sënn vu wirtschaftlecher Relance, vu sozialer Relance a vun ekologescher Relance - an do geet et net duer, fir d'Weichen ze stellen, nee, do mussen d'Schinne séier an déi richteg Richtung geluecht ginn! D'Leit brauche Planungssécherheet, si brauche Perspektive fir en Neistart an, domat verbonnen, Vertrauen.

Dat liwwert dës Budget net, an dofir wäerte mer och géint dës Budget stëmmen.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Hansen. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Gilles Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Gilles Baum (DP).**- Merci fir d'Wuert. Här President, mir schwätzen haut, a vläicht muer och nach, net iwwer en normale Budget. An normale Budgetsdebatten ass et Usus, dass d'Majoritéit heihinnerkënn an de Finanzminister fir seng wäitsiichteg Politik lueft an dass d'Opposition der Regierung virgeheit, se géif ze vill Suen ausginn.

Ech wëll op dëser Plaz mat dëser Tradition brieden: Et klängt vläicht elo e bësse komesch, mee de Budgetsdefizit, dee mer dëst Joer hu misse maachen an dee mer och d'nächst Joer misse maachen, muss sinn an et gëtt och dozou keng Alternativ. An ech kann och gutt liewe mat deenen neie Scholden, déi mer gemaach hunn an déi mer och am nächste Joer wäerte maachen. All Euro, dee mer agesat hunn, an all Euro, dee mer geléint hunn, huet derzou bäigedroen, fir duerch dës Kris ze kommen, sief dat op engem sanitären oder ekonomeschen Niveau.

Ech denken hei zum Beispill un déi Milliounen Euro, déi mer investéiert hunn, fir Lëtzebuerg zu deem Land ze maachen, dat senge Leit et erlaabt, sech am meeschten an am heefegsten op de Covid-19 testen ze loosse, fir esou seng Verbreedung anzudämmen.

All Euro, dee mer investéiert hunn, steet och fir eng Persoun, déi mer an der Aarbecht gehalen hunn. Ech denken un déi Honnerte Milliounen Euro, déi mer an de Chômage partiel investéiert hunn.

All Euro, dee mer geléint hunn, steet och fir e Betrib, egal ob e grouse Betrib oder e kleng Betrib, deem mer de Réck gestäipt hunn. Ech denken un déi vill Direkthëllef, déi mer ausbezuelet hunn.

All Euro, dee mer geléint hunn, steet awer och fir déi zukünfteg Generatiounen. Ech denken un d'Investitiounen an eis Infrastrukturen, déi mer grad an dësen Zäiten net gestoppt hunn, mee souguer nach weider ausbauen.

An ech si frou vun der Madamm Hansen, vun der Fraktionssprecherin vun der CSV ze héieren, dass déi Politik, déi mer duerch déi Kris hei gemaach hunn, am Fong a groussen Zich vun der CSV matgedroe gëtt. D'Madamm Hansen huet gesot, et wier gutt, dass mer d'Investitiounen géifen héichhalen. Si huet och gesot, dass et wichteg wier, d'Kafkraaft ze erhalen. A si huet gesot, dass et richteg wier, d'Leit an d'Betriber ze stäerken a keng Austeritéitspolitik ze maachen. Abee, dofir muss ech der Madamm Hansen felicitéieren!

Awer vun iergendzwousch mussen d'Suen och hierkommen, fir déi Politik ze maachen, wann d'Depensé fir d'Leit an d'Luucht ginn an d'Recetten net méi esou spruddele wéi virdrun!

An da gëtt ëmmer geschwat vun deem „Apel fir den Duuscht“, dee géif feelen. Ech muss lech soen, mir wësse jo alleguerten, dass an de leschte Joren esou vill an eis Infrastrukturen investéiert ginn ass, wéi dat nach ni virdrun de Fall war, well mer Retarden opzehuelen haten, sief dat am Schinnebau, sief dat am Stroossebau, fir dat nëmmen ze soen, an och a Schoulgebaier.

A wann ech dat dann héiere vun deem „Apel fir den Duuscht“, da muss ech mech awer och un déi dräi Amendementer erënneren, déi d'CSV d'lescht Joer hei am Kader vum Budget deposéiert hat, an dat hätt massiv, massiv Milliounen aus dem Staatsbudget erausgeholl! An da muss ech soen, ech mengen, d'CSV, déi wollt scho villen maachen, eier d'Leit iwwerhaupt Duuscht haten!

(Hilarité)

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Gilles Baum (DP).**- Här President, dës sanitär Kris, déi stoung net am Koalitionsprogramm an hiren Impakt op d'Staatsfinanze stoung och a kengem Pluriannuel. Si huet eis onerwaart an onverhofft getraff a si huet eis ëffentlech Finanze kräfteg duerjerneegereselt. Dës Situatioun, an där mer haut sinn, konnt kee virausgesinn - keen heibannen an ech mengen, och keen dobassen.

De Budget 2021 ass och duerfir kee Budget wéi all déi aner an et ass e budgetären Ausfallschrëtt, fir dës Kris - mat all hire sozialen, ekonomeschen a sanitäre Konsequenzen - kënnen ze stemmen an d'Land erëm fit ze maache fir d'Relance.

Déi gönschteg Ausgangslag hëlleft eis derbäi. Mir waren Ufank 2020 gutt gestiwelt. Déi vursiichteg an nohalteg Finanzpolitik vun Här Minister Pierre Gramegna hat eis e kleng Puffer ginn, fir dës Kris ze meeschten - e Puffer, dee ganz vill aner Länner net haten.

Hätt dës Regierung an de leschte Joren näischt ënnerholl a wiere mer weidergefuert op där Trajectoire, wou mer 2013 waren, da wiere mer scho viru Joren op engem Scholdestand vun 29,4 % ukomm - an dat ouni Coronakris!

Ech erënneren drun: 2013 hätte mer riskéiert, eis Virgabe vum Pacte de stabilité net méi ze erfëllen! De Verloscht vun enger Milliard TVA um Commerce électronique huet d'Saach net méi einfach gemaach. Den Triple-A stoung dee Moment op wackelege Féiss. 2012 huet eng Ratingagence den Outlook op negativ gesat!

Iwwert déi lescht Joren huet sech eis finanziell Situatioun awer konstant verbessert. Dat ass de Meritt vun dëser Regierung an dat ass de Meritt vun Finanzminister Pierre Gramegna.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Gilles Baum (DP).**- 2014, 2015, 2016, 2017 louch mer ëmmer no beim Equiliber, 2018 konnte mer mat engem Plus vu 528 Milliounen ofschléissen - déi éischte Kéier zënter zéng Joer konnten erëm schwaarz Zuele geschriwwen ginn! 2019 hate mer en lwwerschoss vu 60 Milliounen.

Den Triple-A erlaabt eis haut, den Triple-A erlaabt eis zu dësem Moment, zu negativen Zënse Sue léien ze goen, an d'Vetraue vun de Ratingagencen an eist Land ass och erëm do!

Och d'Situatioun vun der Staatsschold war 2013 net roseg: Se louch bei 23,7 % vum PIB. 2018 louch se bei 21,4 % - se war also erofgaangen. Enn 2019 louch se och ëm deen Dréi, an dat trotz engem Prefinanzement vun 1,7 Milliarden Euro, dee gemaach gouf, fir en Emprunt vun 2 Milliarde mat negativen Zënse kënnen ze refinanzéieren.

Wier déi Kris, an där mer elo sinn, net komm, dann hätten ee kënnen tëschent November 2019 an dem Mee dëst Joer déi ëffentlech Schold ëm eng hallef Milliard verréngere. Domadder wier d'Staatsschold esouguer dëst Joer ënnert de Seuil vun den 20 % gefall, fir d'éischte Kéier zënter 2011.

Bis 2020 (veuillez lire: 2022) war virgesinn, d'Staatsschold kontinuëerlech erofzedrécken op 18,4 %, an dat gläichzäiteg bei Rekordinvestissementer an d'Infrastrukturen, an de Klimaschutz, an den Ëmweltschutz an an eng Sozialpolitik, déi hiren Numm verdéngt! Dat ass eng Leeschtung, virun där ee sech net brauch ze verstoppen!

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, et bréngt awer elo näischt, fir der Vergaangenheet nozekräischen, mee mir kënnen frou sinn, dass mer Lëtzebuerg mat sanéierten a gesonde Staatsfinanzen konnten - jo, wéi soll ech dat elo soen? - an dës Course schécken, an dës Kris schécken. Eis Staatsfinanze waren am Equiliber an dat kënn eis elo och zegutt!

Awer den Impakt vun der Kris ass däitlech sichtbar: Den 31. Oktober hate mer en Defizit vu ronn 2,25 Milliarden am Zentralstaat an no den Amendementer vun der Regierung, déi jo de Moien hei nach eng Kéier vum Här Minister presentéiert gi sinn, wäert den Zentralstaat 2021 en Defizit vun 2,7 Milliarde maachen. De Solde am Gesamtstaat läit virausiichtlech bei minus 1,9 Milliarden an den Här

Finanzminister huet et gesot: Zu deenen zousätzlechen Depensé par rapport zum Depot gehéieren haaptsächlech d'Käschte fir den Impfstoff, d'Aidë fir d'Entreprise an d'Depensé fir de Fonds de relance an de Fonds de l'innovation.

Ech ginn elo ganz kuerz op de Pluriannuel an: D'Zuelen an d'Previsiounen fir no 2021 sinn natierlech opgrond vun der Situatioun - vun där volatiliter an onsécherer Situatioun, an där mer sinn - mat Virsiicht ze genéissen a mir kënnen och zu dësem Zäitpunkt net mat 100%eger Gewëssheet soen, wat déi nächst Joren op eis zoukënn, esouwuel um Niveau vun de Recetten wéi um Niveau vun den Depensen.

Haut gi mer dervun aus, dass mer während der Periode 2021 bis 2024 am Gesamtstaat ni ënner en Defizit vun 3 % par rapport zum PIB falen. 2021 leie mer bei minus 3 %, 2022 bei minus 2,2 %, d'Joer drop bei minus 1,3 % an 2024 bei minus 0,9 % par rapport zum PIB.

Iergendwann gesäit een erëm Liicht um Enn vum Tunnel, och an dëser Kris. Mee, wéi gesot, dës Previsiounen vum Pluriannuel stinn op wackelege Féiss, well et am Moment ganz, ganz schwéier ofzeschätzen ass, wéi déi Kris sech hei nach wäert entwéckelen a wéi se eis déi nächst Méint nach wäert impaktéieren. A mir wëssen och net, wat fir eng Repercussiounen dës Kris nach wäert op de Wuesstum, op d'Recetten an op d'Depensé vum Staat fir déi nächst Joren hunn - also, wéi gesot, am Pluriannuel.

Ech wëll och ervirsträichen - an d'Madamm Hansen hat dat och gesot -, dass d'nächst Joer och nach d'„general escape clause“ gëllt, soudass sech déi europäesch Krittäre vum Pacte de stabilité et de croissance am Moment net applizéieren. Dat gëtt de Memberlänner, also och eis, den néidege budgetäre Spillraum, fir duerch déi Kris ze kommen.

Déi finanziell Momentopnam - an den Här Minister huet et och gemaach -, déi brauche mer net schéinzerieden, mee mir solle se awer och net onnéideg méi schlecht rieden, wéi se ass, an et soll ee scho guer net mat falschen Zuelen operéieren! An ech denken hei zréck un en duebelsäitegen Interview Enn Oktober an der gréisster Lëtzeburger Dageszeitung, an deem zwee Deputéiert, finanzpolitesch Spriecher vun der CSV, behaapt hunn, d'Schold wier dëst Joer vun 18 op 28 Milliarde geklommen. Ech zitieren: „Hierzulande“ ist die Schuld „so schnell gestiegen [...] wie in keinem anderen EU-Land, und zwar von ungefähr 18 auf 28 Milliarden Euro, das sind über 50 Prozent.“

Ech muss lech éierlech soen, ech si bestëmmt keen esou ee Finanzmann, wéi déi zwee Leit, déi deen Interview ginn hunn, mee ech hunn awer net schlecht gestaunt! Fakt ass, dass eis Schold haut bei 16,2 Milliarde läit an - et ass virdru gesot ginn - 2021 voraussichtlech bei 18,9 Milliarde leie wäert. Dat ass dann eng Augmentatioun vu knapp 16 % par rapport zu 2019, also wäit ewech vun 10 Milliarden an och wäit ewech vu 50 %!

Dobäi muss een awer festhalen, dass et net déi éischte Kéier ass, wou d'CSV mat Zuelen hin- an hierjongléiert. Ech wëll op dëser Plaz nach eng Kéier un en exzellente Kommentar um 100,7 erënneren, an ech zitieren och hei: Et gëtt „[net gezéck], fir mol e weéneeg un den Zuelen ze dréien, wann d'Situatioun vun de Staatsfinanzen net schlecht genuch ass, fir Panik ze verbreeden.“

Wann d'Leit hei sollen hannert d'Liicht gefouert ginn, da fannen ech dat eng bedenklech Entwécklung opsäite vun der gréisster Oppositionspartei an dat ass enger sachlecher, faktebasierter an demokratescher Ausernanersetzung hei am Haus net wierklech dénglech.

Här President, mäi Fraktiounskolleeg, den André Bauler, President vun der Finanzkommission, wäert nach méi am Detail op déi ekonomesch Wiederlag agoen. Fir eis waren déi budgetär Niewewierkunge vun der Coronakris onëmgängelech an alternativlos. Jo, si waren néideg, fir d'Leit an de Betriber ze stäerken an duerch dës Kris ze féieren.

D'Regierung huet hir Verantwortung iwwerholl an de Prabbeli wäit opgespaant, fir keen am Ree stoen ze loosse - an ech mengen, dat Versprechen, dat hu si gehalen. Mam gréisste Stabiliséierungspak an der Geschicht vun eise Land huet d'Regierung séier reagiert. Den éischte Pak hat e Volume vun 10,4 Milliarden Euro a mam Programm „Neistart Lëtzebuerg“ kounen nach eng Kéier Mesuren an Héicht vun 800 Milliounen Euro derbäi. Déi Sue ware virgesinn, fir de lokale Commerce, déi lokal Gastronomie an den Tourismussektor ze ënnerstëtzen.

Domadder ass de Gesamtvolum vum Stabiliséierungspak op 11,2 Milliarde geklommen, wat 18,5 % vum PIB ausmécht. Ech mengen, dat ka sech am europäesche Vergläich duerchaus weise loosse!

An ech wëll elo och net nach eng Kéier op all eenzel Mesure agoen, mee ech denken awer virop un de Chômage partiel, deenen nach ëmmer Aarbechtsplazen an domadder Existenzen ofséchert. Bei de Sa-

lariéen, déi de Mindestloun verdéngen, huet de Staat souguer net nëmmen 80 %, mee 100 % iwwerholl! A mir begreissen och, dass de Chômage partiel fir besonnesch vulnerabel Secteuren iwwert den 31. Dezember eraus verlängert gëtt.

D'Regierung huet och op en Neits hir sozial Oder ënner Beweis gestallt. An dës schwéieren Zäiten huet kee missen tëschent der Famill an dem Beruff wielen. De Congé pour raisons familiales huet villen Eltere dee Moment gehollef, wéi d'Schoulen, d'Crêchen, d'Maison-relais zou waren. D'Allocation de vie chère elo fir d'Joer 2020 gouf verduebelt, wat fir déi Schwächst an eiser Gesellschaft eng weider Stäip ass. D'Loyere goufen agefruert an déi Mesure, déi hu mer jo en Donneschden och um Programm, fir se ze verlängeren. Ech erënneren awer och un de Congé pour soutien familial, deenen et de Leit erlaabt, sech ëm hir eeler Elteren respektiv ëm Leit mat engem Handicap ze bekëmmere.

Ech wëll awer och nach eng Kéier e Wuert verléieren iwwert de Mindestloun, dee mer d'lescht Woch hei eestëmmeg gestëmmt hunn. Mir hunn eestëmmeg gestëmmt, dass de Mindestloun soll ëm 2,8 % an d'Luucht goen an de REVIS och. 2,8 %, dat ass net näischt, wann ee bedenkt, dass mer de Mindestloun d'lescht Joer schonn exceptionnel ëm 100 Euro netto gehéicht hunn! Dës aussergewöhnlech Augmentatioun gouf zu zwee Drëttel vum Staat gedroen.

Elo geet de Mindestloun also nach eng Kéier an d'Luucht, an dat zu enger Zäit, wou vill Betriber scho Problemer hunn, fir all Mount genuch zesummenzekrazen, fir hir Mataarbechter ze bezuelen. Et war awer e bewusste Choix, et war och dee richtige Choix grad zu dësem Moment, et war dee richtige Choix zum richtigen Zäitpunkt, fir dës Augmentatioun vum Mindestloun virzehuelen. Jo, d'Betriber hunn ze kämpfen, mee och Dausende Leit hei am Land, déi de Mindestloun verdéngen, hunn all Dag ze kämpfen, fir iwwert d'Ronnen ze kommen. D'Demokratesch Partei steet wéi keng aner hannert dem Leeschtungsprinzip an d'Aarbecht muss sech lounen! Et kann net sinn, dass eng Persoun, déi all Dag schaffe geet, awer Problemer huet, fir um Enn vum Mount d'Enner zesummenzekréien.

Ech wëll elo net nach eng Kéier op alleguerten déi sozial Mesuren agoen, déi dës Regierung an de leschte Jore scho geholl huet, fir de Leit ze hëllefen. Et sinn der eng jett an dës Regierung brauch sech fir hir Sozialpolitik viru kengem ze verstoppen.

Här President, ech wëll an dësem Kontext awer nach eng Kéier op de Mindestloun zréckkommen an de concernéierte Patrone versécheren, dass mir eis hirer schwieriger Situatioun bewosst sinn. Mir loosse keen am Ree stoen a fir déi zousätzlech Belaaschtung fir d'Betriber duerch d'Erhéijung vum Mindestloun ofzefiedere, gëtt eng Aide unique an Héicht vu 500 Euro agefouert, déi ee fir all Mindestlounempfänger a sengem Betrib ausbezuelet kritt.

Dës Regierung huet also de Beweis erbruecht, dass mer alles derfir maachen, dass d'Betriber, déi virun der Kris finanziell keng Problemer haten, och gesond aus der Kris erauskommen. An dat ass och déi Politik, déi an dësem Budget drasteet, an dat ass déi Politik, déi mer déi nächst Jore wëllen a wäerte weiderféieren.

■ **Une voix.**- Ganz gutt!

■ **Une autre voix.**- Très bien!

■ **M. Gilles Baum (DP).**- D'Regierung leet och no bei der Steiergerechtegkeet. Esou, wéi de Premier et scho beim État de la nation annoncéiert huet, ginn d'FISen, d'Fonds d'investissement spécialisés reforméiert, fir Abusen an Deriven um Wunnengsmarché ofzeschaffen.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Gilles Baum (DP).**- Zweetens gëtt och de Regime vun de Stockoptions, deenen 2002 agefouert gi war, ofgeschaaft. Gläichzäiteg gëtt awer mam Budget 2021 d'Méiglechkeet vun enger Prime participative agefouert, iwwert déi e Salarié um Benefiss vu sengem Betrib ka bedeelegt ginn.

Als DP si mer der Meinung a mir bleiwen der Meinung, dass de Standuert muss attraktiv bleiwen, fir Talenter, fir Knowhow, fir Manager, fir Startups a fir Kadere bei eis an d'Land ze zéien.

■ **Une voix.**- Richteg!

■ **M. Gilles Baum (DP).**- An et ass duerfir och gutt, dass d'Stockoptions net ersatzlos gestrach gi sinn, mee duerch méi gerecht Mesuren ersat gi wéi d'Participatioun um Benefiss an d'Prime d'impatriation. Wéi sot den Här Finanzminister: An der Zesummeffaassung sinn dës nei Mesuren zilgerecht, transparent a manner deier.

■ **Une voix.**- Gutt bemierkt!

■ **M. Gilles Baum (DP).**- Här President, de Logement ass nach ëmmer ee vun de gréisste Problemer bei eis am Land, esou éierlech muss ee sinn. Bis elo huet keng Regierung a keng eenzel Partei et fäerdgebruecht, dës Problem ze léisen. D'Logementspräisser klamme weider - an och dëst Joer mécht do keng Ausnam.



Et ass net esou, wéi wa kee probéiert hätt, eng Léi-sung fir dëse komplexe Problem ze fannen - ganz am Géigendeel! All Regierung huet hir Meritten. An dësem Budget sinn déi finanziell Mëttelen fir de Logement, déi een zur Verfügung gestallt kritt, ëm 11 % an d'Luucht gaangen.

A wann d'ëffentlech Hand - de Staat an d'Gemen-gen - wëll méi aktiv ginn, da muss se och un Ter-raine kommen. Dat heescht, wann de Staat an d'Ge-menge keng Terrainen opkafte ginn, fir da mat den Acteure Logement ze schafen, da wäerte mer dat doten och net an de Grëff kréien!

An d'Madamm Hansen huet Recht, wa se seet - si huet et virdru gesot -: Et ass elo net, fir nach ëmmer ze soen, wat d'CSV net gemaach hätt, well mer siwe Joer an der Regierung sinn. Domat huet se Recht! Ech erënneren awer drun, dass de Premier 2002 gesot hat, et géif um Wunnungsbaumaart eng massiv Offensiv ginn an dass de Staat seng Ter-raine géif op de Marché geheien. Ech ka mech awer net drun erënneren, dass dat zu deem Zäitpunkt ge-schitt ass. An do waren awer tëscht 2002 an 2013 ee-lef Joer Zäit, fir och do eppes ze ënnerhuelen! Mee d'Madamm Hansen huet Recht: Mir si gefuer-dert, mir heibannen, d'Regierung an d'Gemengen do-baussen.

■ **Une voix.** - De Fonds du logement huet nach vill Terrainen!

■ **M. Gilles Baum (DP).** - Et gëtt och op engem anere Punkt gutt Nouvelles a mir gesi Licht um Enn vum Tunnel vum engem wichtege Puzzlestéck, fir de Logementsproblem an de Grëff ze kréien: Mam Baulandvertrag - an ech kucken hei op de Kolleeg Max Hahn, dee sech laang bei eis ëm dee Projet bekëmmert huet - gëtt eng DP-Iddi an noer Zukunft Realitéit. Nodeems d'Regierung rezent Amende-menter eragereecht huet, schéngen déi juristesche Hürden elo aus dem Wee geraumt ze sinn.

Mam Baulandvertrag maache mir all zukünfteg Dis-kussioun iwwer Spekulation mat Bauterrainen iwwerflësseg. En Terrain, deen an der Zukunft an de Bauperimeter erakënnt, gëtt entweder zäitno be-baut oder e flitt erëm eraus. De Baulandvertrag ass eiser Meenung no déi eenzeg fair a gerecht Me-thod, fir d'Spekulation an de Grëff ze kréien, well d'Spillreegele fir jiddweree kloer sinn: Entweder du bebaus däin Terrain innerhalb vum enger gewësse-ner Zäit oder du weess, dass däin Terrain erëm zrëckklasséiert gëtt. Mir huelen also kengem eppes weech a mir schränken och kengem seng Rechter an.

Dat nämmleche kann ee bei aneren Instrumenter, déi vu verschiddeene Parteien heiansdo an d'Spill bruecht ginn, leider net behaapten: éischters emol d'Spekulationstax a virun allem - virun allem! - d'Enteegnung! Besonnesch d'Enteegnung stellt e schroen Agrëff an eng verfassungsrechtlech ge-schützten Fräiheet duer, nämlech d'Recht op Eegen-tum.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Gilles Baum (DP).** - Ob et eis gefällt oder net, Spekulation mat Bauland ass net verbueden. Ech soen et riicht eraus: Mir gefällt dat och net! Mee ech weess awer och, dass et nach aner Grënn ginn, fir en Terrain net direkt ze bebauen, wéi d'Spekula-tioun. Et sinn zum Beispill déi vill zitëiert Grouss-elteren, déi hiren Terrain fir d'Kanner oder d'Kands-kanner wëllen halen. An et bréngt eis wierklech hei an der Diskussioun keen Zentimeter weider, wa mer d'Leit enteegnen oder d'Vente vum hirem Terrain erzwingen!

Mam Baulandvertrag komme mer der Léisung vum Logementsproblem also e gutt Stéck méi no. Et ass e grousst Puzzlestéck, awer nëmmen ee Stéck vu villen, fir dee grouss Puzzle ze finaliséieren.

Duerfir wëll ech och net onernimmt loosse, dass d'Regierung rezent eng ganz Rei vu Projeten op den Instandzewe bruecht huet, déi eis Stéck fir Stéck virubréngen an d'Wunnsituatioun zu Lëtzebuerg ver-bessere wäerten. Ech schwätze vum Pacte Loge-ment 2.0, deen d'Gemenge mat an d'Boot hält, fir bezuelbare Wunnraum ze schafen. Ech denken awer och un d'Gesetz iwwert de Bail à loyer an de gesetzleche Kader fir d'Colocationen, deen eis als DP scho méi laang um Häerz läit.

Här President, Kolleginnen a Kollegeen, d'Aar-becht, awer och d'Veerenbarkeet tëschent der Aar-becht an dem Beruff, Famill a Fräizäit sinn zënter laangem e grousst Uleies an eng grouss Prioritéit fir d'DP.

Nieft all deem, wat mer hei an deene leschte Jore schonn erreecht hunn - an ech erënneren do just nach eng Kéier un de reforméierte Congé parental -, mussen mer och an Zukunft weider Efforte maachen, fir dass d'Aarbecht hei am Land nach méi attraktiv gëtt, an ech denken hei natierlech un d'Salariéen, awer och un d'Betriber. Mir sti fir eng Win-win-Poli-tik, also fir Mesuren, déi béide Säiten dëngen.

Den Teletravail ass esou eng Measure, awer och d'Flexibiliséierung vum den Aarbechtszäiten. D'Co-ronakris huet dëst ville Leit just nach méi däitlech gemaach an de Wonsch no méi Flexibilitéit an no

méi Zäit verstärkt. Mir sinn et deene Leit schëlleg, a béide Beräicher ze liwweren, an dofir setze mir eis als Demokratesch Partei och an.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Gilles Baum (DP).** - Kolleginnen a Kollegeen, d'Aarbechtswelt ass am Wandel. D'Coronakris huet déi lafend Digitaliséierung vum der Aarbecht nach eng Kéier massiv acceleréiert a fir dësem Wandel an den zukünftegen Ufuerderunge vum Aarbechts-marché gerecht ze ginn, mussen eis Schoulen och mat dëser Entwécklung Schrëtt halen. D'Schüler mussen op d'Aarbechtswelt vu muer virbereet ginn!

Duerfir ass et gutt, dass bei dëser Rentrée ënner anerem déi digital Kompetenz vum de Schüler nach méi gefuerdert ginn - Stéchwuert „Coding“, wou d'Schüler op eng spilleresch, awer altersgerecht Manéier un déi nei Technologien erugefouert ginn. Dat wëllt net heeschen, dass jiddwereen an Zukunft soll oder muss Informatiker ginn, mee et sollt een awer e Grondverständnis hunn, wéi e Computer oder en Algorithmus fonctionéiert. Mat der Aféie-rung vum Coding an de Schoulprogrammen ziele mer an Europa zu de Virreider.

Nieft der Formation gëtt awer och Wäert geluecht op den Iwwergang vum Lycée op den Aarbechts-maart. Mat der Initiativ „Diplom +“ huet de Minister Claude Meisch en neie Wee ageschloen. Et handelt sech dobäi ëm eng Formation vum engem Joer, déi et de Jugendlechen erlaabt, hir Softskills, hire prak-tesche Savoir-faire an hir Autonomie ze stäerken. D'Formation riicht sech u jonk Diploméierter aus dem Enseignement secondaire an aus der Forma-tion professionnelle a vermëttelt eng breet gefä-chert Zuel vun transversale Kompetenzen (veuillez lire: eng grouss Zuel vu breet gefächerten transver-sale Kompetenzen), déi haut an a Zukunft um Aar-bechtsmarché wäerte gebraucht ginn.

Här President, Kolleginnen a Kollegeen, ech hunn et hei uewe scho méi wéi eng Kéier gesot: Et kann no der Covidkris net einfach esou weidergoe wéi virdrun, mee mir mussen - a mir wëllen dat och - déi richtige Léieren aus der Kris zéien!

Dat trëfft op vill Beräicher zou, mee et trëfft awer besonnesch op de Gesondheetsberäich zou. Am Kader vum neie Spidolsplang huet d'DP schonn eng regional flächendeckend Versuergung an eise Spi-deeler erreecht. D'Offer u basismedezinneschen Déngschter ass ausgebaut ginn. Doriwwer eraus hu mir eis och fir e méi staarkt Matsproocherecht vun den Dokter an de Personaldelegationen an de Verwaltungsreit vun de Klinicken agesat. An op dës Efforte mussen mer opbauen.

Opground vum der demographescher Entwécklung an och opground vun der Liewenserwaardung, déi ëm-mer méi an d'Luucht geet, wäerten déi nächst Jore weider Erausforderungen op d'Gesondheetswiesen zoukommen. De Gesondheetssystem wäert an Zu-kunft mat Sécherheet nach méi staark an Ussproch geholl ginn. Dat mussen mer elo anticipéieren a mir mussen versichen, eis Ofhängegkeet vum Ausland, vun deene Leit, déi all Dag bei eis an eise Santé-ssecteur schaffe kommen, ze reduzéieren. D'Ge-sondheetsberuffer mussen also valoriséiert ginn an d'Formation muss méi attraktiv gemaach ginn, fir esou zousätzlech jonk Leit hei zu Lëtzebuerg ze motivéieren, fir sech an de Gesondheetsberuffer ze engagéieren.

D'Coronakris an hir Suite setze ville Leit zou an och déi mental Gesondheet wäert eis an den näch-ste Méint mussen eng Prioritéit sinn.

Här President, Kolleginnen a Kollegeen, beson-nesch frou sinn ech, dass d'Regierung trotz där ugespaanter finanzieller Lag d'Investitiounen weider héichhält. Wéi sot de Finanzminister esou schéin: „Et ass net trotz, mee eebe grad wéinst der Kris“, dass d'Regierung d'Investitiounen héichhält.

Et wär nämlech falsch, an engem Moment, wou d'Leit an de Betriber sech existenziell Froe stellen, d'Depensen erofzeschrauwen, fir de Budget am Equilibre ze halen. Mir mussen a mir wëlle Lëtze-buerg op d'Defie vun der Zukunft virbereeden! De Wee féiert iwwert d'Weiderféiere vun engem ambi-tiéisen Investitiounsprogramm. Fir d'Joer 2021 sinn Investissemeter an Héicht vun 2,8 Milliarde virge-sinn, dat entsprécht ronn 4,3 % vun eisem PIB a läit domat weider op Rekordniveau.

Och d'Investitiounen fir méi Nohaltegkeet a Klima-frëndlechkeet sinn esou héich wéi ni. D'Regierung huet sech e Klimaplang an e Klimagesetz mat ganz ambitiësen Ziler ginn, dat mer d'lescht Woch uge-holl hunn, an ech mengen, do gehéiere mer weltwäit och zu de Virreider am Kampf géint de Klimawandel.

Gläichzäiteg ass awer och kloer, dass e puer poli-tesch Prioritéiten, déi d'Regierung sech an de Koali-tiounsaccord geschriwwen hat, wäerte mussen no hanne geréckelt ginn - mee, wéi soe se déisäit der Musel: „Aufgeschoben ist nicht aufgehoben“. Mir sti weiderhin zu der politischer Ausrichtung, déi mer eis virun zwee Joer ginn hunn, ma de Moment gëtt et weiderhi ganz kloer Prioritéiten: Liewe ret-en, Mënschen an der Aarbecht halen an eis Ekono-mie relancéieren.

Här President, ech géif als Konklusioun gären dës puer Messagë mat op de Wee ginn: Ech hunn uganks gesot, dass een dës Budget net ka vergläi-che mat de Budgete vun deene Jore virdrun. Ech denken, mir schwätzen haut iwwert dee wichtigste Budget - oder mat Sécherheet ee vun de wichtigste Budgeten - an der Geschicht vun eisem Land - an et ass keen normale Budget!

Et ass e Budget vun der Sécherheet, deen onzielege Leit a Betriber och dat nächst Joer d'Garantie gëtt, dass mer si net am Ree stoe loosse. Et ass e Bud-get vun der Mënschlechkeet, well hannert all Zuel verstoppt sech e Gesicht, e Mënsch, deem mer mat enger ganzer Panoplie u soziale Mesuren ënnert d'Äerm gräifen.

■ **M. André Bauler (DP).** - Ganz genee!

■ **M. Gilles Baum (DP).** - Et ass e Budget vun der Zouversicht a schwierigen Zäiten, deen den Ursproch huet, eist Land esou opzestellen, dass mer aus dëser Kris besser erauskommen, wéi mer virdrun do stoungen.

Mäi Merci gëllt awer och dem Budgetsrapporteur François Benoy, deen eis hei gëschter e ganz inte-ressanten a flotten Exposé gehalen huet an dee mat senge 50 Pisten, mengen ech, eng ganz Rei Id-die mat op de Wee ginn huet, déi mer kënnen an den nächste Jore verdéiwen a realiséieren.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Gilles Baum (DP).** - Här President, Kollée-ginnen a Kollegeen, et geet bei dësem Budget net ëm d'Politik vun deem engen oder d'Politik vun deem aneren, et geet net ëm „la gauche ou la droite“, mee et geet ëm d'Ëmsetzung vun de poli-tesche Projete vun deem engen oder aneren. Et geet drëm, dat Richtegt ze maache fir d'Bierger vun dësem Land, an zesumme packe mir dat!

Ech soen lech Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Gilles Baum. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Georges Engel. Här Engel, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegeen, d'Pandemie hält nach ëmmer d'Welt an Otem. D'Kristalina Gueorgieva, d'Cheffin vum FMI, huet am Abrëll festgestallt, dass d'ekonomesch Kris, déi eis duerch d'Coronapande-mie erwaart, déi schlëmmst wäert ginn zanter der Grande Dépression vun 1929 - a vun där gëtt haut nach geschwat!

Am Januar ass den FMI nach dervun ausgaangen, dass dëst Joer an 160 Länner vun der Welt de PIB pro Kapp géif wuessen. Nëmme e puer Méint méi spéit ass dat Bild komplett op d'Kopp gestallt ginn an esou geet den FMI dervun aus, dass an 170 Län-ner op dëser Welt de PIB pro Kapp zrëckgeet. Ën-ner deene Länner ass natierlech och Lëtzebuerg.

Loosst eis awer net vergiessen - an ech soen dat bewosst elo schonn um Ufank vu menger Ried -, dass et ganz vill Länner op dëser Welt gëtt, déi eng Rezessioun vill manner gutt verquësse kënnen wéi Lëtzebuerg, well se hirer Populatioun net kënnen de generéise Sozialsystem ermëglechen, dee mer hei am Land hunn!

D'Solidaritéit also mat deenen äermste Länner a Mënschen op dëser Welt däerf ee grad a Krisenzäi-ten net vergiessen, well soss huet dat Wuert „Soli-daritéit“ sai Sënn verluer.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - D'Konjunktur huet er-waardungsgeméis op der ganzer Welt méi wéi just eng Dell kritt. An der Eurozon ass de PIB am éisch-ten Trimester vun dësem Joer ëm 4 % zrëckgaan-gen, am zweeten Trimester souguer ëm 12 %. Am Verglach dozou ass Lëtzebuerg nach relativ gutt eweckkomm. Mat minus 1,4 % a minus 7,2 % ass natierlech och Lëtzebuerg net laanscht eng ekono-mesch Rezessioun komm, mee se ass bedeeitend manner déif wéi a villen anere Länner vun der Euro-zon an doriwwer eraus.

D'Europäesch Kommissioun geet an hire leschte Previsiounen vum 5. November dëst Joer vun engem Réckgang vum PIB nach just vu 4,5 % aus an och de Statoc huet a senger Note de conjuncture seng Er-waardungen erëm liicht no uewen ugepasst a geet vun engem Réckgang vun tëschent 3,5 % a 4,5 % aus.

(**M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.**)

Virun allem awer den Aarbechtsmarché weist sech zu Lëtzebuerg méi resilient wéi deen am Ausland. Souguer am zweeten Trimester, wou den haarde Lockdown jo seng ekonomesch Konsequenze ganz enfale konnt, ass den Emploi hei zu Lëtzebuerg just ëm 0,6 % zrëckgaangen, a Frankräich awer ëm 2,6 % an an der Eurozon souguer 2,9 %. Hei zu Lët-zebuerg, wéi gesot, ëm 0,6 %.

Lëtzebuerg ass dat eenzegt Land an der Eurozon, an deem den Emploi fir dëst Joer net zrëckgeet, mee der Kris trotzte kann. Hei weist sech ganz kloer,

dass déi determinéiert Aarbechtsmaartpolitik vum Dan Kersch mam Chômage partiel, vun deem am Abrëll um Pic vum Lockdown 150.000 Salariéë pro-fitéiere konnten, hir Friichte gedroen huet. En huet de Savoir-faire an den Entreprisë gehalen an en huet de Salariéë Sécherheet a Stabilitéit bruecht. Dat war extrem wichtig an deem Moment, fir dat ze maachen, an d'Regierung huet do déi richtig De-cisioun geholl.

Dass Lëtzebuerg bis elo verhältnisméisseg gutt do-duerchkomm ass, léisst sech duerch eng Rei vu Facteuren erklären. Anescht wéi am Joer 2008 ass et am Joer 2020 en Atout gewiescht fir eist Land, dass eis Ekonomie esou staark vun der Finanzplaz gedroe gëtt. De Finanzsecteur ass effektiv an dëser Kris e Stabilitéitsfacteur - eng Ausso, déi am Joer 2008 sécherlech net gegollt huet. Dat kann ee Chance nennen, dat kann ee frou maachen, mee op Chance a Freed eleng kann een natierlech och kee Land opbauen.

Den Avis vun der Cour des comptes huet nach eng Kéier däitlech gemaach, wéi ofhängeg eis budgetär Recettë vun der Finanzplaz sinn. Huele mer déi véier grouss Kategorië vun den direkte Steiere beieneen - d'Kollektivitéitssteuer, d'Akommesteier, d'Steier um Kapital an och d'Steier um Verméigen -, da stelle mer fest, dass de Finanzsecteur eleng bal 4,4 Mil-liarden Euro generéiert. Domadder kommen am Joer 2019 méi wéi d'Hallschent - 52 %, fir genau ze sinn - vun deene Steieren aus dem Finanzsecteur. Am Joer 2014 waren dat nach just 44 %. Haut sinn et der, wéi gesot, 52 %.

An och wann ee sécherlech Kritik um Finanzsecteur äusseren däerf an och Verbesserungen do ze ma-ache sinn, déi och mussen ënnerholl ginn - et muss een dee Kader setzen, et muss een dem Finanzsec-teur och de Kader setzen, fir dass en eppes kann ofginn un d'Kollektivitéit -, sou soll een awer net verwurrelt - an ech géif och soen, net zoutreffend - Aussoe maachen, wéi dat e Verrieder vun déi Lénk de 14. Oktober am „Kloertext“ gemaach huet - e sëtzt och heibannen. Et misst ee mat esou Aus-soen awer oppassen, wéi e gesot huet, dass d'Fi-nanzplaz e „Monster“ wier, e „Monster“, dat, wann een dat weider géif nieren, eis géif opfriessen.

An dobäi wësse mer awer, dass mer dësem Secteur zum groussen Deel eise Wuelstand hei zu Lëtze-buerg ze verdanken hunn an dass duerch dee Sec-teur an dëser Pandemie - an och virdrun a sécher-lech och nach duerno - eise gudde Sozialsystem fi-nanzéiert gëtt, duerch dee mer ville Leit konnten hëllef an duerch dee vill Leit an der Aarbecht konnte bleiwen an och konnte quasi iwwerliewen. An déi puer 10.000 Leit, déi am Finanzsecteur schaffen, déi verstinn dës Ausso och net richtig.

Et gesäit een also, dass d'Ofhängegkeet bei eise Recettë vun der Finanzplaz tendenziell éischter zouhëlt. Dëst muss een am A behalen, wëssend, dass et d'Resultat dovunner ass, dass de Finanz-secteur einfach iwwert déi lescht Joren eng beson-nesch gutt Dynamik hat par rapport zu deene villen anere Wirtschaftssecteuren. Dat heescht also net, dass déi aner Wirtschaftssecteure schwaach wa-ren, wann een dat am Verglach kuckt, bien au con-traire, mee et heescht ganz einfach, dass de Fi-nanzsecteur einfach eng besonnesch gutt, eng be-sonnesch grouss Dynamik hat.

Wann een d'Evolution vum de Steieren an engem méi groussen Zäitfënster kuckt, da kënnen engem nach e puer Saachen ofalen. Et stécht zum Bei-spill eraus, dass d'Akommesteier mat engem Un-deel vun 51 % net nëmmen an décke Brocke vun eisen direkte Steiere ass, mee dass d'Dynamik vun der Akommesteier impressionnant ass.

Fir d'nächst Joer ginn d'Previsiounen dervun aus, dass d'Akommesteier bei méi wéi 4,5 Milliarden Euro wäert leien. Dëst ass e Plus vun net manner wéi 8,2 % par rapport zu deem no ënne revidéierte Chiffer vun Joer 2020. Wann ech mer d'Evolution an enger méi breeder Zäitfënster dann awer uku-cken, da stellt ee fest, dass tëschent 2009 an 2019 d'Akommesteier ëm méi wéi 2 Milliarden Euro ge-kommen ass. Oder anescht ausgedréckt: ëm 106 %. Och dat kann ee frou maachen, well dat heescht näischt aneres, wéi dass Lëtzebuerg e Land ass, dat gutt Aarbechtsplaze schafft, an e Land ass, an deem et sech gutt liewe léisst an dat och ganz vill Leit unziit.

À long terme muss een awer déi Entwécklung do, déi Evolution do och am A behalen, well et ass eiser sozialer Kohäsion net dénglech, wann d'Steieren op der Aarbecht iwwer e längeren Zäit-raum däitlech méi staark wuesse wéi d'Steieren op dem Kapital.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - Dat ass eng Evolu-tioun, déi ass net gutt an déi mussen mer och kë-nnen ëmdréien. Et ass wichtig, dass d'Biergerinnen an d'Bierger d'Verauen an d'Politik behalen, dass se am Sënn vun der Allgemengheet handelt. Et däerf een duerfir legitim Diskussiounen net am Keim erstécken. Et muss ee sech op all Zorte vun Diskus-



siounen aloossen. An d'Diskussioun iwwert d'Justice fiscale ass esou eng Diskussioun.

Déi Diskussioun ass net nei, mee si bleift awer wichteg. An all Kris ginn et Leit, déi besonnesch verléieren, an anerer, déi gewannen. Dat ass an dëser Kris och net anescht. De Jeff Bezos gehéiert zu de grouse Gewënner vun dëser Kris. Zanter dem Ufank vum Joer, wann een d'Etüde vu Bloomberg, UBS a PwC analyséiert, huet de Jeff Bezos säi Verméige vun 114 Milliarden op 189 Milliarden Dollar kënne verbessern - also eng Plus-value vu méi wéi 74 Milliarden Dollar a manner wéi engem Joer, eng ongeheierlech Zomm an och en ongeheierleche Fait, dass een esou vill Sue kann an engem Joer gewannen.

■ **Une voix.** - Fënnemol eise Staatsbudget!

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - Fënnemol eise Staatsbudget. Dëst verwonnert och eigentlech net, well Amazon gehéiert zu deene gréisste Gewënner vun dëser Kris, souguer am Verglach mat aneren Technologiefirmen aus dem GAFA-Club. No enger Chute am März sinn d'Indicen op de Boursen, contrairement zur reeller Économie, generell relativ séier erëm ganz staark geklommen.

Wann een esou Tendenzen hannerfreet, huet dat iwwerhaapt näischt mat Sozialnäd ze dinn, mee mat enger méi wéi iwwerfälliger Fro vu Solidaritéit a vu Verdeelung vum Räichtum. An déi Diskussioun, déi musse mer féieren. Als LSAP-Fraktioun hu mer en Débat d'orientation ugefrot iwwert d'Justice fiscale. A mir freeën eis op konstruktiv an instruktiv Gespréicher mat deene verschiddenen Experten op deem Gebitt. No dësen Diskussiounen wäerte mer e Rapport an der Kommissioun maachen an en interessanten Debat hei an der Chamber féieren.

D'Digitalsteuer, Dir Dammen an Dir Hären, op déi verschidde Länner net wäit vun eis ewech - ech denken do u Frankräich an un Éisträich - zrëckgegraff hunn, gëtt eng méigleche Äntwert op déi sozial Verwerfungen, déi scho méi laang do waren, awer elo mat der Kris nach eng kéier méi visibel gi sinn.

Déi national Digitalsteieren, déi grouss Multinationale wéi Facebook oder eeben Amazon sollen zwingen, hir Kontributioun un d'Allgemengheet bäizedroen, wou den Utilisateur effektiv wunnt, brénge leider net dat, wat sech vun hinne versprach gëtt, well se nëmmen op Basis vum Chiffre d'affaires gerechent ginn, wat et zum Beispill Amazon zimmlech einfach mécht, déi Digitalsteuer in fine weider op de Konsument ofzewälzen.

Wa Frankräich elo de grouse Multinationallen déi Digitalsteuer a Rechnung gestallt huet, dann ass dat och vill méi eng Reaktioun op eng Blockad vun der republikanescher Administratioun am Wäissen Haus, déi manifestement keng multilateral Léisung gewollt huet.

Dee beschte Wee wier eigentlech hei en Accord op OECD-Niveau. An d'LSAP erwaart sech, dass d'Regierung aktiv un engem politeschen Accord konstruktiv hei matwierkt.

Aner Aspekter mussen awer och beliicht ginn. Eng effikass Verméigenssteuer fir Privatpersounen mat ganz héijem Patrimoine därfer keen Tabutheema sinn. Den Débat d'orientation soll eis an deem Sënn och weider Erkenntnisser bréngen.

An hei wëll ech eng Klammer opmaachen, Dir Dammen an Dir Hären, fir eis Positioun nach eng kéier kloer ze maachen: Wann d'LSAP vu Verméigenssteuer schwätzt, da geet et hei net ëm de Mann oder d'Fra, ëm déi kleng Famill, déi hiert Liewe laang geschafft huet, déi elo eng Immobilie oder e puer Su op der Säit huet an elo misst derfir blechen, dass se gutt gespuert an dass se sech an hirem Liewe gutt druginn huet. Dorëms, ëm déi, geet et net, well fir si soll e grouse Fräibetrag spillen. A mir kënnen eis hei e Betrag zwëschen 2 an 3 Milliounen virstellen, deen ausgeschloss gëtt vun dëser Steuer, wou also de Gros vun de Leit hei zu Lëtzebuerg iwwerhaapt net vun dëser Steuer beträff wier. Si géifen also net vun dëser Steuer beträff ginn, mee déi wirklech grouss Fortune géifen awer getraff ginn an déi sollen och méi e grouse Bäitrag un d'Allgemengheet ofginn.

De Staat brauch an den nächste Jore sécherlech net manner Suen. Bei engem Wuesstum, deen elo schonn 10, 15, 20 Joer hei am Land unhält, brauch de Staat, fir sengen Aufgaben nozokommen, fir seng Strukturen auszebauen, fir den ëffentleche Service, dee mer ubidden, oprechtzuerhalen an ze verbessern, och méi Suen, fir all déi doten Erausforderunge kënnen ze meeschteren.

Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn als LSAP houfreg an zefridden, dass mat dësem Budgetsrapport schonn eng Rei wichteg Akzenter an der Justice fiscale gesat goufen. D'Ofschafe vun de sougenannte Stockoptions, déi eigentlech d'Progressivitéit vun eise Steuerbarème uewe bei de Cadres supérieurs perverserweis erëm ofgefלאacht hunn, d'Ofschafe vun dëse Stockoptions ass an eisen Aen essenziell wichteg gewiescht. Den Déchet fiscal war mat méi wéi 130 Milliounen am Joer 2017 de Leit dobaussen einfach net méi ze erklären. D'Prime participa-

tive ass do méi demokratesch, well net nëmmen d'Cadres supérieurs kënnen an de Genoss kommen, an den Déchet fiscal ass vill manner héich, well d'Primm sech op 5 % vum Bénéfice d'exploitation vun der Entreprise limitéiert.

Och d'Besteuerung zu 20 % vun de Revenuen aus de FIS immobiliers ass e wichteg Schratt no vir. Den Amortissement accéléré ass souwuel am Taux vu 6 % op 5 % respektiv op 4 % wéi och an der Durée vu sechs op fënnef Joer ageschränkt ginn. An opgrond vun der Äntwert op dem Yves Cruchten seng Question parlementaire vum 30. Oktober wësse mer, dass deen alen Amortissement accéléré en Déchet fiscal vun net manner wéi 50 Milliounen Euro hat. Dësen Dispositif kënnt aus enger Zäit, wou ee vläicht huet wëllen Ureizer schafen um Immobiliemaart op der Säit vun der Nofro, mee an der Situatioun, wéi se de Logementsmarché am Moment huet, brauch een d'Acquisitiounen um Immobilien aus anere Grënn wéi selwer dran ze wunnen wirklech net méi fiskal ze ënnerstëtzen. An duerfir ass dat e richteg Schratt gewiescht, do den Amortissement accéléré ofzefflaachen.

Et muss een hei och e Suivi maachen, wéi grouss den Déchet fiscal wäert ginn, well mer jo mam Budgetsgesetz en Amortissement accéléré schafen op zéng Joer fir nohaltege energeetesche Renovatiounen beim existéierende Logement locatif.

An och hei op eng Question parlementaire - déi selwecht, nee, vläicht och eng aner vum 30. Oktober, och vum Yves Cruchten - ass d'Äntwert gewiescht, dass een net ofschätze kann, wéi vill Steuerzueler op dësen ekologeschen Amortissement accéléré wäerten zrëckgräifen. An engem Joer musse mer hei de Bilan maachen, an engem Joer musse mer dat hei analyséieren. Dat ass wichteg.

Wéi et d'nächst Joer weidergeet, Dir Dammen an Dir Hären, ka kee virussoen. De Stateg huet seng Previsiounen fir 2021 spierbar no ënne revidéiert par rapport zur Croissance, déi am Projet de budget fir 2021 virgesi war - spierbar no ënne revidéiert! Mee et ass natierlech immens schwéier, d'Konjunktur och nëmmen op ee Joer virauszegessinn, well se Achterbunn fiert, woubäi d'Héichten an d'Déifte vun der Achterbunnfaart determinéiert gi vun der Evolusioun um sanitäre Plang zu Lëtzebuerg, awer och insgesamt an der EU.

D'Onsicherheit vun de Previsiounen ass deemno héich, mee dëst gëllt net nëmme fir Lëtzebuerg, mee fir alleguer d'Länner. Wat awer nëmme weineg Länner wéi Lëtzebuerg maache kënnen, dat ass déi generéis an ambitiéis Politik vun der Relance. Nëmme ganz weineg Länner op der Welt hunn esou determinéiert kënnen virgoen. Insgesamt huet d'Regierung mam Stabiliséierungsprogramm an enger éischter Phas a mam Programm „Neistart Lëtzebuerg“ an enger zweeter Phas Hëllef vun engem Volume vun 11,2 Milliarden Euro virgesinn. Dat entsprécht 19 % vun eiser Wirtschaftskraaft. D'Direkthëllef, déi belaf sech op 4,6 Milliarden Euro. Bei esou Zuelen duerf et engem net schwindeleg ginn, well wann een e Land duerch d'Kris wëllt féieren, da brauch een e klore Kapp. Mir sollen duerfir eng virsichteg Finanzpolitik maachen, awer keng ängschtlech Finanzpolitik.

An hei gëtt ganz vill an deene Riedebäitrag, net direkt viru mer, mee nach e bësse viru mer, mat der Ängscht gespilt. Ech fannen, dat ass kee gudde Ratgeber an dat ass och keng gutt Method.

Viraussichtlech wäerten net all d'Direkthëllef, déi agerechent gi sinn, och finalement an Usproch geholl ginn. Déi divers Direkthëllef, déi vum Wirtschaftsministerium, dem Franz Fayot, awer och vum Mëtteleistungsminister, vum Lex Delles, fir d'Indépendanten, d'Mikroentreprisen, d'Klengentreprisen oder de Commerce de détail, de Chômage partiel, de Congé pour raisons familiales, d'Indemnité pécuniaire de maladie, d'Avance remboursable bis 800.000 Euro, virgesi waren, sinn hei eng Depense vu ronn 2,3 Milliarden.

Opgeruff sinn op den 19. Oktober awer just 1,2 Milliarden, also grad emol plus ou moins d'Hallschent. An de Conseil national des finances publiques seet dann och a sengem Avis, dass ee sech « au moins à court terme, un effet positif sur le solde nominal des administrations publiques grâce à un impact budgétaire moindre de ces mesures » erwaart. D'Suen, déi virgesi sinn, wäerten also net all gezu ginn.

De Staatsbudget huet eng Dotatioun vun 386 Milliounen en faveur vun der CNS virgesinn dëst Joer fir déi speziell Covidmesuren, de Congé pour raisons familiales, d'Prise en charge vun den Absenzen ab dem éischten Dag an nach eng aner Mesure, de Congé ...

■ **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Pour soutien familial!

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - ... pour soutien familial. Merci, Här Finanzminister.

Als LSAP si mer houfreg, dass eise Gesondheetsystem, dee sech duerch Solidaritéit an duerch en universellen Accès auszeechent an duerch eng gutt

Gerance vun de Sécurité-sociale-Ministeren an duerch d'Gesondheetsministeren an de leschte Joren an och dëst Joer duerch de Romain Schneider an d'Paulette Lenert, eis gutt duerch d'Pandemie féiere konnt.

Et gi politesch Stréimungen an Tendenzen, déi net midd ginn, de Käschtepunkt vu solidaresche Sozialsystemer ëmmer erëm als iwwel duerststellen, wéi wann dat net gutt wier. Et ginn och politesch Verantwortlecher, déi no der Finanzkris Länner wéi Italie gezwongen hunn, de Routstëft genau beim Gesondheetssystem unzesetzen. A wat dat fir Konsequenzen hat, dat hu mer jo gesinn.

D'LSAP steet deem konsequent entgéint. Egal, wéi de politesche Wand sech dréint, d'LSAP huet nach ëmmer an e staarke Gesondheetssystem investéiert an huet deen och nach ëmmer verdeedegt. An enger sanitärer Pandemie wéi dëser hu mer alle guerte gesinn, wéi wichteg dat Engagement war. D'LSAP wäert sech och weider dorëm këmmen.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - An ech soen et hei nach eng kéier.

(Interruption par M. Marc Spautz)

Ma Dir gitt mer e gutt Stéchwuert, wat d'Betterofbauen ugeet. Well ech hat mer elo erwaart, dass dat aus nach méi engem rietsen Eck géif kommen, Här Spautz. Mee nee, wann et elo vun lech kënnt, da soen ech lech et och nach eng kéier, Här Spautz, well d'Spidolsbetter sinn net ofgebaut ginn. Wann Der gutt nogelauschtert hätt, gëschter hunn ech et nämlech schonn eng kéier gesot, ass d'Zuel vun de Better vun 2.846 op 3.107, ëm 261 Better also, an d'Luucht gaangen. D'Bettenunzuel ass an d'Luucht gaangen. Egal, wéi Der et elo wëllt dréien, d'Bettenunzuel ass an d'Luucht gaangen. Schreift lech et eng kéier op, da verhaalt Der et och vläicht.

(Interruption)

■ **Une voix.** - Si kann awer nach e bëssen an d'Luucht goen.

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - Jo, d'Populatioun och. Maja eeben, duerfir kënnt Der awer net soen, dass d'Betterzuel erofgaangen ass. Dat ass falsch. An een - ech soen et nach eng kéier -, deen Onwourechte seet, dee gëtt mat engem Wuert benannt, dat ech hei net wëll soen.

(Hilarité)

Als LSAP ass et eis extreem wichteg, dass mir d'Investissementen, Dir Dammen an Dir Hären, héichhalen. Et wier zwar politesch am einfachsten, déi erofzufueren, mee et wier kuerzsiichteg. Mir musse weiderhin d'Zukunft preparéieren. Dëst gëllt souwuel fir déi direkt wéi fir déi indirekt Investissementen.

Schonn 2020 hu mer duerch deen exceptionnelle Kontext vun der Pandemie besonnesch bei den indirekten Investissementen - zu engem groussen Deel sinn dat jo d'Aides à l'investissement fir d'Entreprisen - eng spektakulär Hausse um Niveau vum Gesamtstaat gehat: plus 65 % oder 367 Milliounen par rapport zum Joer 2019. Insgesamt hu mir am Zentralstaat dëst Joer bal 3.500 Milliounen - 3,5 Milliarden - Investissementen. Dat ass, jo, dat ass histoiresch. Et ass op der Héicht vun där net manner histoirescher Situatioun, an där mir haut sinn. 2013 - et ass vill vun 2013 heibanne geschwat ginn - hate mer en Déifpunkt vun den Investissementen mat manner wéi 1,5 Milliarden. Haut hu mer, wéi gesot, 3,5 Milliarden Investissementen am Budget stoen.

Mee och ausserhalb vun de spezielle Covidmesurë wäert d'Investitionspolitik vun der Regierung mat grousssem Elan weidergefouert ginn. Déi direkt an indirekt Investissementen vum Zentralstaat belaf sech fir d'Joer 2021 op 4,3 % vum PIB oder, anescht ausgedréckt, op 2,76 Milliarden Euro. Iwwert den Zäitraum 2019 bis 2024 wäerten d'Investissementen all Joer en moyenne ëm 7,6 % klammen. Esouguer, wann een d'Aides non remboursables en faveur vun den Entreprises net mat arechent, bleift d'Evolution en moyenne bei 7,5 % pro Joer.

Am Verglach: Tëschent 2015 an 2019 louch d'Evolution en moyenne bei 5,6 %. Mir sinn, wéi elo gesot, bei 7,6 %. Mir maachen also kloer eng Politik vun der Relance. Produktiv staatlech Investissementen sinn d'Viraussetzung, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Erhale vum Wuelstand, vun der Liewensqualitéit a vun engem vernünftege Wuesstum.

Nieft den ëffentlechen Investissementen um Niveau vum Zentralstaat sinn natierlech och d'Gemengen e wichtegen Acteur beim kollektiven Effort fir eng ekonomesch Relance an aus deem Grond huet d'Inneministesche Taina Bofferding d'Subside fir d'Équipementen, déi kollektiv sinn, d'Équipements collectifs, gehéicht, an dat net nëmme fir 2021, mee och réckwäertend fir 2020. Sënn an Zweck ass et, de Gemenge cibléiert ze hëllefe bei hiren Investissementsprojeten. An deem Kontext huet vläicht och deen een oder anere scho vergiess - oder wëllt et vergiessen -, dass et eng laangjäreg Fuerderung vun de Gemenge gewiescht ass, en dynamesche

Finanzement ze hunn, dee méi enk un d'Staatsfinanze selwer ugeknäppt ass.

An ech wëll och drun erënneren, dass d'Gemeengefinanzreform bei hirer Aféierung 90 Milliounen zousätzlech - 90 Milliounen zousätzlech! - fir d'Gemeenge virgesinn hat. Mat der favorabler Situatioun vun de Steuerrecetten déi lescht Joren hunn d'ailleurs och d'Gemengen dovunner konnte profitéieren. 2019, Dir Dammen an Dir Hären, sinn 208 Milliounen méi an d'Dëppen eragefloss wéi ursprénglech projézéiert. 208 Milliounen hunn d'Gemengen do méi kritt!

D'Inneministesche ass dëst Joer direkt an den Dialog mat den 102 Gemenge getrueden an ech begrëssen dat och ausdrécklech. Si mécht an hirem Ministère e Monitoring op Basis vun engem Ampelsystem, fir d'Situatioun vun der Verschuldung vun den eenzelne Gemenge permanent kënnen ze suivéieren.

D'Regierung mécht deemno hiert Bescht, fir keen am Ree stoen ze loosse. Falsch wier et gewiescht, keng Aidé virzegesinn an de Chômage partiel net auszwäiten. Dann hätte mer zwar 2020 ouni Zweifel e manner héijen Defizit gehat, mee mir hätten awer 2021, 2022 an 2023 an och doriwwer eraus eng Well vu Faillitte gehat, eng Well vu Licenciementen, déi um finanziellen, mee virun allem um sozialen a mënschleche Plang enorm Käschte verursacht hätten, déi een dann net méi hätt kënnen ënner Kontroll bréngen.

Duerfir ass et richtig gewiescht, déi Aiden ze maachen, fir de Leit dobaussen ze hëllefen. Duerfir muss een och elo d'Evolution awer vun der ëffentlecher Schold an hire Kontext setzen. Insgesamt huet d'Regierung dëst Joer 4 Milliarden Euro nei Scholden opgehol, wouvun 1,5 Milliarden en Emprunt durable sinn. Dësen Emprunt durable, dee finanziéiert deemno eleng Projeten, déi e positiven ekologeschen an e positive sozialen Impakt hunn. Mir begrëssen dat ausdrécklech.

Am Moment läit den durchschnittlechen Zënssaz op all der ëffentlecher Schold vum Zentralstaat bei grad emol 0,69 %. De Käschtepunkt vun de Scholdenzënssaz ass deementspriedend gradesou histoiresch niddreg a läit bei 0,2 % vum PIB. Et ass sécher, dass kee Land onendlech laang all Joer Schold dierf maachen, mee an dëser Situatioun, Dir Dammen an Dir Hären, an dëser Situatioun wier et wirklech domm gewiescht, eis Économie an eis Salariéen hirem Schicksal ze iwwerloossen, just fir kënnen hei agreabel Chiffere virzeweisen.

Mir hunn dee Courage gehat, fir dat ze maachen, wat mer gemaach hunn, an dat ass och richtig esou.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - Et mécht och en Ennercheed, ob ee Scholde mécht a schwierigen Zäiten, fir eis Économie um Liewen ze halen, oder ob ee just Scholde mécht, fir „Wohlfühlambiente“ ze verstréimen.

All d'international Organisatiounen, ob et d'EU-Kommissioun, den FMI oder d'OECD ass, leeën de Staaten, déi sech et finanziell leeschte kënnen, un d'Häerz, grad elo eng ekonomesch Relance ze maachen. Wann ech mir d'Zuelen uckue vun eise No-peschland Däitschland, da stellen ech fest, dass si fir d'Joer 2021 180 Milliarden nei Scholden ophuelen an dass hir Staatsschold zanter dem Ausbroch vun der Pandemie bis Enn d'nächst Joer ëm 13 Prozentpunkte vun hirem PIB klamme wäert.

D'CDU, d'CSV-Schwësterpartei, wíelt hei mam Koalitionspartner, der SPD, jo, dee selwechte Wee wéi Lëtzebuerg a geet e Wee vun der ekonomescher Relance, mécht Scholden, fir d'Économie um Liewen ze halen an d'Betriber an d'Salariéen ze schützen. De Finanzminister huet et gesot, dat ass dee richtige Wee a mir sti voll a ganz hannert dëser Initiativ, fir dat ze maachen!

Souwuel 2018 wéi 2019, am Géigesaz zu 2013 iwwregens, hate mir am Budget um Niveau vum Zentralstaat en Iwwerschoss, den Här Baum huet et gesot an den Här Finanzminister huet et och gesot, vu 528 Milliounen Euro a fir 2019 nach eng kéier 60 Milliounen.

Lëtzebuerg ka sech also eng kontrazyklesche Finanzpolitik leeschten, well d'Regierung huet hir Hausaufgabe gemaach.

Mir haten also méi wéi nëmmen en Apel fir den Duuscht op der Säit, op alle Fall méi wéi 2013, deen eis dës Investissementspolitik iwwerhaapt erlaabt huet. An domadder maache mer och u sech näischt aneschters wéi no der Finanzkris 2008, wou Lëtzebuerg och eng Politik vun der Relance aus der Nout eraus gemaach huet.

Deemoos wéi haut ass de Wee och dee richtigen. An ech wëll hei awer kuerz op deen Apel fir den Duuscht hei zrëckkommen, well dat gëtt esou oft gebraucht an dat klängt e bëssen esou, wéi d'Madamm Hansen gesot huet: Wann s de am Summer an d'Vakanz fiers, muss de nach kucken, dass de am Wanter och Suen hues. Dat hei klängt e bëssen esou: En Apel fir den Duuscht - du hues ënnert



dengem Kappkëssen nach esou eng Mouk leien, an déi s de heiansdo kéints dragräifen.

Mee, Madamm Hansen, esou fonctionéiert e Budget awer net. Dat fonctionéiert vläicht bei lech doheem esou an dat ass och gutt esou. Bei eis doheem fonctionéiert dat och, mee e Budget fonctionéiert awer net esou. An do muss een d'Suen affektéieren. An d'Sue sinn, Dir Dammen an Dir Hären, affektéiert ginn - mir hunn de Fonds des routes, mir hunn de Fonds du rail -, well soss wieren déi Investissementer, déi mer hei maachen, vun 3,5 Milliarden, iwwerhaupt guer net méiglech.

(Interruption)

Mir hunn de Fonds pour le climat (veuillez lire: „Fonds climat et énergie“), deen elo virun enger Woch nach hei eng Kéier opgestockt gouf an anescht genannt ginn ass, a mir hunn 2016 (veuillez lire: 2014) de Fonds intergénérationnel (veuillez lire: Fonds souverain intergénérationnel) hei gegrënnt, wou elo bal 400 Milliounen dra sinn.

Wou waren déi Fongen dann? Wou waren déi Fongen dann, vun deenen Dir hei schwätzt, den Apel fir den Duuscht, dee mer haten 2013, wou mer minus 500 Milliounen haten? An elo hu mer plus 500 Milliounen an eisem Zentralstaat.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. André Bauler (DP).** - Et kann een dervunner schwätzen; et muss een en och schafen.

(Brouhaha)

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - Haalt dach op, iwwer esou Saachen ze schwätzen, déi wierklech falsch sinn. A mir hunn 1 Milliard Excedent an der Sécurité sociale a mir hunn 22 Milliarden am Pensiounsfong, 22 Milliarde Rescht.

Also, Dir schwätzt hei vum Apel fir den Duuscht - do ass den Apel fir den Duuscht! An déi Investissementer, déi mer hei zu Lëtzebuerg maachen, och dat ass den Apel fir den Duuscht.

(Brouhaha)

■ **M. Sven Clement (Piraten).** - De Pensiounsfong däerf een dach net upaken!

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **Une autre voix.** - Et ass Zäit, dass dat emol gesot ginn ass.

(Hilarité)

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - A wann ech dann hei héieren ...

(Brouhaha)

Nach eng Kéier, wann ech dann hei héieren d'CSV vum Apel fir den Duuscht schwätzen, da kréien ech bal e roude Kapp - dat passt jo bei mech -, mee dann erënneren ech mech un 2013, wou dës Regierung hei d'Zigel an d'Hand geholl huet, 2013, wou mer minus 500 Milliounen am Zentralstaat Defizit haten, do ass dës Regierung ugetrueden a si huet e Mesurékatalog mat Mesuren a mat Steiermesurë proposéiert - 258 Mesurë goufen do proposéiert. Ech hunn haut nach déi éischt Mesure vun der CSV ze héieren, wou se géife spueren.

Mee wat d'CSV géif maachen: Si géif Suen ausginn, lénks a riets, Suen ausginn oder ...

■ **Mme Martine Hansen (CSV).** - Sozial Selektivitéit, déi gött et bei lech net. D'Sozialisten hunn déi u sech ...

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - ... déi Suen, déi de Staat géif kréien, géife se reduzéieren. Wat huet d'CSV nach virun engem Joer hei gefuerdert? D'Indexéierung vum Kannergeld, méi Suen ausginn.

■ **Mme Martine Hansen (CSV).** - ... d'Pension de vie chère ...

■ **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.** - Wannechgelift!

■ **M. Sven Clement (Piraten).** - Mee Dir maacht den Index op d'Kannergeld dach.

■ **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.** - Entschëllegt, Här Engel. Ech wollt just soen, et huet jiddweree genuch Riedezäit hei, fir dat en ordre ze maachen an net dertëscht ze schwätzen, well do-bausse versteet da kee méi eppes.

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - Jo, dat ass vläicht dat, wat se gären hätten. Ech soen duerfir nach eng Kéier: Wat huet d'CSV gefuerdert? D'Indexéierung vum Kannergeld direkt ze maachen, well mer do apparentement ze vill Suen an der Keess haten. D'Solidaritéitssteuer net ofzeschaffen, mee erofzesetzen! Dat huet eis immens vill gehollef - dat hätt eis immens geschuet, wa mer dat gemaach hätten, wéi Dir et gesot hutt -, et huet eis immens gehollef, dass mer et net gemaach hunn.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - Well an dëser Kris hu mer dës Sue ganz néideg gebraucht. Duerfir, wann Der hei vum Apel fir den Duuscht schwätzt, vun där ganz grousser wäitsichteger Politik, déi Der 2013 hat, géif ech awer e bësse mat Retenue hei glänzen, well dat géif lech vill besser stoen.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - Mat dësem Budget ...

■ **M. Gilles Roth (CSV).** - Dir waart an der Koalitioun 2013.

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - Jo, ech weess, dass mer an der Koalitioun waren 2013, dat kënnt Der roueg soen, Här Roth. Mir waren 2013 mat der CSV an der Koalitioun an do hate mer en Defizit vu minus 500 Milliounen. Mir sinn elo mat der DP a mat deene Gréngen an der Koalitioun a mir hunn elo e Plus vu 500 Milliounen. Cherchez l'erreur!

(Hilarité et brouhaha)

Mat dësem Budget, Dir Dammen an Dir Hären, setze mer awer net nëmmen eng Krisebewältegung a Musek ëm, mee mir setzen och politesch Akzenter fir d'Zukunft. Nieft der Pandemie gött et nämlech och e weidere Chantier vun internationaler Bedeitung, wou mer keng Zäit ze verléieren hunn, an et ass gëschter am Rapport vum Rapportier méi wéi eemol ugeklongen: Dat ass d'Klimakris.

An aus deem Grond ass och elo Lëtzebuerg op dee Wee gaangen, eng CO₂-Steier anzeféieren. Et ass deen effektivste Wee, fir de Prinzip vum Pollueur-payeur ëmzesetzen, well mer mat der CO₂-Steier déi fossill Energie genau an deem Mooss méi besteieren, wéi et hirer jeeweileger „teneur carbonique“ entsprécht. Et ass manner arbiträr wéi einfach iergendeng Accisenerhéijung aus dem Bauchgefill eraus.

A besonnesch houfreg, Dir Dammen an Dir Hären, si mir als LSAP dorop, dass mer et fäerdegbruecht hunn, als eent vun deene weinegen - ech menge souguer warscheinlech, als eent vun den eenzege Länner - eng sozial Kompensatioun gläichzäitig anzeféieren, déi gezielt deene méi schwache Schëlleren hëlleft an dëser Bewältegung vun där CO₂-Steier. Bis zu 96 Euro méi d'Joer si virgesi beim Crédit d'impôt, wat e moderate Käschtepunkt vu 50 Milliounen wäert no sech zéien. D'Erhéijung vum Crédit d'impôt, déi kënnt nämlech alle Salarieën, alle Pensionnären, allen Independanten an de Chômeuren zegutt. An och d'Augmentatioun vun der Allocation de vie chère ëm 10 % geet an déi richteg Richtung.

De Statec geet dervunner aus, dass d'Recettë vu ronn 140 Milliounen Euro vun der CO₂-Steier just zu 22 % vun de Steit wäerte gedroe ginn an zu 23 % vun den Entreprises, a 55 % wäerte vun Netresidente gedroe ginn, wat de Spigel vum bekannte Phänomeen vum Tanktourismus ass.

De Statec hält a senge Projektione fest, dass d'CO₂-Steier fir déi ënnescht 20 % vun de Steit zwar engersäits eng Moyenne vun 135 Euro d'Joer kaschte wäert, anersäits awer ronn 140 Euro d'Joer duerch déi sozial Kompensatiounen méi wäert an der Lountut bréngen. Dat heescht, et kascht 135 Euro an et bréngt hinnen der 140.

Ech kenne kee Land ausser eis, dat dat fäerdegbruecht huet, an déi Steit, déi kréien deemno d'CO₂-Steier integral sozial kompenséiert. Dat ass richteg esou.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - D'Wichtigkeet vun der Ëmwelt spigelt sech am Budget awer net nëmmen an der d'CO₂-Steier erëm. De Fonds spécial climat et énergie, ech hunn e virdrun ugeschwat, wat en Apel fir den Duuscht ass, ass mam Budget 2011 geschafe ginn. Seng Gouvernance ass kierzlech hei gestärkt ginn.

Tëscht 2014 an 2019 hu sech d'Ausgabe vum Fonds bei ëm déi 85 Milliounen Euro d'Joer agependelt. Allerdéngs gött et e groussen Ecart tëscht den Depensen, déi virgesi ginn, engersäits an den effektiven Depensen anersäits. Nëmmen 62 % vun den Depensen, déi tëscht 2014 an 2019 virgesi waren, goufen och effektiv genotzt.

An hei wier et sënnavoll, wann ee méi prezis kéint eng Feuille de route erstellen. Och fir d'Chamber wier et sënnavoll, am Budgetsdokument méi Informatiounen ze fannen, wou d'Rees da soll higoen, zemoos wann ee gesäit, dass déi geplangten Depensë vun 2019 op 2020 ëm 60 % geklomme sinn a sech duerno weider op engem héijen Niveau beweegen. Och fir aner Fonge wier et gutt, de Programm vun den Depensen am Budgetsdokument ze ergänze mat den duerch eng Loi spéciale autoriséierte Projeten.

Dir Dammen an Hären, all gréisser ekonomesch Kris ass en aschneidende Virgang. Et kann een awer och e Stéck wäit vläicht vun enger, jo, Chance - d'Madamm Hansen hat en anert Wuert wéi „Chance“ ...

■ **Mme Martine Hansen (CSV).** - Geleeënheet.

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - ... vu „Geleeënheet“, ech fannen dat och besser, well „Geleeënheet“ besser ass wéi „Chance“, ...

■ **M. André Bauler (DP).** - Eng Opportunitéit.

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - ... well u sech an enger Kris vun enger „Chance“ ze schwätzen, ass

net dat Richtegt, also vun enger „Geleeënheet“ ze schwätzen, hei, fir Är Reflexiounen ze maachen.

Ech mengen, dass sech vill Leit déi lescht Méint d'Fro gestallt hunn, ob d'Globaliséierung net muss iwwerduecht ginn. Net, dass ee misst alles grond-sätzlech a Fro stellen, mee dass bestëmmten Exzesser müssen agedämmt ginn. An duerfir wëlle mir eis asetzen, fir d'globaliséiert Produktiounsketten do ze brieche, wou et Sënn mécht, an erëm méi lokal a regional ze produzéieren an ze konsuméieren.

D'Regierung ass beméit, en Ëmdenken a Richtung Nohaltegkeet matzëbegleeden. De Wirtschaftsminister Franz Fayot huet net nëmme séier a konsequent Hëllef fir Betriber en place gesat, déi pertinent Produite bei eis produzéieren, an der Lutte géint d'Covidpandemie. Hien huet och cibléiert Hëllef fir Investissementer a Projete vun der Innovation de procédé oder der energeetescher Effikassitéit respektiv dem Depassement vun Ëmweltnormen ëmgesat.

Et ass grad elo dee richteg Moment, fir d'Betriber ze ënnerstëtzen, hir néideg Investitiounen fir muer bäizebehale. Domadder behale mer eng kompetitiv Wirtschaft an eng Wirtschaft, déi eis begrenzt Ressourcen och ëmmer besser schount.

D'Economie, Dir Dammen an Dir Hären, ass eng Humanwëssenschaft a si ass an enger konstanter Evolutioun. Déi englesch Ekonomistin Kate Raworth huet am Joer 2017 e Buch publizéiert mam Titel „Doughnut Economics: Seven Ways to Think Like a 21st-Century Economist“. De Begrëff vun den „doughnut economics“ huet sech relativ séier verbreet. D'Kate Raworth, déi ënner anerem bei der UNO a bei Oxfam wäertvoll Aarbecht geleescht huet, weist eis hei de Modell vun enger Economie, déi an hiren Zentrum, also an d'Lach vum Donut, déi essenziell mënschlech Bedierfnesser stellt wéi lessen, Education, Gesondheet, Energie, sozial Gerechtegkeet a Gläichheet tëscht Mann a Fra. Den Donut geet aus dem Zentrum fort an desto méi den Donut ausgefëllt ass, desto besser sinn déi mënschlech a sozial Bedierfnesser erfëllt. An esou passt dës Budget och op dës sozial Komponent, well 48 % vun den Depensë vum Zentralstaat - dat maachen 10,4 Milliarden Euro aus - sinn Depensë fir eise Sozialsystem. An déi sinn eis als LSAP besonnesch essenziell a besonnesch wichteg.

Ech wëll hei just e puer Zuelen nennen. D'Participation vum Staat un den Ausgabe vum der Maladie, der Maternité an der Dependence: 1.358 Milliounen fir d'Maladie, 319 Milliounen fir d'Dependance an 20 Milliounen Dotation forfaitaire fir d'Assurance maladie-maternité. D'Dotation fir d'Kannergeldkeess, wou den absolute Gros fir d'Kannergeld ass: 1.236 Milliounen. De Fonds national de solidarité: 352 Milliounen. D'Contribution vum Impôt de solidarité am Fonds pour l'emploi: 561 Milliounen - ee Gléck, dass mer deen net substanzuell duerch d'Reduzéierung vun der Solidaritéitssteuer erofgesat hunn. An dann nach eng extraordinär Ausgab fir de Fonds pour l'emploi vun 110 Milliounen. Fir de Logement: 263 Milliounen - e Plus vun 11 %. D'Participation vum Staat fir d'SEA, d'Services d'éducation et d'accueil: 505 Milliounen. An eppes, wat eis och ganz wichteg ass, d'Coopération au développement an d'Action humanitaire: 291 Milliounen, 35 % vum Budget vum Ausseministère.

Fir eis sinn dat déi wichtegst Eckwäerter an dësem Budget a si spillen an den „doughnut economics“ eng essenziell wichteg Roll. En Donut ass ronn an huet natierlech e Bord. Dee Bord, dat sinn d'Limite vun den Ëmweltschied, déi mer eisem Planéit zoumude kënnen. A wann ech gëschter héieren hunn, wa mer esou géife weiderliewen a just Lëtzebuerg d'Äerd wier, da bräichte mer aachtmol eise Planéit, fir mat deene Ressourcen, déi mer hei verbrauchen, eens ze ginn, also da musse mer dorobber oppassen.

An duerfir, gi mer iwwert dee Bord eraus, da maahe mer en Overshoot, dee mer och hei zu Lëtzebuerg maachen. An anere Wieder: Mir schueden der Mënscheit an der Ëmwelt. Mir müssen also bis un de Bord vun eisem Donut kommen an net driwwer. A wa mer genau do sinn, dann hu mer eng regenerativ Economie, déi de Räichtum dann och gerecht verdeelt. An dat muss eist Zil sinn, Dir Dammen an Dir Hären.

De Budgetsrapport fir 2020 vum Yves Cruchten huet sech mat der Dimensioun vum Bien-être an domadder och de „welfare economics“ auserneeegesat. Eng performant Economie brauch och performant Moossinstrumenter, déi net nëmmen d'Produktioun erfassen, mee och de Mënsch, dem Mënsch als wichtegsten Ateur vun all Economie eng Plaz ginn.

An ech si frou ze gesinn, dass dem François Benoy säi Rapport déi Thematik nach eng Kéier sträift. Ech wëilt awer och dem Statec e Luef ausschwätzen, dee mat senge Mëttele probéiert, de Bien-être vun de Leit statistesch opzegräifen. Dat ass e wichtigen Exercice.

De leschte Mount huet de Statec en ëmfaassende Rapport erausginn, de Rapport „PIBien-être“, an op

dee wëll ech och nach eng Kéier zrëckkommen. Dës Rapport huet vun deenen ursprénglech 63 Indicateure vum Tableau de bord no enger déifgräifender Analys der nach 27 zrëckbehale, vun deene 24 Indicateure kënnen all Joer aktualiséiert ginn.

Den Tableau de bord deckt weiderhin eelef Theemfelder of: Revenu a Patrimoine, Aarbecht, Logement, Santé, Equilibre tëscht der Vie professionnelle an der Vie privée, Education a Kultur, sozial Bindungen, Gouvernance a Citoyenneté, Ëmwelt, physisch Sécherheet an och nach de Bien-être als solchen.

D'Resultat vun dësen Indicateuren ass an de Kontext gesat gi mat den Aussoe vu Residenten, déi während dem Confinement iwwer verschidden Aspekter vun hirem Liewe befreit si ginn. Zanter 2010 gött et also hei zu Lëtzebuerg Beméiungen, fir d'Wuelbefannen unhand vum Tableau de bord ze moossen, also quasi bei de Leit hei am Land de Bols ze fillen. Zesummegefaasst gött d'Wuelbefannen an engem synthetiséierte „Luxembourg Index of Well-Being“.

Et kann ee graff aus deem Rapport oder aus deene Rapporten alleguer schléissen, dass d'Wuelbefannen, iwwert d'Zäitfenster 2010 bis 2019 gekuckt, ganz licht eropgeet, awer vill manner eropgeet wéi eise PIB notament. Den Déifpunkt huet d'Wuelbefannen zu Lëtzebuerg am Joer 2013, o Wonner, erreecht. Grond duerfir war dem Rapport no virun allem eng ongewëss Situatioun um Lëtzeburger Aarbechtmarché an de Vertrauensverloscht an d'politesch Institutionen.

Zanter 2014 ass d'Wuelbefannen erëm licht geklommen, wat sech net duerch monetär Indicateuren erkläert, mee notament duerch méi Zäit fir Aktivitéiten ausserhalb vum Berufsliwien. Déi net monetär Indicateure spillen am Wuelbefanne vun de Leit deemno eng ëmmer méi grouss Roll. 2020 ass natierlech e ganz speziell an och ganz problematescht Joer fir d'Wuelbefannen. De Lockdown, deen néideg war, fir déi éischt Well vun der Pandemie ze iwwerstoen, huet natierlech Konsequenze gehat um Niveau vun de soziale Bindungen a vun der mentaler Gesondheet.

De Rapport fir dëst Joer ass hei besonnesch wäertvoll, well en eis Opschloss gött iwwert d'Fro, wéi eng Kategorie vu Leit verhältnisméisseg am meeschten impaktéiert gewiescht ass. D'Angscht, seng Aarbecht ze verléieren, hunn an éischter Linn Residenten mat franséischer a portugisescher Nationalitéit gehat. Den Travail gëtt sengersäits éischer positiv bewäert, well en eng besser Conciliatioun tëscht Berufs- a Privatliwien erméiglecht. Allerdéngs seet de Rapport, dass d'Satisfactioun mam Travail erofgeet, wann ee méi wéi 16 Stonnen d'Woch am Travail ass, wat sech och u sech iwwerschnit mat den Aussoen, déi ech bis elo héieren hunn, méi wéi zwee Deeg wier net gutt, et sollt ee bei maximum zwee Deeg bleiwen.

An ech sinn och frou, dass mer en Accord fonnt hunn iwwerens - Klammer op - mat eisen Nopeschlänner, wou mer den Travail kënnen nach eng Zäitche weiderféieren, ouni dass dat steierlech No-deeler huet - Klammer zou.

Et verwonnert sécherlech keen hei am Sall, dass mat dem Confinement an dem Ralentissement vun der wirtschaftlecher Aktivitéit d'Revenuen erofgaange sinn. Allerdéngs stécht aus dem Rapport eraus, dass Frae grad wéi Jonker déi Baisse vun de Revenuen daitlech méi ze spiere kréien. Dat dierf eis net egal sinn an dat musse mir alleguerten am A behalen.

58 % vun de Residenten hu sech an de Méint Abrëll, Mee a Juni méi eleng gefillt wéi soss. Insgesamt hunn 19 % vun de Leit an deenen dräi Méint sech vill méi eleng gespiert wéi soss. Déi éischt Wochen am Confinement hunn en eeschte psychologeschen Impakt gehat op - an dat ass wichteg - virun allem déi Jonk tëscht 15 a 34 Joer. An dëser Alters-tranche hunn net manner wéi 30 % ugin, dass si sech méi oft depressiv spiere wéi virun dem Covid-19. Insgesamt ass et dann och déi Alters-tranche, déi am meeschte vun engem Gefill vun Depressioun betraff ass.

Dës Erkenntnis, Dir Dammen an Dir Hären, déi ass immens wichteg! Mir müssen hei extreem vigilant sinn an eis ëm déi Jonk do këmmen. Mir musse Verständnis opbréngen fir d'Situatioun, an där sech vill Jonker befannen. Déi Zäit, an där Jonker normalerweis d'Liewen entdecken, sech selwer fannen an och d'Welt dobaussen entdecken, sech hinnen zu engem gudde Stéck geholl ginn. An dat soll eis hei net egal sinn a mir müssen do wierklech extreem vigilant sinn.

Leit mat engem héije Revenu, déi hunn oft manner d'Gefill gehat vun der Depressioun, wat een zum Deel jo och ka verstoen.

Et kann een deemno als Konklusioun festhalen, dass grad déi Leit an eiser Gesellschaft, déi ekonomesch a sozial gesinn am vulnerabelste sinn - Fraen, Jonker a Leit mat niddregem Akommes - d'Kris am meeschte spieren. Wierklech verwonne-ren deet dat eis wuel net, mee d'Ausmooss kann awer nodenklech stëmmen. A virun allem ass et



Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens :
Luxemburger Wort, Tageblatt, Zeitung vum Lëtzebuurger Vollek

Contenu rédactionnel :
Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Saisie de texte :
Espace Médias SA, Esch-sur-Alzette

Conception et mise en page :
Espace Médias SA, Esch-sur-Alzette

Concept et coordination générale :
brain&more, agence en communication, Luxembourg

Imprimeries :
Mediahuis Luxembourg SA
60, rue des Bruyères
L-1274 Howald

Editpress SA
Belval Plaza, 7, avenue du Rock'n'Roll
L-4361 Esch-sur-Alzette

wichtig, dass sech d'Politik net op hiert Bauchgefühl oder op d'Intuition verléisst, op jiddwerengem säi perséinlecht Ëmfeld, wat awer net onbedéngt muss representativ sinn, mee dass mir eis och déi net monetär Dimensioun vum Wuelbefanne weider statistesch erfaasse loossen.

An enger zweeter Etapp wäert et dorobber ukommen, déi richteg politesch Schlëss och aus dëser Analys ze zéien. Dëst ass ëmsou méi wichtig, well, och wann de PIB erëm eng Kéier klamme wäert, déi sozial a psychologesch Konsequenze vun der Kris nach ëmmer laang nowierke wäerten.

Dir Dammen an Dir Hären, ech sinn elo e bësse méi laang op de PIB du bien-être agaangen, an dat net fir näischt, well och d'Cour des comptes mécht an hirem Avis d'Suggestioun, dass sech Lëtzebuerg iwwerleeë soll, sech der Wellbeing Economy Alliance unzeschleissen. Dës Allianz vun der Zivillgesellschaft, diversen Organisationsen a Länner huet sech zum Zil gesat, en Narrativ ze schafen, fir d'Wirtschaft méi nohalteg op d'Wuelbefannen ëmzestellen a fir d'Wëssen an d'Erfahrung doriwwer ze deelen.

Et gëtt net nëmmen de PIB économique, et gëtt och nach de PIB du bien-être, deen ee muss moossen. A virun allem Neiseeland, Schottland an Island si ganz staark do engagéiert, si sinn d'Policymakers an deem Beräich. Ech denken, Lëtzebuerg kann do nach esou munches bäilieren, virun allem bei der Evaluatioun vun den Effete vu senge Politicken op d'Wuelbefanne vun der Gesellschaft.

Den Yves Cruchten hat dat a sengem Budgetsrapport scho gesot an et ass derwäert, nach eng Kéier ënnerstrach ze ginn: Wa mir et net fäerdegbréngen, eis Moossinstrumenter esou ze moderniséieren, dass se sech op d'mannst zum Deel mat der Liebensqualitéit vun de Leit decken, da verléiere mer eis Bierger no an no!

D'LSAP steet also fir eng Regierungspolitik, déi déi Problemer do erkennt an déi och do no Léisunge sicht. D'LSAP bleift awer och de Garant derfir, dass déi sanitär Kris net zu enger sozialer Kris ausaart. Mir ginn de Leit Hoffnung a mir appelléieren un déi gutt Gefiller am Mënsch, nämlech d'Gefill vun der Solidaritéit a vum Versteesdemech. D'LSAP këmmert sech!

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren, soen och dem Rapporteur François Benoy Merci fir säi schréfftlechen a gudde mëndleche Rapport an ech ginn heimadder den Accord zum Budget 2021 vun der LSAP-Fraktioun.

Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance.* - Merci och dem Här Engel. Den Här Spautz huet d'Wuert.

■ **M. Marc Spautz** (CSV). - Här President, ech wollt op eppes reagéieren, wat den Här Engel gesot huet, an och op déi ustéisseg Remark u meng Adress, wat d'Spidolsbetter ubelaangt. Ech mengen, da wier et vläicht wichtig, dass mer den Här Sozialminister heihinnerkomme loossen, well am Rapport vun der IGSS, deen elo publizéiert ginn ass am September 2020, steet bei de Spidolsbetter fir Lëtzebuerg 2009 5,5 Better op 1.000 Awunner a fir 2018 4,5 Better op 1.000 Awunner. A menges Wëssens ass 5,5 méi wéi 4,5.

Den Här Engel huet hei behaupt, ech hätt eppes Falsches an d'Welt gesat. An et ass dofir, dass ech wëll soen: Da misst den Här Schneider heihinnerkommen a kloerstellen, ob d'Zuelen am Rapport, deen de September vun der IGSS mat der OECD verëffentlecht ginn ass, richteg sinn oder net. Well do steet genau dat dran, wat ech hei gesot hunn.

An ech wëll och soen, ech kann och nach eng Kéier de Projet de loi vun der Madamm Mutsch vun 2016 eraushuele mat alleguerten den Zuele vun de Better, wann dat erwënscht ass. Dofir meng Reaktioun op dat, wat eng perséinlech Attack war vum Här Engel op meng Persoun, mat falschem Material.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Georges Engel** (LSAP). - Här President!

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance.* - Selbstverständlich, Här Engel.

■ **M. Georges Engel** (LSAP). - Jo, Här Spautz, ech wëll lech natierlech net perséinlech attackéieren, duerfir kann ech lech ze vill gutt leiden. Wann Dir dat esou gesot hätt, wéi Der dat elo gesot hutt, da wier dat och keng Reaktioun vu mir ginn. Well domadder hutt Der jo vläicht net Onrecht, dass prozentual d'Zuel vun de Better ofgehol huet par rapport zu der Bevëlkerung. Mee Dir hutt dat net gesot! Dir hutt gesot: „D'Zuel vun de Better ass erofgaangen.“ An dat ass falsch! Well d'Zuel vun de Better ass eropgaangen! Si ass vläicht prozentual zu der Bevëlkerung erofgaangen, mee d'Zuel, déi absolutt Zuel vun de Better, ass an d'Luucht gaangen.

Wann Dir elo eppes aneres sot wéi dat vu virdrun, da musst Der natierlech och verstoen, dass ech virdrun anescht reagéiert hunn, wéi ech elo reagéieren.

■ **M. Marc Spautz** (CSV). - De Patient dobausse versteet, wat Der gesot hutt!

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance.* - Merci Dir zwee. Dir hutt also allen zwee e bësse Recht.

(*Hilarité générale*)

Sou, da géif ech elo d'Wuert weiderginn un d'Madamm Lorsché.

■ **M. André Bauler** (DP). - E weise Statement!

■ **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*). - Dat ass da mäin zweeten Ulaf.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi all Joer bidden d'Budgetsdebatten eis jo d'Geleeënheet, d'Finanzpolitik vun der Regierung aus deene verschiddenste Perspektiven ze belichten an och ze diskutéieren. Allerdéngs si mer net all Joer mat enger Kris konfrontéiert. Déi lescht geet zrëck op d'Joren 2008/2009, wéi souwuel d'Regierung wéi och d'Chamber nach ganz anescht ausgesinn hunn. Souguer déi, déi deemools schonn hei souzen, gesinn haut e bëssen anescht aus. Ech war nach net derbäi.

Deemools hunn d'Lehman Brothers d'Banken infizéiert. De Covid infizéiert d'Mënschen an dat ass nach vill méi dramatesch. D'Konsequenze si bekannt a spigele sech am Budget zrëck. Während d'Krise sech normalerweis ukënnegen, si mir vun der Covidkris total iwwerrascht ginn a mir wëssen alleguer: Dës Kris zitt sech queesch duerch déi sozial Schichten an d'Generatiounen, queesch duerch d'Secteuren a queesch duerch d'Geografie.

Dat huet d'Budgetpolitik an de leschte Méint net einfach gemaach an de Staatsbudget virun onerwaart grouss Defie gestallt, net just um Niveau vun der Santé, mee och um Niveau vum Aarbechtsmaart, der Ekonomie, de Verwaltungen, de Schoulen a Betreuungsstrukturen, de Familien an de vulnerable Mënschen an eiser Gesellschaft. De finanziellen Äerdrutsch, deen dës Situatioun mat sech bruecht huet, war scho fréi mat Zuele beluecht. A spéitstens Enn Oktober huet sech erausgestallt, dass d'Recettë vum Staat fir dëst Joer substanzéiell géife fale par rapport zu deem, wat virausgesot gi war.

Deem géintiwier war den Total vun den Depensen, déi fir dat ganz Joer am Budget virgesi waren, schonn am Oktober iwwerschrott. Dat heescht natierlech net, dass d'Regierung an eng Verschwendungspolitik verfall wier. Dat heescht eenzeg an eleng, dass vill Geld zur Verfügung gestallt ginn ass, fir déi vill Kollateralschied vun der Kris a Grenzen ze halen. An Terme vum Budget ausgedréckt si fir déi sougenannt Covidmesuren insgesamt 350 Milliounen Euro (veuillez lire: iwwer 350 Milliounen Euro) investéiert ginn. Mam Chômage partiel konnten eleng an den éischte véier Méint vun der Pandemie 375.000 Salariéen an der Aarbecht gehale ginn an op ekonomeschem Niveau konnten iwwer 14.800 Entreprisë vu geziilte Moossname profitéieren.

Fir eist klengt Land, Dir Dammen an Dir Hären, sinn dat schonn erstaunlech héich Zuelen, déi ville Mënsche gehollef hunn. Dës Entwécklung, déi de Kolleeg François Benoy ganz gutt an extensiv a sengem Rapport beschriwwen huet, beweist, dass d'Chiffere vun dësem Budget op kee Fall an de Kontext vun de Previsiounen vun dem leschte Joer gesat därfe ginn, mee an de Kontext vun der aktueller Kris.

Dat stoung schonn am Abrëll fest, wéi den Här Pierre Gramegna eng éischte Kéier bei eis an de Bureau an an d'Conférence des Présidents kouw, an och deemools waren déi Problemer scho mat villen oppene Froen verbonnen - net nëmmen zu Lëtzebuerg, wéll ech betounen, mee och op europäischem Niveau, wou eis Regierung vun Ufank u Solidaritéit bewisen huet, während aner Länner sech desolidariséiert hunn.

Als Gréng begréisste mer déi proeuropäesch Haltung vu Lëtzebuerg an der Kris a mir begréissten ausdrécklech, dass mer op deem Wee weidergefuert sinn. An och wann de Schengen-Traité duerch déi zoue Grenzen durchlächert ginn ass, sou huet déi Lëtzebuerg Regierung staark derzou bäigedroen, dass déi Lächer nees zu engem gudden Deel konnte gefléckt ginn - an dat verdéngt Respekt!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, trotz all dësen onerwaart héijen Depensen an den onerwaart niddrege Recetten huet eis Regierung et fäerdegbruecht, d'Boot am Stuerem iwwer Waasser ze halen. An net méi spéit wéi de Moien huet de Minister Gramegna nach emol ënnerstrach, dass de Réckgang vum PIB mat 3,5 %, respektiv 4,5 % net esou dramatesch ass wéi virausgesot.

Jo, natierlech, mir hunn en Defizit am Zentralstaat. Deen Defizit läit bei 2,7 Milliarden Euro, dass ass déi plakeg Zuel. Wann een déi Zuel dann awer méi genee analyséiert, da gesäit een, wat mat deene Milliarden gemaach ginn ass: Si sinn an d'Mënschen investéiert ginn an hu gehollef, eis Gesellschaft an d'Betriber ze schützen. Mir sinn der Meinung, dass een dat net schlechtriiede kann an net schlechtriiede soll, an dat ass fir eis déi eenzeg Richtung, déi een a Krisenzäite kann aschloen.

Tatsaach ass, dass mer elo um Enn vum Joer op ville Pläng besser do stinn, wéi déi meescht aner Länner an Europa. Dat kënn virun allem dohier, dass mer besser wéi aner Länner fir eng Pandemie gerüst waren. Wat d'Stabilitéit vu Lëtzebuerg an där Hisiicht ugeet, esou leie mer laut dem Observatoire de la compétitivité souwuel um Niveau vun der wirtschaftlecher Struktur, dem Aarbechtsmaart, dem Gesundheitssystem wéi och dem Teletavail an der Gesellschaft generell op éischter Plaz an der Europäescher Unioun.

Dat ass e Resultat, dass sech weise léisst, an et ass op déi effikass Politik an natierlech och op déi gutt Konjunktur aus de leschten zéng Joer zréckzeféieren, mee och op en intelligente Management vun der Kris.

An awer därëf dës gudden Ranking eis net derzou verleeden, d'Hänn an de Schouss ze leeën, well och an Zukunft musse mer dës Kris, mee och nach aner Krisen meeschteren - an dat si Krisen, déi eis scho méi laang begleet wéi d'Pandemie; et ass déi vum Logement an et ass déi vum Klima, zwou Krisen, déi mat wuessende soziale Problemer a mat der wuessender Schéier tëscht Aarm a Räich verbundene sinn. Fir dës an aner Krisen ze meeschteren, brauche mer e staarke Staat, behaupt de François Benoy ganz richteg a sengem Rapport.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, de reguléierende Staat huet sech an der Pandemie ausgedeeent, am Fong ass en zu engem Virsuergestaat ginn. D'Gefor, déi sech dohannert verstoppt, ass net klengzerieden. Et ass déi, dass d'Bierger, mee och d'Betriber hir Verantwortung un de Staat ofginn. Dat därëf natierlech net zur Gewunnecht ginn, well jiddwereen dréit seng Verantwortung.

Et stellt awer net a Fro, dass mer weiderhin e staarke Staat brauchen, woumat ech och e staarke Sozialstaat mengen. Datt bal 50 % vun den Depense vum Zentralstaat an déi sozial Sécherheet am breede Sënn fléissen, an dat zu Lëtzebuerg och an Netpandemiezäiten, ass an där Hisiicht e staarkt Zeechen. Et mécht eis Gesellschaft an eis Wirtschaft méi widerstandsfäeg a resilient, wann et drop ukënn.

Dir Dammen an Dir Hären, domat sinn ech beim Schwiéerpunkt vum François Benoy sengem Budgetsrapport. Opgrond vun deem, wat mer an de leschte Méint erlieft hunn, an opgrond vun deem, wat nach op eis zoukënn, werft de Rapportier d'Fro op, wéi mer eist Land nach méi resilient, also méi krisefest, kënnen opstellen, fir gestärkt aus der Kris kënnen erauszegoen.

D'Äntwerte leie laut dem Rapportier a véier groussen Theemefelder, an zwar éischstens an den héijen Investissementen an d'Zukunft, op déi ech nach zréckkommen, am Schutz vum sozialen Zesummenhalt, am Opbau vun enger nohalteger Wirtschaft an, domat verbonnen, an der Stärkung vun eiser Wirtschaftspolitik. Och déi Theeme wäert ech nach eng Kéier widderhuelen. Seng Äntwerte ginn duerch ganzer 50 pertinent Recommendationen ergänzt, déi d'Politik virun hir Verantwortung stellen, net nëmme fir 2021, mee och wäit iwwert d'nächst Joer eraus.

Op eng Rei vun deenen Theemefelder wéll ech a menger Interventioun méi am Detail agoen, notament op déi, déi mer am Kader vun der Budgetpolitik am meeschten um Häerz leien, nodeems de

François Benoy eis gëschter duerch dee ganzen Zuelendschungel gefouert huet a gutt erkläert huet, dass de Staatsbudget méi komplex ass, wéi e Spuerschwéngchen am Kicheschaft mat Mënz ze féllen. Wichtig Theemefelder si fir mech de Gesundheitssektor, den Educations-, Kanner- a Jugendsektor, deen ech aus dem soziale Bléckwénkel wéll belichten, an donieft de Logement an déi nohalteg Entwécklung vum Land am breede Sënn.

Ech fänken u beim Gesundheitssektor, bei deem d'Depensen an zwee Joer vun 158 op 181 Milliounen Euro klammen - dovu si 25,4 Milliounen fir d'Personal reservéiert. De Gesundheitssektor kascht eis also net wéineg Geld, Dir Dammen an Dir Hären, an dat ass och gutt esou, well d'Gesondheet huet kee Präis.

Siele stoung de Gesundheitssektor esou am Fokus wéi dëst Joer an och am Joer 2021 wäert en am Fokus stoe bleiwen, engersäits, well d'Pandemie nach net eriwuer ass an ee weiderhin déi néideg personal a finanziell Mëttele brauch, fir d'Pandemie adequat ze geréieren, anerersäits, well d'Pandemie eng Rei strukturell Schwächte vum System bloussgeluecht huet. Fir dës Schwächte laangfristeg ze behiewen, brauche mer net nëmme Budget, mee mir brauchen och strukturell Reformen.

Dir Dammen an Dir Hären, d'Madamm Gesondheitsminister huet ganz Recht, wa se seet, dass een a Krisenzäite keng strukturell Reforme soll maachen, allerdéngs verhënnert dat net, dass mer se vorbereeden. Deen éischte groussen Defi besteet natierlech doran, der Penurie vun Dokterinnen a Fleegepersonal entgéintzewierken. Datt mer mat iwwer 60 % Frontalierinnen extreem ofhängeg vum Ausland sinn, gëtt an der Lescht ëmmer op en Neits ënnerstrach a spéitstens an der Pandemie ass et kengem méi entgaangen.

Wa mer da weiderhi vill Geld investéieren, fir eis Spideeler auszubauen a gutt auszustatte mat deene beschten Apparater, an esouguer an e Militärspidol investéieren, dann ass dat eng gutt Saach, fir d'Versuergung vun de Biergerinnen a Bierger weiderhin ze verbessern. Allerdéngs kënnen dës Infrastrukturen, Apparater a Maschinnen nëmmen da gutt fonctionéieren, wa mer genuch qualifizéiert Personal hunn, fir se ze bedéngen a fir déi medezinnesch Servicer ze assuréieren an um Liewen ze halen.

Ouni nach eemol op de Rapport „Lair“ anzegoen, wéll ech ënnersträichen, dass mir als Chamber um Ball bleiwen an eis an der Santéskommissioun nach emol intensiv mat deem Theema befaassen. Wichtig ass a bleift jiddefalls, dass d'Formatioun vum Gesundheitspersonal zu Lëtzebuerg nei ausgerichtet an ausgebaut gëtt, fir se méi attraktiv ze maachen. Et ass virdru schonn ënnerstrach ginn an och de François Benoy huet a sengem Budgetsrapport drop higewisen.

Dozou gehéiert an eisen Aen eng Medezinnerformatioun zu Lëtzebuerg an Zesummenaarbecht mam Ausland - eleng kënnen mer dat net stemmen. Mir hu se schonn an d'Weeër geleet.

Dozou gehéiert awer och d'Opwärtung vum Infirmiersberuff, wou mer derfir plädéieren, dass dee wichtige Beruff un e Bachelorsdiplom gebonne gëtt, mat der uschleissender Méiglechkeet vun enger Spezialisatioun. Ech denken, dee Wee géif de Beruff méi attraktiv an interessant maachen.

E weidere Chantier ass de Virage ambulatoire, deen och deemnächst an der Chamber wäert diskutéiert ginn an eng dezentral Versuergung vun der Bevëlkerung ausserhalb vun de Spideeler ka garantéieren. Datt selwecht zielt dann och fir Gemeinschaftspraxissen am ländlechen Raum, déi enk mat de Spideeler vernetzt musse ginn. Dës géifen d'Spideeler nohalteg entlaaschten an de Patiente laang Weeër erspieren.

Dir Dammen an Dir Hären, vill Potenzial gesi mer och an der Preventioun, wou ech e bësse méi wéll aushuelen, d'Potenzial, fir d'Gesondheet an de Bien-être vun de Biergerinnen a Bierger ze stäerken, mee och am Sënn vun Aspueerpotenzial am Staatsbudget.

Duerch e personaliséierte Suivi a geziilte Programmer kënnen eng Partie Gesundheitsproblemer bekanntlech vun Ufank un, eier se iwwerhaupt entstinn, verhënnert ginn. Spéitstens da stellt sech d'Fro, wat méi deier gëtt: vill chronesch krank Mënsche während Joren ze behandelen oder fréizäiteg derfir suergen, dass méiglechst wéineg Mënsche chronesch krank ginn. Ech denken, d'Äntwert läit op der Hand!

Här President, wann ee sech dann ukuckt, wéi vill Geld duerch d'Vente vun Alkohol an Tubak an d'Staatskeess fléisst, da kann ee sech net freeën - quitte dass déi Gelder eis vum finanzielle Standpunkt hier méi räich maachen. Aus gesondheetlecher Perspektiv maache se eis méi aarm, well d'Suchtverhalten net nëmmen zu chronesche Krankheete féiert, mee och zu héije Behandlungskäschten, déi sech negativ op de Budget vun der Gesondheitskeess auswirken.



Um Niveau vun den Accisen um Tabak an um Alkohol sinn am Budget 2020 Rekordeinnamen ze verzechnen, während d'Previsiounen am Pluriannuel nach weider eropginn. Ech muss soen, aus gesondheetspolitescher a preventiver Siicht ass déi Entwécklung dach beonrouegend! Am Fong liwwert se de Beweis, datt weeder de Plan tabac nach de Plan alcool bis elo déi Friichte gedroen hunn, déi mer eis awer allenger erhofft hunn, an ech mengen, och an där doer Fro musse mer um Ball bleiwen!

Esou sinn d'Recettë vum Tabac à fumer laut de Statistike vum leschten Oktober ëm bal 15 % gewuess: vun 145,4 Milliounen Euro am Joer 2019 op net grad 167 Milliounen Euro am Joer 2020. Dat ass eng Steigerung, déi sech och an de Quantitéite vun der Vente zréckspigelt: An Zuelen ausgedréckt läit d'Quantitéit vun den am Joer 2020 verkaaften Zigarette bei 3,175 Milliounen Euro (veuillez lire: 3,175 Tonnen), beim Tabac à fumer leie mer bei 3,9 verkaaften Tonnen. Quitte datt en Deel dervu vun den Netresidentë kaf a gefëmmt gëtt, kënn een awer net laanscht d'Feststellung, datt de Plan tabac en zimmlech zaflosen Tiger bliwwen ass, emol onofhängeg dervun, datt och den Export vun Zigaretten eis net därer egal sinn, well domat exportéiere mer d'Longekrankheeten an d'Ausland a beräicheren eis nach drun!

(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)

Elo an der Pandemie vum Coronavirus, dee virun allem d'Longen ugräift, sollt eis dat ze denke ginn an ech mengen, mir mussen eis eng Kéier doriwwer ënnerhalen an austauschen.

Net anescht ass et beim Alkohol, wou fir 2020 och eng onerwaart héich Tendenz no uewe feststellen ass par rapport zu 2019. Mat 57 Milliounen Recettë ginn d'Previsiounen ëm ganzer 3 Milliounen Euro iwwerschrott an och dës Entwécklung bréngt eppes an d'Keess, mee ass vum gesondheetspoliteschen a preventive Standpunkt hier awer extrem bedenklech a léisst op eng Steigerung vum Suchtverhale während der Pandemie schléissen.

Dat muss eis ze denke ginn am Hibleck op d'Zukunft, wuel wëssend, datt d'Krisefestegkeet net nëmmen d'Ekonomie an d'Finanzen eppes ugeet, mee och déi mental Gesondheet vum Mënsch. Et ass richtig: Mat der Kris ass déi mental Gesondheet méi an de Fokus geroden, och an der Recherche, notamment beim LISER, obwuel se virdrun net manner wichteg war.

Bedauerlech ass hei engersäits, datt mer d'Penurie vu Psychiatere net an de Grëff kréien - och doru mussen mer am Kontext vun der gesamter Penurie vun Doktere schaffen -, anerersäits ass et och net glécklech, datt dee Règlement grand-ducal, deem déi onglécklech Léift tëscht der CNS an de gesetzlech unerkannte Psychotherapeuten endlech sollt regelen, d'Strooss net gehalen huet a vum Staatsrot gekippt ginn ass. Domat si mer nees um Nullpunkt ukomm.

Hei komme mer leider net derlaanscht, feststellen, datt déi betraffe Mënschen, déi net déi néideg Moyenen hunn, fir sech eng Psychotherapie aus eenger Täsch ze finanzéieren, déi gréisst Verlëierer vun dësem jorelaange Konflikt sinn, ...

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - ... an dat an engem öffentliche Gesondheetssystem, dee sech sozial a solidaresch nennt - woumat ech och op eng Schietsäit vun deem System wëll hiweisen, déi mer net därefen ignoréieren!

Dir Dammen an Dir Hären, zum Santéssektor, dee mer wierklech uewe läit, wier nach vill ze soen, sou och zu der Nomenclature, déi sech schonn zanter ville Jore an engem Iwwerschaffungsprozess befënnt - wann een dat esou ausdrécken dierf -, mee d'Ufer nach net erreicht huet, grad wéi och d'Mise en place vum Fonds d'indemnisation a vum Nosuergezentrum fir Schlagpatienten, wou eis Hoffnung grouss ass, datt d'Pandemie d'Aarbecht op dese Chantieren net weider retardéiert. Allerdéngs ass et och verständlech a richtig, datt d'Gestioun vun der Pandemie an dësen Zäite muss Virrang hunn.

Vu datt mer deemnächst eng gréisser Debat mat Hearing iwwert de Gesondheetssektor féieren, loossen ech et haut bei dese Punkten op sech berouen a komme bei d'Education, bei d'Kanner an déi Jonk, déi, grad wéi d'Santé, de Santéssektor, an der Pandemie mat ganz neien Erausforderunge konfrontéiert waren.

Den Educationssektor kënnt am Gesamtbudget op eng Progressioun vu knapp iwwer 2,7 op bal 2,9 Milliounen Euro. Dat heescht, op d'Pro-Kapp-Schülerzuel berechent hu mer domat ee vun den deierste Bildungssystemer vun der Welt. Dat ass en Invest an déi folgend Generatiounen an domat en Invest an d'Zukunft - an dee fënnt eis vollst Ënnerstützung.

Et ass kee Geheimnis: Déi Jonk an d'Kanner si ganz besonnesch haart vun den Auswierkunge vun der Kris getraff ginn, och wa manner vun hinne geschwat ginn ass. An der Kris si vill Kontakter reduzéiert ginn, virun allem déi intergenerationell, mee

och d'Zesummekommen an de Veräiner, déi dach awer wichteg sozial, edukativ an inklusiv Missiounen bei de Kanner erfüllen.

Ënnert de Kontaktlimitatiounen leiden also net just déi eeler Persounen, mee och déi Jonk. Duerfir begreisse mer ausdrécklech, datt d'Schoulen nom Confinement als Éischt nees fonctionéiert hunn an och elo nach fonctionéieren, quitte datt sech um Terrain eng Rei Problemer stellen. Dës Problemer mussen a kënne geléist ginn, si bedeuten awer net de Weltënnergang - si därefen d'Recht op Bildung an de Schoule jiddefalls net a Fro stellen! An duerfir ënnerstëtze mer d'Approche vun der Regierung, d'Schoulen och a Covidzäite fonctionéieren ze loos-sen.

Natierlech huet d'Kris hir Schietsäiten - och an der Schoul. Eng positiv Säit ass awer déi, datt d'Kris genotzt ginn ass, fir d'Digitaliséierung am edukative Sektore weiderzedriewen an innovativ Léierplattformen ze entwéckelen.

An déi Richtung ginn och d'Investissementer, déi fir den Equipement an de Schoulen a fir den Opbau vun digitale Léierplattformen fir ganz Kannergruppen a Klasse geduecht sinn. Dës Kreditter gi gehéicht, wat mer begreissen, natierlech an der Hoffnung, datt se alle soziale Schichte gläichermoossen zegutt kommen, well si (veuillez lire: déi ënnescht Schichten) sinn et, déi den Uschloss an der Kris am séierste verlëieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen zu der mentaler Gesondheet an zu der Inklusioun vun de Kanner a Jonken als wichteg Viraussetzung fir d'Krisefestegkeet an d'Resilienz vun eiser Gesellschaft. An der Interpellatioun iwwert de Suicide komme mer deemnächst drop zréck - dozou wäert eise gréngen Deputéierte Marc Hansen Stellung bezéien.

Ech wëll awer elo scho betounen, datt déi gréng Fraktioun all Schrëtt ënnerstëtzt, dee geduecht ass, fir déi mental Gesondheet an d'Inklusioun vu Kanner a Jonken ze stäerken, an domat ënnerstëtze mer och all Euro, deem an dese Beräich fléisst.

Well eppes steet fest: All Euro, deem an de jéngsten Alter investéiert gëtt, verhënnert laut internationalen Etüden en Invest vun op d'mannst 4 Euro, déi gebraucht ginn, fir d'Schied vun der feelender Virsuer am frëien Alter ze behiewen.

Ongläichheeten an Integratioun am Kanner- a Jugendberäich sinn dann och Theemen, déi am Budgetrapport ervirgestrach ginn an déi mer gären zesumme mat der Regierung verdéiwen. Dozou gehéiert zum Beispill déi begreissenswäert Iddi vun der Regierung, e Service opzebauen, dee sech speziell ëm d'Integratioun an den Accueil vu Flüchtlingskanner bekëmmert.

Ech schwätzen hei net just als Deputéiert, mee och a menger Fonctioun als Schoulschaffin vun enger gréisserer Gemeng, déi eng ganz Rei Flüchtlingsfamillje mat Kanner am Grondschulalter opgeho huet. Déi Gemeng heescht Beetebuerg, et ass eng gutt Gemeng.

Quitte datt d'Schoulen extrem vill Efforte maachen, fir dës Kanner vun Ufank un an dat normaalt Schoulliewen ze integréieren, ... - dat mécht net nëmmen déi Gemeng, déi ech elo genannt hunn, mee dat maache vill Gemengen hei am Land, an dat wëll ech explizitt ervirsträchen! D'Efforte sinn enorm grouss an dat ass begreissenswäert, mee ech géif awer mengen, datt esou e Service eng grouss Plus-value wäert schafen. Mir sinn nämlech iwwerzeegt, datt e sech positiv op de Rescht vum Schoulparcours vun deene Kanner a Jonken auswirkt an domat och op hir spéider Qualifikatioun.

Och hei gëllt d'Devise, datt all Euro, dee fir vulnerabel Kanner a Jonker investéiert gëtt, sech duerno nohalte bezuelt mécht. E mécht net nëmmen déi Betraffe méi staark an hirem Liewen, e stäerkt och eis Demokratie an eise Wirtschafts- a Sozialsystem.

Dir Dammen an Dir Hären, en Thema, dat sech doraus ergëtt, ass dat vum Jugendchômage, deem duerch d'Kris massiv gewuess ass. A sengem Budgetrapport plädéiert de François Benoy fir eng Stäerkung vun der Garantie jeunesse am Dialog mat alle Bedeelegten. An dee Kontext gehéiert awer och den Decrochage scolaire, de Schoulofbroch, op deem ech an der Lescht schonn e puermol higewisen hunn, well e mer Suerge mécht.

Als Gréng géife mer eis freeën, wann deem ugekënnegte Rapport iwwert de Schoulofbroch gläich géif virleien an am Sënn vun de Betraffene kéint diskutéiert ginn. Ëmmerhi steet den Decrochage scolaire an direkter Relatioun mam Jugendchômage, well en, onofhängeg vun der Pandemie, eng vun den éischten Ursache vum Chômage bei deene Jonken ass, mat alle sozialen a mentale Problemer, déi sech duerno doraus erginn.

Elo an der Pandemie ass mat héijen Investitiounen - eleng iwwer 800 Milliounen Euro, wann net méi, fléisst jo an de Chômage partiel - alles drugesat ginn, fir d'Mënschen an der Aarbecht ze halen, an da begreisse mer, datt vu Regierungssäit vill Efforte

gemaach ginn, fir och déi Jonk an der Ausbildung ze halen. Och do sinn déi richtig Akzenter gesat ginn.

D'Zil muss et jo sinn, datt jiddwereen d'Schoul mat engem oder méi Diplome kann ofschléissen. Dat spuert Sozialausgaben am spéidere Liewen, et stäerkt awer och de Lëtzeburger Aarbechtsmaart, a wat mer méi Kompetenzen zu Lëtzebuerg fideliséieren, wat mer der manner an d'Ausland musse fësche goen.

Ech kommen zum Logement, wou et och ëm déi Jonk an ëm hir Suerge geet, mee net nëmmen ëm si. Och eeler Semester hu finanziell Problemer, wann et ëm d'Wunne geet. Allerdéngs sinn et déi Jonk, déi am meeschte vun der Wunnengsnout be-traff sinn, well nëmmen déi allerwéinegst vun hin-nen de Kinnekswee vun enger lerschaft kënnen untrieden a schonn am Besëtzt vun engem Haus sinn, éier se iwwerhaupt emol op der Welt sinn - fir et ganz realistesch auszedecken.

Mir wëssen et alleguer: D'Situatioun um Wunnengsmaart ass esou ugespaant wéi nach ni. Déi rasant Entwécklung vum Land - fir net ze soen: Feelentwécklung an der Benotzung vum Territoire als Bien commun - huet derzou gefouert, datt d'Präisser fir ze wunne vill méi schnell klamme wéi d'Léin. Besonnesch d'Locataire, déi en héijen Deel vun hirem Revenu an de Loyer musse stiechen, mee och déi héich- oder iwwerverschëlte Propriétaire sti mat zwee Been am Waasser a riskéieren, fréier oder spéider finanziell bueden ze goen.

Dee Constat ass net nei an och wann d'Situatioun esou dramatesch ass wéi ni virdrun, sou weess awer all éierleche Mësch heibannen, datt déi Situatioun net am Joer 2020 vum Himmel gefall ass!

Zanter Joerzéngten entwéckelt de Wunnengsmaart sech an eng geféierlech Richtung, ouni datt mat effikassen Instrumenter géigegesteiert ginn ass. Dat huet och de fréiere Premier mat senger grousser Wunnengsbauoffensiv net gemaach - oder besser gesot, net fäerdegruecht - an ech wëll soen: All Respekt, en huet et zouginn!

D'Geschicht schreift Bänn: E Minister, deem et och nëmme gewot hätt, un enger klenger Schrauf vun enger bal 80 Joer aler Grondsteier ze dréien, wier nämlech de Risiko gelaf, bei den nächste Wale bueden ze goen, woumat ech wëll soen, datt de politesche Courage Lëtzebuerg nach ni ausgezechent huet, wann et ëm deem héichsensibele Beräich vum Logement a vum Grondbesëtzt geet. An ech woen emol ze behaupten, datt dee Beräich och an Zukunft héichsensibel wäert bliwen.

Firwat? Ganz einfach, well all Schrëtt, deem d'Politik a Richtung Sozialwunnengen oder a Richtung Steieren decidéiert, grad vun deene Mënschen als onberechtegten Ugrëff op d'Privatpropriétéit oder awer als Ugrëff op de fräie Wunnengsmaart duergestalt gëtt, déi am meeschte Land an Immobilie besëtzen, wuel wëssend, datt de Gros vum Territoire zu Lëtzebuerg an den Hänn vun enger klenger Minoritéit läit, déi awer méi wéi just e klengen Afloss huet. Net fir näischt weist d'OCDE Lëtzebuerg scho laang de béise Fanger a verlaangt, datt de Staat méi interventionistescht soll virgoen.

Net anescht gesäit et dës Regierung, déi Courage beweist, an dat spigelt sech och mat enger Hausse vun 11 % fir d'Logementspolitik am Budget zréck. Nei - a begreissenswäert - ass an deem Kontext de Spezialfong, dee mat 173,3 Milliounen gespeist gëtt an deem dem öffentliche, nohaltegen an abordable Wunnraum wäert zeguttkommen.

Dese Spezialfong suert awer och fir Previsibilitéit an Transparenz. Ab 2021 gi ronn 1.000 abordable Wunnengen am Joer fäerdegt, an dat iwwert déi nächst véier Joer. Iwwert de Spezialfong wäert de Staat och weider Terraine kafen an de Wunnengsbau weider driewen, dëst mat engem Rapport, deem an der Chamber reegelméisseg virgeluecht, analyséiert an diskutéiert gëtt. Och dat ass an eisen Aen e Fortschritt no joerzéngtelaanger Logementspolitik im stillen Kämmerlein, an déi nëmmen déi Wéinegst e klengen Abléck haten.

Den neie Pacte Logement, Dir Dammen an Dir Hären, deem um Instanzewee ass, wäert d'Gemenge sengersäits mat Subventiounen ënnerstëtzen, mee och als öffentliche Partner mat an d'Verantwortung huelen - och dëst nees mam Zil, abordable Wunnraum op strateegesch sënnavolle Plazen ze schafen.

Erlaabt mer dozou just eng kleng Remark, eng Remark, déi ech einfach muss lassginn: Wann ee sech d'Kriticken unhéiert, déi den neie Pacte Logement schonn huet missen iwwer sech ergoe loossen, éier en iwwerhaupt emol a Kraaft ass, da muss ee sech froen, ob et zu Lëtzebuerg just nach drëms geet, wéi een deem anere seng Politik am beschten ofschéisst kann!

■ **Une voix.** - Très bien!



■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Mir sinn der Meinung, datt weeder de Logement, nach d'Glawierdegkeet vun der Politik als Gewënner aus esou enger Ofschossolitik ervirginn. Besser, mir kucken zesummen no vir a ginn eis bewosst, wou de Schong zu Lëtzebuerg dréckt!

An dann dierfe mer eis keng Illusiounen maachen - ech hunn ech scho gesot -: An engem Land, wou de Besëtzt vu Grond a Buedem esou staark konzentriert ass wéi bei eis, brauche mer effikass a munchmol onbequeem Instrumenter, fir Terrainen ze mobiliséieren.

D'Reform vun der Grondsteier, déi jo op Basis vun de kommunale PAGen nei ausgerichtet soll ginn, mee och d'Baulandvertrëg - ech soen dem Max Hahn duerfir och Merci fir säin Asaz op deem Gebitt - si geduecht, fir der Spekulation entgéintzewirken an d'Bauen ze encouragéieren, ouni d'Grénglandschaften ze zerstören.

Mat groussen öffentliche Bauprojekte wéi Elmen, an deem de Staat 76 Milliounen investéiert - d'Semiray Ahmedova huet e kierzlech op dëser Plaz virgestallt -, mee och mat Projekte wéi „Wunne mat der Woltz“, „NeiSchmelz“ zu Diddeleng - e participative Projet - oder awer och dem Projet um Kierchbiereg setze mer den Akzent op e modernen an nohaltegen Urbanismus.

Liewensqualitéit, nei Wunnformen, aktiv Mobilitéit, erneierbar Energien an Energieeffizienz sti souwuel um Niveau vun de Wunnquartiere selwer wéi och um Niveau vun den Haiser am Mëttelpunkt.

Op déi Manéier kënn den Ëmwelt- a Klimaschutz och am Wunnberäich zum Droen - wuel wëssend, datt Ëmwelt- a Klimaschutz och Liewensqualitéit a Gesondheet bedeuten.

All déi dote Froen, Dir Dammen an Dir Hären, an och déi vun der Landesplanung, déi vun der Organisation vun de wirtschaftlechen Aktivitéiten, déi vun der Mobilitéit an anerer gräifen aneneen a wa jiddwereen a sengem Eck sëtze bleift a just hofft, datt ëmmer nëmmen déi aner sech d'Fangere verbrennen, da bleift d'Kohärenz vun den öffentliche Politicke jiddefalls op der Streck.

A well d'Wunnengsfro och mat der Wuesstumsfro ze dinn huet, musse mer och déi Diskussioun an Zukunft nees emol zesumme féieren a se dann an de breet gefächerte Kontext vum PIB du bien-être setzen, ouni d'Wirtschaft ze vergiessen. Ech si frou, datt meng Virriedner schonn dorop agaan sinn, nodeems dann och scho méi Budgetsrapporterer de PIB du bien-être ënnerstrach hunn - woubäi ech wëll betounen, datt d'Betriber, déi d'ESG-Normen am beschten erfüllen, d'Nues haut scho vir hunn, well se wäitais méi kriseresistent si wéi all déi aner.

ESG steet fir Ëmwelt, Soziales a Gouvernance. Grad wéi am öffentliche Sektore an an der Politik geet et also och an der Privatwirtschaft ëm d'Vernetzung an net dorëms, deem ee Volet géint deem aneren auszespillen. Als Gréng begreisse mer an deem Sënn, datt den Nohaltegkeetscheck fir Betriber mëttlerwéil op der leschter Ligne droite ukomm ass. En ass geduecht, net, fir der Wirtschaft d'Liewe schwéier ze maachen - ganz sécher net! -, mee fir d'Wirtschaft nohaltegt opzestellen a se méi staark ze maachen als weidere Pilier vun enger resilienter a krisefester Zukunft.

Dir Dammen an Dir Hären, d'Kanner léieren et schonn an der Schoul, mee net all Erwuesenen huet et bis haut verstan: Ëmwelt- a Klimaschied sinn net méi gutt ze maachen, och net dann, wa se déi wirtschaftlech Entwécklung an domat och de PIB kurzfristeg steigern. Deene follgende Generatiounen hannerloosse se awer eng Welt, déi bei Wäitem net déi selwecht Liewensqualitéit a Gesondheet garantéiert. Esou huet d'Wëssenschaft eis och geléiert, datt d'Seuchen an d'Pandemie keng Strof Gottes sinn, mee e Resultat vum ökologeschen Desequilibrium.

De Pierre Gramegna huet et de Moien ënnerstrach an huet zu Recht op d'Klimaskeptiker higewisen, déi dat einfach net begräifen! Wéi wäit mer de Planéit zu Lëtzebuerg elo scho strapazéieren, huet de François Benoy gëscher ganz gutt beschriwwen. Hie sot: „Lëtzebuerg huet en immens héijen ökologesche Foussofdruck.“ „D'Ressourcen, déi ons fir e ganz Joer zur Verfügung stinn, hu mer scho Mëtt Februar opgebraucht. Wa jiddweree géif esou liewe wéi mer hei zu Lëtzebuerg, da bräichte mer ganzer aacht Planéiten“, huet en treffend erkläert.

Datt de Mënsch méi Suerge fir d'Äerd soll droen, huet och den UNO-Generalsekretär António Guterres virun enger Woch an enger Ried zum neie Klimabericht vun de Vereenten Natiounen kloergemaach an dobäi huet en net fir näischt ganz drastesch Wieder gebraucht. E sot, eise Planéit wär zerstéiert, d'Mënscheit géif Krich géint d'Natur féieren. Mee e sot och, dat wär Selbstmord, well d'Natur ëmmer mat geballter Kraaft a Wucht géif zréckschloen.

Dir Dammen an Dir Hären, beim Klimawandel denkt ee virun allem u Wiederphenomeener wéi déi, déi



och vun der Weltmeteoorganisatioun publizéiert gi sinn - an déi Verschiddener heibannen nach ëmmer net wëlle wouer hunn. Si soen aus, datt d’Joer 2020 - global gesinn - eent vun de wärmste Joren zanter den Opzeechnunge war an datt d’Joren 2014, 2018 an 2019 déi dräi wärmste Joren zu Lëtzebuerg waren zanter den éischten Opzeechnungen am Joer 1947.

De Krich géint d’Natur beschleunegt awer och d’Aartestierwen, léisst d’Ozeaner am Plastik erstécken an erhéicht de Risiko fir Pandemien. A spéits-tens do schléisst sech de Krees an da misst jiddwereen unerkennen, datt déi 15 Milliounen Euro, déi am Klima- an Energiefong fir 2021 stinn, alles anescht wéi iwwerflësseg sinn.

Iwwer eng Milliard Euro fléissen donieft an d’Ëmsetzung vum PNEC a bis 2024 sollen déi Depensen ëm bal 18 % op 1,257 Milliarde klammen. Och d’Depensé vum Klimafong, déi sech tëscht 2019 an 2020 méi wéi verduebelt hunn, wäerten tëscht 2020 an 2021 ëm weider 4,5 % op 150 Milliounen klammen, fir 2024 bei bal 230 Milliounen unzekommen.

All dës an aner Depensé si geduecht, fir déi éischt Etappe vum Klimagesetz ëmzesetzen an derfir ze

suergen, datt mer eis Klimaziler erreechen - an anere Wieder: datt de Krich géint d’Natur en Enn kritt.

De François Benoy huet et a sengem Rapport duer- geluecht: D’Natur an eis Ekosystemer sinn eist gréisst Verméigen, ganz einfach well se eis dat ginn, wat mer fir ze liewe brauchen.

D’Klimaziler erreeche mer awer och mat enger ëm- weltfrëndlecher a méiglechst emissiounsfräier Mo- bilitéit, déi net nëmme vun de Projeten hier, mee och vun der finanzieller Envergure hier eng zentral Roll spillt, an dat net eréischt mat dësem Budget, an deem 2,35 Milliarden Euro an 12 % vun de staat- lechen Depensé fir d’Verbesserung vun der Mobi- litéit fräigeschëppt ginn. Den Opbau vun enger nohalteger a multimodaler Mobilitéit spigelt sech schonn zanter ville Jore mat héijen Zommen am Budget zrëck - an domat och am Alldag vu ville Leit.

Hätte mer net scho viru Joren héich Zomme ge- stëmmt, da géif den Tram haut net vum Kierchbi- erg bis op d’Gare fueren - an duerno och net op d’Cloche d’Or an op de Findel, well och déi Gesetzer si scho gestëmmt -, net ze schwätze vun allen anere scho realiséierte Projeten a vun all deenen, déi nach an der Pipeline sinn, fir dëst Land endlech

mobill ze maachen an d’Liewensqualitéit vun Dau- sende Biergerinnen a Bierger an och vun de Sala- riéen ze erhéijen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, net nëmme an der Mobilitéitspolitik, mee a villen anere Beräicher schielt sech eraus, datt dës Regierung d’Rekordinvestitiounen aus de leschte Joren trotz Kris bäibehält. Den Invest wäert 2021 op 4,3 % vum PIB an op 2,76 Milliarden Euro klammen. Eis Bud- gets- a Steierpolitik ass d’Fundament fir dës Investi- tiounsoffensiv, déi mer zu Lëtzebuerg viru Joren age- laut hunn, an dat war dee richtege Wee. Si mécht eist Land fit fir d’Zukunft, während se d’Ekonomie an den Aarbechtsmaart um Dréien hält.

De Projet de budget 2021 souwéi och de Budget pluriannuel reie sech an dës Logik an a fannen duerfir ganz kloer den Zousproch vun der grénger Fraktioun.

An zum Schluss, Här President, erlaabt mer nach, a mengem perséinlechen Numm, mee och am Numm vun eiser ganzer Fraktioun, dem Kolleeg François Benoy en häerzleche Merci auszedrécke fir säi gutt elaboréierten a gutt virbereete Rapport. En huet eng Fläissaarbecht geleescht, déi eis alleguer zegutt kënnt.

Donieft geet awer och e grouse Merci un eisen nach ganz jonke Mataarbechter Fabricio Costa, deen de François Benoy bei senger Aarbecht be- gleet huet, grad wéi allen anere Mataarbechterin- nen a Mataarbechter aus eiser Fraktioun, mee och aus de Ministèren.

Domadder bleift mer nach just, den Accord vun der grénger Fraktioun ze ginn, an da soen ech lech och Merci fir d’Nolauschteren.

An de President vun der Finanzkommissioun wëll ech elo zum Schluss da besonnesch ervirhiewen, well en déi néideg Pédagogie huet, déi néideg Ge- duld, fir mat all de Memberen aus der Kommissioun gutt eens ze ginn - an dat sinn net ëmmer déi Ein- fachst!

(Hilarité)

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Lorsché.

Domadder si mer um Enn vun den Debatte fir de Moien ukomm. D’Chamber fiert de Mëtten um dräi Auer mat den Debatten iwwert de Budget weider. Ech wënschen lech all e gudden Appetitt!

(La séance publique est levée à 12.30 heures.)

Sommaire des séances publiques n^{os} 19, 20, 21 et 22

19^e séance

Ouverture de la séance publique	p. 254
Ordre du jour	p. 254
.....	p. 257
Motion de Mme Martine Hansen relative à la mise à disposition de purificateurs d'air dans les écoles et les communes pour limiter la propagation de la Covid-19	
Motion de Mme Martine Hansen relative au personnel enseignant détaché	
Motion de Mme Martine Hansen relative à la mise à disposition des écoles et des communes de détecteurs de CO ₂	
et	
Motion de Mme Martine Hansen relative à la mise en place de mesures cohérentes dans l'éducation formelle et non formelle pour éviter la propagation du coronavirus	p. 254-256
Question urgente n° 3262 de M. Laurent Mosar et de M. Serge Wilmes concernant le sondage sur le sentiment de sécurité	p. 256-257
Question élargie n° 61 de M. Léon Gloden relative aux conclusions des dernières réunions du Conseil Justice et affaires intérieures (JAI) relatives à la lutte contre la menace terroriste	p. 257
Question élargie n° 62 de M. Laurent Mosar relative à la situation sécuritaire, en particulier dans le quartier de la Gare de la ville de Luxembourg	p. 257-258
Question élargie n° 63 de M. Gilles Roth relative à la rétention de données	p. 259
7270 - Projet de loi portant approbation de la Convention sur l'immatriculation des objets lancés dans l'espace extra-atmosphérique, adoptée par l'Assemblée générale des Nations Unies, faite à New York, le 12 novembre 1974	
et	
7317 - Projet de loi portant sur les activités spatiales et modifiant :	
1° la loi modifiée du 9 juillet 1937 sur l'impôt sur les assurances dite « Versicherungssteuergesetz » ;	
2° la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu	p. 259-262
7695 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 4 décembre 2019 relative à l'Office du Ducroire Luxembourg	p. 262-263

20^e séance

Ouverture de la séance publique	p. 264
Communications	p. 264
7729 - Proposition de loi relative à une politique d'investissement socialement et écologiquement responsable du Fonds de compensation commun au régime général de pension (Déclaration de recevabilité)	p. 264
Ordre du jour	p. 264
7733 - Projet de loi modifiant :	
1° la loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19 ;	
2° la loi modifiée du 1 ^{er} août 2018 sur la déclaration obligatoire de certaines maladies dans le cadre de la protection de la santé publique.....	p. 264-277

21^e séance

Ouverture de la séance publique.....	p. 278
7666 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2021 et modifiant :	
1° la loi modifiée du 23 décembre 1913 concernant la révision de la législation qui régit les impôts dont le recouvrement est attribué à l'administration de l'enregistrement et des domaines ;	
2° la loi générale des impôts modifiée du 22 mai 1931 (« Abgabenordnung ») ;	
3° la loi modifiée du 27 novembre 1933 concernant le recouvrement des contributions directes, des droits d'accise sur l'eau-de-vie et des cotisations d'assurance sociale ;	
4° la loi modifiée du 9 juillet 1937 sur l'impôt sur les assurances ;	
5° la loi modifiée du 1 ^{er} février 1939 sur l'impôt dans l'intérêt du service d'incendie ;	
6° la loi modifiée du 28 janvier 1948 tendant à assurer la juste et exacte perception des droits d'enregistrement et de succession ;	
7° la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État ;	
8° la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu ;	
9° la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée ;	
10° la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement ;	
11° la loi modifiée du 14 mai 1997 relative à la participation à des institutions financières internationales ;	

12° la loi modifiée du 27 juillet 1997 sur le contrat d'assurance ;	
13° la loi modifiée du 28 avril 1998 portant	
a) harmonisation de l'enseignement musical dans le secteur communal ;	
b) modification de l'article 5 de la loi du 24 mai 1989 sur le contrat de travail ;	
c) modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État ;	
14° la loi modifiée du 21 décembre 1998 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 1999 ;	
15° la loi modifiée du 11 mai 2007 relative à la création d'une société de gestion de patrimoine familial (« SPF ») ;	
16° la loi modifiée du 16 décembre 2008 concernant l'intégration des étrangers au Grand-Duché de Luxembourg ;	
17° la loi du 19 décembre 2008 portant révision du régime applicable à certains actes de société en matière de droits d'enregistrement, portant transposition de la directive 2008/7/CE du Conseil du 12 février 2008 concernant les impôts indirects frappant les rassemblements de capitaux, modifiant : la loi modifiée du 7 août 1920, portant majoration des droits d'enregistrement, de timbre, de succession, etc., la loi modifiée du 20 décembre 2002 concernant les organismes de placement collectif, la loi du 22 mars 2004 relative à la titrisation, la loi modifiée du 15 juin 2004 relative à la société d'investissement en capital à risque (SICAR), la loi modifiée du 13 juillet 2005 relative aux institutions de retraite professionnelle sous forme de sepcav et assep, la loi du 13 février 2007 relative aux fonds d'investissement spécialisés, et abrogeant la loi modifiée du 29 décembre 1971 concernant l'impôt frappant les rassemblements de capitaux dans les sociétés civiles et commerciales et portant révision de certaines dispositions législatives régissant la perception des droits d'enregistrement ;	
18° la loi modifiée du 17 décembre 2010 concernant les organismes de placement collectif ;	
19° la loi modifiée du 17 décembre 2010 fixant les droits d'accise et les taxes assimilées sur les produits énergétiques, l'électricité, les produits de tabacs manufacturés, l'alcool et les boissons alcooliques ;	
20° la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'État ;	
21° la loi du 23 juillet 2016 portant création d'un impôt dans l'intérêt des services de secours ;	
22° la loi modifiée du 23 décembre 2016	

1. instituant un régime d'aides pour la promotion de la durabilité, de l'utilisation rationnelle de l'énergie et des énergies renouvelables dans le domaine du logement ;	
2. modifiant la loi modifiée du 23 décembre 2004 établissant un système d'échange de quotas d'émission de gaz à effet de serre ;	
23° la loi modifiée du 20 juillet 2017 ayant pour objet la mise en place d'un régime d'aide à l'investissement à finalité régionale ;	
24° la loi modifiée du 28 juillet 2018 relative au revenu d'inclusion sociale ;	
25° la loi du 15 décembre 2020 relative au climat	

et portant abrogation de la loi modifiée du 22 décembre 1993 ayant pour objet la relance de l'investissement dans l'intérêt du développement économique

et

7667 - Projet de loi relative à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2020-2024

- Rapport de la Commission des Finances et du Budget : M. François Benoy.....p. 278-282

22^e séance

Ouverture de la séance publique.....	p. 282
Question urgente n° 3308 de M. Marc Spautz concernant les nouvelles mesures sanitaires au sein de certaines maisons de retraite et de soins.....	p. 282-283
7666 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2021 [...]	
et	
7667 - Projet de loi relative à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2020-2024 (suite)	
- Exposé de M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.....	p. 283-285
- Discussion générale.....	p. 285-295